PÉITENG AKTUELL

Informatiounsblat vun der Gemeng Péiteng

N° 127 – Dezember 2017

pétange

MOTIVATION COMMUNE



An dëser Nummer:

Gemengerotssëtzunge vum 26. Juni, 17. Juli a 25. September 2017

Dans ce numéro:

1 Compte rendu de la séance du conseil communal du 26 juin 2017
9 Gemeinderatssitzung vom 26. Juni 2017 (Kurzform)
10 Questions des conseillers communaux / Réponses du collège des bourgmestre et échevins

11 Compte rendu de la séance du conseil communal du 17 juillet 2017
28 Gemeinderatssitzung vom 17. Juli 2017 (Kurzform)

30 Compte rendu de la séance du conseil communal du 25 septembre 2017
52 Gemeinderatssitzung vom 25. September 2017 (Kurzform)

59 Carnet de l'état civil

L'audio des séances publiques du conseil communal est également disponible sur www.petange.lu



Péiteng Aktuell

Paraît au moins 4 fois par an

Imprimé sur du papier 100% recyclé

Distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange

Tirage: 7.200 exemplaires

Imprimeur:
Imprimerie Heintz, Pétange

Éditeur responsable:
Administration communale de Pétange | b.p. 23 | L-4701 Pétange

50 12 51 - 1000

commune@petange.lu

www.petange.lu

Administration communale de Pétange

Rédaction et mise en pages:
Service des relations publiques de la commune de Pétange

Conseil communal

Séance publique du 26 juin 2017

Durée de la séance: *15.00 à 16.35 heures*

Présents:

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)		**Breyer Roland**, 1er échevin (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV) **Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP)
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Birtz Gaby** (LSAP) **Brecht Guy** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Muller Albert** (-)

Absents et excusés:

Tockert Claude (DP) **Thein Joe** (-)

ORDRE DU JOUR

Séance publique (15.00 heures)

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Administration générale
   - 2.1. Approbation des titres de recettes - décision.
   - 2.2. Nouveaux statuts du Syndicat Intercommunal des Tramways Intercommunaux dans le Canton d'Esch (T.I.C.E.) - décision.
3. Affaires sociales: Création de plusieurs postes d'éducateurs diplômés (m/f) - décision.
4. Enseignement: Approbation du projet de l'organisation scolaire 2017/2018 - décision.
5. Propriétés
   - 5.1. Approbation du compromis avec le bureau des marguilliers de la Fabrique d'Eglise de Rodange relatif à l'acquisition du Home St. Remy à Rodange - décision.
   - 5.2. Approbation du compromis avec M. René Baltes relatif à l'acquisition d'un terrain sis à Lamadelaine, rue de la Montagne - décision.
   - 5.3. Approbation du compromis avec la société Kalista Immo S.A. relatif à la vente d'un terrain sis à Rodange, rue Jos. Philippart - décision.
   - 5.4. Approbation du compromis avec la société Threeland Hôtel S.A. relatif à un échange de terrains sis à Pétange, rue Pierre Hamer - décision.
   - 5.5. Approbation de l'acte avec la société Agilis sàrl relatif à un échange de terrains sis à Pétange, lieu-dit «rue des Promenades» - décision.
   - 5.6. Approbation de l'acte avec la société Promotions Tavares & Fils sàrl relatif à l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, Chemin de Brouck - décision.
   - 5.7. Approbation de l'acte avec la société AGC Immobilière sàrl relatif à l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, rue des Jardins - décision.

5.8. Approbation de l'acte avec la société Technoconsult sàrl relatif à l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, rue Gessel - décision.

5.9. Approbation de l'acte avec M. Vitor De Oliveira Ribeiro et Mme Maria Armandina Carreira Seixas Ribeiro relatif à un échange de terrains sis à Rodange, Chemin de Brouck - décision.

5.10. Avenant n° 4 au contrat de bail conclu avec Mme Marie-Albertine Genevo relatif à la location d'un parking sis à Pétange, rue de l'Hôtel de Ville - décision.

6. Transports et communications: Confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation relatif aux travaux de construction d'un immeuble sis à Pétange, rue Mathias Adam n° 8 - décision.

7. Vie associative

7.1. Approbation de la convention avec le Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange asbl - décision.

7.2. Nouveaux statuts du Cercle Dramatique Rodange - information.

COMPTE RENDU

1.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech hunn 2 Kommunikatiounen ze maachen. Déi éischt wier, datt ech de Veräiner an deene Verantwortlechen am Numm vum Schäfferot Merci soen, datt si dat fir Nationalfeierdag esou gutt gemaach hunn. Et war e flotten Nationalfeierdag, esou gutt den offiziellen Deel zu Rodange ewéi den Deel nomëttes zu Péiteng an och samschdes duerno. Merci un d'Veräiner, déi moies am Cortège matgemaach hunn, grad esou wéi déi Leit, déi dat encadréiert hunn. Och nomëttes war eng gutt Zesummenaarbecht tëscht de Veräiner. Dat war e flott Zeechen, dat do gesat gouf. E spezielle Merci un den DT Lamadelaine Kordall, deen d'Koordinatioun vun de Festlechkeeten hei zu Péiteng gemaach huet. Si hunn dat tipptopp gemaach. E grousse „coup de chapeau" an deem, esou mengen ech, wäert de Gemengerot sech uschléissen. Et war eng Reussite vu vir bis hannen.

Dat zweet war eng Informatioun iwwer d'„bornes électriques". Mir si jo am Zäitalter vun den elektreschen Autoen. Et ass ausgeruff vun der Regierung, datt do Efforte musse gemaach ginn. Mir sinn opgefuerdert ginn, eis Emplacementer ze definéieren, wou mir wëlle matmaachen. Et sinn am Ganze 27 Bornen, déi vum Staat aus gesat ginn. Haaptsächlech op d'CFL Parkingen. 22 kommen der op den CFL-P&R zu Rodange stoen, 5 op den CFL-Parking P&R hei zu Péiteng, an donieft huet d'Gemeng Péiteng 9 Emplacementer, wou och nach elektresch Bornen hikommen, déi am fräie Raum stinn a vu jidderengem benotzt kënne ginn. Dat sinn der 4 zu Péiteng (place du Marché, rue du Parc, Parking Sportzentrum Bim Diederich, Parking QT), dat ass all Kéier eng Borne, déi duebelsäiteg ze benotzen ass, wou also 2 Autoen drun ugeschloss kënne ginn. Et sinn och jee 2 Emplacementer do virgesinn, an et kënnt och eng nei Reglementatioun vum „Code de la Route" eraus, déi beseet, datt ee just do dierf stoe wann opgeluede gëtt. Et ass just, datt mir elo déi 9 Emplacementer mussen ugi wou mir mengen, datt se hikéimen.

Zu Lamadelaine kënnt eng op de Parking Square François Ney an zu Rodange op de Parking PiKo, op der route de Luxembourg géintiwwer vun der Gare, beim Kulturzenter an eng um Parking rue Jos. Moscardo. Dat sinn déi 9, déi mer uginn hunn a wou mir der Regierung gesot hunn, mir wieren direkt averstane fir déi noutwenneg Moossnamen do ze maachen. Et hänkt elo un hinnen, wéi séier si kommen. Mir kommen hannendrun. Hei si just déi Entscheedungen, déi mir getraff hunn als Schäfferot. Also 9 Bornen, déi um ëffentleche Raum vun der Gemeng sinn a 27 Bornen, déi méi um P&R Rodange a Péiteng sinn.

Mertzig Romain, Schäffen:

Et geet hei ëm den Dossier „Eurogranulats". Dat ass eng Firma, déi hiren Numm geännert huet. Ech mengen, wann ech iech soen, wéi déi Firma virdru geheescht huet – SLR -, da wëssen déi meeschte Leit op eppes domat unzefänken. Ech ginn u sech e bësse chronologesch vir mat der Zesummefaassung, déi ech maachen.

„Le 21 mars 2017 notre administration est informée que la société Eurogranulats a introduit auprès de la Municipalité de Saulnes une demande de permis d'aménager relative à la reconversion d'une friche industrielle en parc paysager et de loisirs sur le territoire de la Municipalité de Saulnes en France.

Le projet réel est le transport de déchets de démolition par convoyeur au départ du site de la SLR à Rodange jusqu'à la commune de Saulnes en France afin d'y renflouer le site d'une ancienne carrière.

Le projet fait état d'un convoyeur de 1,4 km de long qui traverse la montagne et longe la frontière avec le Grand-Duché de Luxembourg vers Saulnes. Le rythme d'activité serait de 200 camions par jour, d'une moyenne de 1500 à 2400 tonnes de matériaux par jour pour une durée d'exploitation de 8 ans avec possibilité d'extension de la durée.

Malgré un avis négatif du Conseil Communal de Saulnes, les responsables politiques français s'inquiètent du fait que le dossier est traité en tant que projet d'aménager d'une aire de loisirs que les autorités françaises pourraient accorder assez rapidement et non en tant qu'explotation d'une installation d'élimination de déchets inertes pour laquelle la procédure est beaucoup plus lourde et nécessiterait éventuellement l'intervention des administrations luxembourgeoises en tant que projet transfrontalier.

C'est M. Jean Hermes de la "Biergerinitiative Kordall" qui en informe le bourgmestre.

Le collège échevinal invite les membres de la Biergerinitiative Kordall à une première réunion préparatoire qui a lieu le 4 avril 2017 afin de s'échanger de vive voix sur le dossier.

Le 5 avril 2017 le collège échevinal décide de charger Me Pol Urbany de la défense de ce nouveau dossier SLR vu son excellent travail fourni dans les litiges précédents avec la susdite société.

Me Pol Urbany accepte le dossier.

Le 28 avril 2017 à 11h00 heures a lieu une première entrevue entre le collège échevinal de Pétange et le bourgmestre de Differdange. La Commune de Differdange est également concernée par le projet vu que le site d'enfouissement se situe à 200 m de la localité de Lasauvage. Dans cette réunion il a été décidé de soutenir la Municipalité de Saulnes dans son intention d'interdire le projet et que les communes de Pétange et de Differdange se partageraient les frais éventuels.

Le 28 avril 2017 à 14h00 heures a lieu une deuxième entrevue entre le collège échevinal de Pétange, le secrétaire communal, le chef du service de l'environnement, les représentants de la Ville de Differdange, les représentants de la Municipalité de Saulnes, la Biergerinitiative Kordall et Me Pol Urbany afin de déterminer les prochaines démarches et interventions possibles.

Pendant cette réunion, les responsables de la Municipalité de Saulnes remettent aux participants une copie d'un courrier qu'ils ont reçu de la part de la DREAL (Direction Régionale de l'Environnement, de l'Aménagement et du Logement Grand Est) qui fait état de lacunes dans le dossier de demande d'aménager tel qu'il a été présenté par la société Eurogranulats et que par conséquent, le dossier est à considérer comme incomplet.

En outre, il y est décidé que la Municipalité de Saulnes charge un avocat français expert en cette matière de droit en vue d'obtenir une requalification du projet. Cette requalification devrait ouvrir aux administrations luxembourgeoises la possibilité d'intervenir dans ce dossier (proximité d'une zone Natura 2000 sur le territoire luxembourgeois, projet transfrontalier etc.).

Une entrevue avec le MDDI est à demander afin de voir quels sont les moyens d'intervenir de la part des autorités luxembourgeoises.

Pétange doit également charger un bureau géomètres afin de déterminer la surface effective de ce projet. La société Eurogranulats a minimisé la surface d'exploitation de son projet probablement pour détourner la procédure.

Le jeudi 11 mai 2017 à 14h30 heures a lieu une nouvelle réunion en présence des mêmes représentants à l'Hôtel de Ville de Pétange afin de faire le point sur l'avancement du dossier.

Il en ressort que le bureau géomètres a constaté une surface d'exploitation totale de 31,60 ha et que le convoyeur a une longueur de 2,32 km.

La Municipalité de Saulnes remet un courrier provenant de la Direction Départementale des Territoires dans lequel le chef de service de l'Environnement Eau Biodiversité émet un avis défavorable au projet de reconversion tel qu'il a été présenté par la société Eurogranulats.

Me Pol Urbany rappelle à nouveau à la Municipalité de Saulnes l'urgence qu'il y a dans ce dossier de charger un avocat français expert en la matière qui doit demander par écrit à l'administration française la requalification du projet.

Le mercredi 31 mai 2017 a eu lieu une entrevue avec le Secrétaire d'Etat M. Camille Gira concernant le projet de la société Eurogranulats (SLR).

Délégation Commune de Pétange: Pierre Mellina, bourgmestre; Romain Mertzig, échevin; Raymond Kimmes, secrétaire communal; Claude Linden, chef du service environnement;

Délégation «Biergerinitiativ Kordall»: Jean Hermes, président; Eric Lambert, secrétaire; Fernand Majerus, membre;

Délégation Ville de Differdange: Georges Liesch, échevin; Carlo Scacchi, chef du service écologique ; Anne-Bénédicte Culot, projet TNT;

Délégation Municipalité de Saulnes: Christiane Wagner, 3ème adjointe;

Avocat chargé du dossier par les communes de Pétange et de Differdange: Me Pol Urbany

Après analyse du dossier plusieurs manquements ont été retenus:

- *La mauvaise qualification du projet: aménagement d'une aire de récréation au lieu d'une installation d'élimination de déchets inertes pour laquelle il n'existe pas de limite de surface.*
- *Au niveau du site Natura 2000 le MDDI relève que les incidences sur la qualité de l'air et du bruit du convoyeur, qui fait partie intégrante du projet, n'ont pas été considérées. De plus, les aspects sur la qualité de vie des populations n'a pas été prise en compte (nuisances sonores, poussières).*
- *La définition des critères en droit administratif français (règles générales, principe…) concernant l'exploitation d'une décharge de déchets inertes quand un Etat doit informer l'autre Etat n'est pas claire. Les états-membres de l'Union Européenne disposent d'une certaine marge de manœuvre. Il faut identifier l'autorité de référence du côté français et vérifier, si au niveau des incidences, nous sommes réellement dans le cas de figure où un Etat voisin devrait être consulté.*
- *La définition des critères en droit administratif français concernant l'exploitation d'une décharge de déchets inertes n'est pas claire (quantités, hectares…) et doit également être identifiée.*

Par conséquent, il a été retenu que du côté français:

- *la Municipalité de Saulnes devrait charger un avocat spécialiste en la matière afin de vérifier la catégorie et les seuils, qui devra par la suite, demander par écrit auprès des autorités françaises, le reclassement du projet d'aménagement d'une aire de récréation en un projet d'exploitation d'une installation d'élimination de déchets inertes.*

Du côté luxembourgeois:

- *Après vérifications, le MDDI va adresser un courrier en tant qu'Etat luxembourgeois aux autorités françaises, tant au niveau régional qu'au niveau national, demandant le respect des directives européennes qui stipulent que les pays voisins sont à impliquer dans le processus de décision lors de certains projets transfrontaliers.*

Suite à cette entrevue, M. Carlo Scacchi est chargé par le collège échevinal de Pétange et par le collège échevinal de Differdange de contacter le propriétaire du terrain à Saulnes, M. Antoine Vermount, pour discuter d'un éventuel rachat des parcelles concernées. Un rendez-vous est fixé au 29 juin 2017 à 15h30 heures à l'Hôtel de Ville de Differdange.

Le 8 juin 2017 Mme Anne-Bénédict Culot a transmis par courriel un rapport de la susdite réunion qui contient également un rapport de l'entrevue qui a eu lieu le 31 mai 2017 entre le Maire de Saulnes, M. Adrien Zolfo, le Maire de Longlaville, M. Jean-Marc Duriez, M. Fabrice Della Rossa, lanceur d'alerte avec le Sous-Préfet M. François Proisy à Briey.

Suivant ce rapport, le Sous-Préfet se montre soucieux quant aux différentes irrégularités relevées dans les courriers de la DREAL et de la DDT concernant ce projet.

Les représentants communaux français sont convaincus d'avoir été compris par le Sous-Préfet. Ce rapport a été envoyé à tous les représentants de la délégation de Pétange.

Le 15 juin 2017 Mme Christiane Wagner de la Municipalité de Saulnes transmet à notre administration un courrier provenant de la société Eurogranulats par lequel les exploitants de la susdite société demandent l'arrêt de l'instruction concernant leur projet d'aménager et que, par conséquent, le projet est abandonné.

Le 21 juin 2017 le collège échevinal de Pétange a décidé de clôturer le dossier tout en restant vigilant concernant la SLR.

Mir hu gesot, mir missten onbedéngt virsiichteg bleiwen, well mir wëssen, wéi déi Bridder funktionéieren. An et wäert och nach eng Kéier bei engem nächste Versuch esou sinn. Mir wäerten als Schäfferot alles dorunner setzen, datt esou e Projet net wäert zustane kommen. Dat war de „Stand der Dinge" an deem Dossier.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech soen dem Här Mertzig Merci fir déi Informatiounen, déi hien eis ginn huet an engem Dossier, deen eis awer déi lescht Woche beschäftegt huet. Fir de Moment kann een effektiv soen, datt deen Dossier gutt ofgeschloss ass. Mä wéi den Här Mertzig virdru gesot huet, mir musse vigilant bleiwen an esoubal nees nei Initiative kommen, musse mir reagéieren. Mir hunn och gutt Partner mat der Biergerinitiativ, déi eis sécherlech déi néideg Informatioune wäerte gi wann et op hirer Säit Informatioune ginn. Dofir hinnen och e grousse Merci fir d'Hëllef am Kader vun dësem Dossier.

2.1.

Administration communale.

Titres de recettes aux montants totaux de 514.248,88 euros dont une avance 2e trimestre de l'impôt commercial (281.000 euros) – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

2.2.

Administration communale.

Nouveaux statuts du Syndicat Intercommunal des Tramways Intercommunaux dans le Canton d'Esch (T.I.C.E.) – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech géif iech proposéieren, dee Punkt erofzehuele vun der Dagesuerdnung an deen op eng nächst Sëtzung ze verleeën. Ech ginn och Erklärungen dozou. Dir wësst, datt mer wéi an alle Syndikater am Gaang sinn, eis Statuten ze iwwerkucken. Mir hate Statuten, déi op den 2. Juni 1914 zeréckginn. Do sinn déi eng Kéier geännert ginn opgrond vun enger Entscheedung, dat war am Juli 2008. An der Tëschenzäit hu mer eng ganz Rei nei Dispositioun geholl am Kader vun de Statute vum TICE. Déi goufen de 6. Abrëll 2017 vum Comité guttgeheescht. Am Punkt 7.1.2 war zu deem Zäitpunkt de Bilan vun 2016 nach net ofgeschloss. Do stoung dran „la valeur nette du syndicat s'élève au 1er janvier 2017 à XXX EUR." An dat mat der Oplag, datt dee Betrag bis haut misst agesat ginn an och am Tableau, deen hannendru kënnt, d'Verdeelung op déi eenzel Membergemengen a Funktioun vun hirer Bevëlkerung. Dat ass awer bis haut net geschitt. Ech hunn och haut de Moien – nodeems ech dat iwwer de Weekend festgestallt hat – nach eng Kéier intervenéiert. Mir hunn zwar elo provisoresch de Chiffer kritt, mä ech géif iech awer proposéiere fir dee Punkt ze vertagen, well mer awer hei en Dokument wëlle stëmmen, dat komplett ass. A wa mer de 17. Juli nees Gemengerot hunn, da wäert dat definitiv feststoen an definitiv kommunizéiert gi vum TICE-Comité, esou datt mer dann iwwert dee Punkt kënnen no beschtem Wëssen a Gewëssen an a Kenntnis vun der Situatioun ofstëmmen.

Accord à l'unanimité de retirer ce point de l'ordre du jour et de le reporter à la séance du 17 juillet 2017.

3.

Affaires sociales.

Création de plusieurs postes d'éducateurs diplômés (m/f) – décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir hunn de Moment an eise 4 Maisons Relaisen eng Beleegschaft vu 79 Salariéen. Dovunner sinn 39 diploméiert Educateuren, déi voll- oder deelzäitbeschäftegt sinn. Fir den Encadrement hu mer och nach Hëllefseducateuren, a mir hunn och nach Leit fir ze ersetzen. Mir kréien awer elo fir déi nei Rentrée an den „Dachse vun der Bich" zu Rodange nach 15 Kanner weider. Mir hunn awer och nach an eisen Haiser 3 Leit, déi weider op d'Schoul respektiv d'Uni gaange si fir diploméierten oder graduéierten Educateur ze ginn, wat mir och bis ewell ëmmer esou mat duerchgeholl hunn. Nei Educateuren hu sech awer elo scho gemellt fir dee Wee ze goen, esou datt mir op deem Punkt ukomm sinn, datt mir gesot hunn, mer packen et net méi, fir an eise Maisons Relaisen esou weider ze schaffen. Ech mengen, et verbitt ee jo och net gären engem Educateur, dee wierklech weider wëll léiere goen, dës Weiderbildung. Mä mir hunn elo gesot, datt mir aner Dispositioune mussen huelen. Net ze vergiesse sinn natierlech och ëmmer d'Krankeschäiner oder d'Dispense fir Leit, déi an de „congé de maternité" oder de „congé parental" kommen. Mir sinn elo op deem Punkt gelant, wou mir iech hei ee Poste fir diploméierten Educateur (35 Stonne pro Woch) an op onbegrenzten Zäit virleeë fir ze stëmmen. Dann nach e Poste fir diploméierten Educateur (20 Stonne pro Woch) an op onbegrenzten Zäit, an e Posten als diploméierten Educateur (20 Stonne pro Woch) op begrenzten Zäit. Alles fir d'Congéen allgemeng an och fir d'Krankeschäiner opzefänken. Déi Leit sollen dann natierlech och nom neien SAS-Kontrakt bezuelt ginn. Ech hoffen, datt dir haut op dee Wee matgitt. E positiven Avis vun der Delegatioun läit hannendrun. Wann dat hei gestëmmt ass, da kéinte mir déi Plazen ausschreiwen a fir d'Rentrée 2018 dat Personal prett hu fir datt eis Maisons Relaise gutt kënne funktionéieren.

Gira Carlo (CSV):

Dir sot elo Rentrée 2018. Et ass d'Rentrée 2017/2018 oder net?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Jo, et ass d'Rentrée 2017/2018.

Accord à l'unanimité.

4.

Enseignement.

Approbation du projet de l'organisation scolaire 2017/2018 – décision.

Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.

Accord à l'unanimité. Mme Birtz, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

5.1.

Propriétés.

Compromis avec le bureau des marguilliers de la Fabrique d'Eglise de Rodange relatif à l'acquisition du Home St. Remy à Rodange - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat ass den Home, dee bei der Rodanger Kierch ass. Mir haten dee scho méi laang am „plan pluriannuel des finances" stoen", wou mer och ëmmer d'Zomm vu 400.000 Euro avancéiert hunn. Et ass e Projet, dee mer maachen am Kader vun der Renovatioun an dem Reamenagement vum Zentrum vu Rodange. Mir wëssen alleguer, datt dat Gebai an engem Zoustand ass, wou keng ëffentlech Funktioune méi kënnen dra stattfannen, an dat aus ganz verschiddenen Ursaachen. Et ass illusoresch fir ze mengen, datt dat Haus nees eng Kéier esou kann a Stand gesat ginn, datt een et nees ka fir ëffentlech Zwecker zur Verfügung stellen.

Mir wëssen awer och, datt mir vun Ufank u gesot hunn, datt mir ëmmer bereet wieren, dat Gebai ze kafe fir déi Neigestaltung vum Zentrum vu Rodange. Ënner der Bedéngung, datt kee Locataire oder Veräi méi an dësem Haus ass. Dee leschte Veräin, deen do an deem Haus nach aktiv war, dat waren eis Guiden a Scouten. Mat deem neie Chalet, deen hinnen zur Verfügung gestallt gëtt am Doihl, wäert dann och dee leschte Locataire aus deem Haus erausplënneren. Esou datt mir iech haut bieden, de Compromis vum 1. Mäerz 2017, deen de Schäfferot ënnerschriwwen huet, guttzeheeschen. Mir haten och eng ëffentlech Enquête vum 16. bis den 31. Mee gemaach. Do ass och keng Reklamatioun komm.

Wa mer dee Compromis als Gemengerot guttheeschen, da kéinte mer déi Prozedur ufänke fir dann och den Akt ze maache fir dat Haus an de Besëtz vun der Gemeng ze huelen.

Becker Romain (déi gréng):

Ech weess, datt mir dovunner geschwat hunn. An ech weess och, wéi den Home St Remy ausgesäit. Dat wësse mer alleguerten. Mir wëssen och, datt dee soll an de Projet integréiert ginn. Mä wat mer awer net woussten, dat ass, datt do e Parking soll ageriicht ginn. Do steet: „... en vue de l'éventuel aménagement d'un parking public ainsi qu'un accès reliant la rue de la Gendarmerie au bâtiment de l'Éducation précoce sis à Rodange, avenue Dr Gaasch N°84". Wa mir do wëllen e Parking ariichten a mir sollen deeselwechten Espace huele fir deen Accès do ze maachen, dann ass dat jo kontradiktoresch. En ëffentleche Parking an de Precoce, dat passt net beieneen.

Wat awer nach net derbäi passt, dat ass, wa mir esou modern wëlle sinn, datt mer e „shared space" matten am Zentrum vu Rodange maachen, wou d'Leit sech begéinen, Foussgänger, Vëloen, Autoen. Wéi mer gesinn, wéi dee „shared space" also soll ausgesinn, dann ass et awer och net effikass, wa mer do op därselwechter Plaz en ëffentleche Parking ariichten. Ech ka mir net virstellen, wéi dat iwwerenee geet.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech mengen, hei läit e Mëssverständnes vir. Ech mengen, mir sollen och dee „parking public" ewech loossen. Dat ass am Kader vun deem ganze Site – dat hu mir jo scho gestëmmt am Gemengerot – an zwar, datt mir an der rue Nic. Biever e Parking maachen. An et ass deen, deen hei gemënzt ass. Ech ginn iech och Recht, dee gehéiert net heihinner. Mä dat hei kann awer zu Feeler oder enger falscher Interpretatioun féieren. Mir sträichen an der Deliberatioun einfach den „aménagement d'un parking public" ewech. Et ass eigentlech d'Ariichtung engersäits vum Precoce an der rue de la Gendarmerie, mä awer och déi ganz Plaz tëscht dem Paschtoueschhaus an der Kierch. Dat alles soll nei amenagéiert ginn. Mä et kënnt op kee Fall en ëffentleche Parking dohinner.

Becker Romain (déi gréng):

Mir waren e bëssen erféiert, wéi mer dat gelies hunn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Neen, mir sollen dat hei ewech loossen. Dat hei ass gemënzt fir de Parking, deen déi aner Säit an der rue Nic Biever ass a wou mir 42 Plazen ënnerierdesch hunn. Mä heihinner kënnt sécherlech keen.

Brecht Guy (LSAP):

Dir hutt elo gesot, d'Guiden an d'Scoute waren déi lescht, déi nach do waren. Et waren nach aner Veräiner do, wann een dat Veräiner kann nennen. Den LCGB war dran, d'„Conférence St Vincent de Paul" war dran. Sinn déi dann elo alleguer enzwousch aneschters ënnerbruecht ginn?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Also den LCGB Rodange gëtt et schonn eng Zäitchen net méi, do gouf et jo eng Fusioun vun deenen 3 Sektiounen, esou datt déi aktuell net méi aktiv do sinn. De Vinzenzveräin ass och de Moment net méi aktiv. Laut leschten Informatioune géifen déi och net méi virufueren. Sollt dat awer net de Fall sinn, da musse mir se an de Kulturzenter ëmlogéieren. Laut eisen Informatiounen ass mam Depart vun de Guiden a Scoute kee méi dran. D'„Amis des lépreux" waren och dran, an och déi wäerte fir déi ëffentlech Aktivitéiten an de Kulturzenter goen a fir all aner Aktivitéite wäerte si déi Raimlechkeeten, déi fräi sinn, am Paschtoueschhaus notzen, esou datt – menges Wëssens op alle Fall – d'Guiden a d'Scouten déi lescht waren, déi Aktivitéiten an deem Haus haten.

Brecht Guy (LSAP):

Well ech weess och, datt d'Membere vun der Kierchefabrick och emol hir Sëtzungen do haten.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Déi sinn dann elo och am Paschtoueschhaus.

Brecht Guy (LSAP):

Wat ech da wollt soen ass, datt mir jo elo hei ofstëmmen, datt et ofgerappt gëtt. Ech ginn iech Recht, dat ganzt Gebai ass al. Et ass nach vläicht ze fréi fir eng Recommandatioun ze ginn, wat ee kéint dohinner maachen. Mä ech géif iech trotzdeem un d'Häerz leeën, fir un déi Leit ze denken, déi emol do en Aperitif no enger Hochzäit do zerwéieren, well mir jo net an d'Kulturzentre komme fir esou Saachen ze maachen. Dofir war den Home eigentlech déi eenzeg Plaz, wou een dat konnt maachen. Ech weess jo net, wat dir wëlles hutt, fir do ze maachen – deelweis geet dat jo op déi nei Equipe, déi nach kënnt, huelen ech un -, mä ech géif iech awer un d'Häerz leeë fir esou Raimlechkeete fir déi Leit do anzeriichten an hinnen eng Méiglechkeet ze gi fir en Aperitif no enger Hochzäit ofzehalen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wat kloer ass, dat ass, datt mer haut emol de Kaf stëmmen. Mir wollten zwar haut klore Wäin ausschëdden, datt een déi Raimlechkeeten ënner där Form nach kéint halen. Mä wann een dat do ëmbaut, da gëtt et e risege Käschtepunkt. Dofir wollte mir als Schäfferot soen datt, wa mir et kafen, da muss do och e gréissert Investissement gemaach ginn. A wat fir eng Richtung dat Investissement geet – ob et komplett verschwanne wäert oder eng ganz aner Richtung geet – dat

ass sécherlech d'Aufgab vun där neier Equipe. Mir wollte just soen datt, wa mir elo dat Haus kafe fir 400.000 Euro, dann ass et illusoresch fir ze mengen, datt muer Aktivitéite kënnen do dra sinn. Mir wëssen datt, wa mir dat elo kafen, mir eis spéiderhi Gedanke musse maachen an där neier Equipe, wéi mir dat nei gestalten. Dat ka vu guer näischt bis iergendeppes sinn. Do iwwerloossen ech et ganz gären deenen eenzele Parteie fir sech Gedanken ze maachen, wat op deem Site ka geschéien.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech hunn och eng kleng Propositioun ze maachen, wann dat geet. Mir hunn d'Äntwert jo scho kritt wat deen ëffentleche Parking ugeet. Besteet dann eng Méiglechkeet, wa kee Parking dohinner kënnt, e Vëlosstänner bei d'Gebai vun der „Éducation précoce" opzeriichten, well do schonn Nofroen do ware fir dat ze maachen. Wéi ech gesot krut, war dat och schonn an d'A gefaasst ginn. Dofir wollt ech emol nofroen, ob do eng Méiglechkeet besteet fir dat awer ze maachen, och wann dat der net vill sinn.

Breyer Roland, Schäffen:

Also an deem ganze „shared space" ass e ganze Koup „mobilier urbain" virgesinn. Ënner anerem och Vëlosstänner an ofgeséchert Boxen, déi um ganze Site virgesi sinn. Et muss ee sech einfach virstellen datt, wann dat Haus net méi do ass, d'Maueren an de Bam an der Mëtt och net, da gëtt et einfach eng optesch Verbindung tëscht deenen zwee Schoulgebaier Neiwiss an Am Päsch. Dat ass wichteg fir d'Zirkulatioun vun de Kanner. D'Haaptzil ass de gesécherten Tracé tëscht deenen zwee Schoulgebaier.

De Verkéier vum Vëlo ass virgesinn an deem ganze „shared space". Do sinn e ganze Koup Plaze virgesinn, wou Vëlosstänneren hikommen. Déi kënne schonn an der éischter Phas dohinner kommen. Wa mer Chance hunn, dann ass dat am September schonn do.

Scheuer Romain (déi gréng):

Besteet keng Méiglechkeet, ënner der Residenz, wou d'Entrée vun der Garage ass, elo een do ze installéieren, well et dauert jo awer nach eng Zäitchen.

Breyer Roland, Schäffen:

Et dauert nach bis September.

Scheuer Romain (déi gréng):

Bon, et ass schonn zënter enger längerer Zäit gefrot ginn.

Breyer Roland, Schäffen:

Also ech hunn de Moien nach mam zoustännegen Ingenieur iwwer de Programm geschwat, wéi et soll virugoen. Am September kënne mer schonn am ënneschten Deel géintiwwer vum Kulturzenter „mobilier urbain" virgesinn.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dann hoffe mir, datt dat bis dohinner geschitt ass.

Approbation à l'unanimité.

5.2.

Propriétés.

Compromis avec M. René Baltes relatif à l'acquisition d'un terrain sis à Lamadelaine, rue de la Montagne - approbation.

Explications par le bourgmestre Pierre Mellina.

Approbation à l'unanimité.

5.3.

Propriétés.

Compromis avec la société Kalista Immo S.A. relatif à la vente d'un terrain sis à Rodange, rue Jos. Philippart - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

5.4.

Propriétés.

Compromis avec la société Threeland Hôtel S.A. relatif à un échange de terrains sis à Pétange, rue Pierre Hamer - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

5.5.

Propriétés.

Acte avec la société Agilis sàrl relatif à un échange de terrains sis à Pétange, lieu-dit «rue des Promenades» - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

5.6.

Propriétés.

Acte avec la société Promotions Tavares & Fils sàrl relatif à l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, Chemin de Brouck - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

5.7.

Propriétés.

Acte avec la société AGC Immobilière sàrl relatif à l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, rue des Jardins - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

5.8.

Propriétés.

Acte avec la société Technoconsult sàrl relatif à l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, rue Gessel – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

5.9.

Propriétés.

Acte avec M. Vitor De Oliveira Ribeiro et Mme Maria Armandina Carreira Seixas Ribeiro relatif à un échange de terrains sis à Rodange, Chemin de Brouck - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

5.10.

Propriétés.

Avenant n° 4 au contrat de bail conclu avec Mme Marie-Albertine Genevo relatif à la location d'un parking sis à Pétange, rue de l'Hôtel de Ville - décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité.

6.

Transports et communications.

Règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation relatif aux travaux de construction d'un immeuble sis à Pétange, rue Mathias Adam n° 8 - confirmation.

Explications par M. Roland Breyer, échevin.

Confirmation à l'unanimité.

7.1.

Culture.

Convention avec le Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange asbl - approbation.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir sinn de Wee gaangen, dee mer scho mat anere Vereenegunge gaange sinn, ewéi z. B. mat der Konscht-Millen. Mir hunn eng Konventioun gemaach, wann eng Vereenegung eng gewësse Missioun mat der Gemeng oder fir d'Gemeng iwwerhëlt. Hei ass et am Sënn vum Tourismus.

Mir hunn eng „structure d'accueil et de promotion touristique, culturelle et historique de la Commune de Pétange" gegrënnt, déi de Moment aus enger Persoun besteet, do am Haus sëtzt an och gutt Aarbecht mécht. Mä well datt dat jo awer net éiweg ka geschéien, ewéi während der Congészäit, am Krankeschäin asw., brauche mer do e och e Ramplassang. Mir hunn eis dofir entscheet, fir dat mat enger Associatioun ze maachen, an zwar mam „Syndicat d'initiative et de tourisme de la Commune de Pétange". Déi soll den touristeschen Accueil ënnerstëtze wann Nout um Mann ass, wa vill Zoulaf ass oder wann déi Persoun emol ausfält. Da geet ee vum SITP dohinner. Dee Partner soll sech och mat un den Dësch sëtze fir Packagen a Promotiounen a Projeten auszeschaffe fir d'Gemeng Péiteng besser no baussen ze vermaarten an engem hallwen oder ganzen Dag, an engem Weekend. Och solle Kontakter mat deenen eenzelen Acteuren opgeholl ginn, dat heescht d'Hotelieren, d'Restauranten an d'Geschäftsleit. Se sollen och hëllefe wat de Marketing vun deem Ganzen ugeet, esou datt een do selwer kann Initiativen ënnerhuele fir déi Struktur an deem Sënn z'ënnerstëtzen. Da soll dee Partner och derbäi si bei der Ausschaffung vum Bulletin „Events", wou, wat a wéini eppes hei an der Gemeng lass ass a wou e „comité de rédaction" ass fir déi eenzel touristesch a kulturell Offeren opzelëschten.

E soll derbäi si fir Visitten z'organiséieren oder ze ergänze wann et noutwenneg ass a wann Demanden do si vun Touristen. E soll och Formatioune vu Guidë maachen, an zwar an enker Zesummenaarbecht mat der Struktur, déi elo do ass. Wa Guidë solle bezuelt ginn, da soll dat iwwer déi Vereenegung gemaach ginn.

Da ginn et nach Organisatioune vun deenen zwee „espaces muséologiques", wou en och soll eng Hand mat upaken an hëllefen, Visitten ze maachen an och déi Guiden ze entschiedegen. E soll awer och eng eegen Internetsäit opbauen, wou déi eenzel Visitten am Accord mat eiser Tourismusstruktur verbreet solle ginn.

E soll och encouragéiert gi fir bei „manifestations d'importance" - wat kulturell, artistesch oder aner Manifestatiounen ugeet, déi fir de breede Publikum organiséiert ginn – ze versichen, eng Hand mat upaken. An haaptsächlech och bei gréisser Veranstaltunge vun der Gemeng e Partner sinn, e Beroder oder Mataarbechter. Grad ewéi en och soll zur Verfügung stoe fir aner Organisatiounen, déi an der Gemeng sinn a wou Hëllef gebraucht gëtt oder wou vläicht e besser equipéierte Partner noutwenneg ass. A schlussendlech soll en och dofir suergen, datt op dem Site WAX, op der „Scène Moulin Rouge", kulturell an artistesch Aktivitéite stattfannen an där gudder Joreszäit, esou wéi dat am Moment schonn de Fall ass.

Als Konterpartie kritt de SITP Raimlechkeeten zur Verfügung gestallt, déi en och elo schonn zur Verfügung huet nieft dem Kulturhaus „A Rousen" am administrative Gebai. En däerf och iwwer déi Bühn „Moulin Rouge" verfügen, wou en eng Prioritéit huet fir do verschidde Saachen ze maachen.En däerf och am Site WAX Reuniounen ofhalen an deem Versammlungssall, deen do dran ass, an en däerf och vun deenen eenzele Raimlechkeeten am Site WAX profitéieren. An dat no deem Reglement, dat de Gemengerot gestëmmt huet, wou d'Gemeng als éischt Prioritéit do steet an en der Gemeng dierf eng Hand mat upaken.

Fir all déi Aarbechten oder Zesummenaarbechte kritt en – oder et existéiert schonn – eng finanziell Ënnerstëtzung déi maximal bei 20.000 Euro läit. Awer dat ënner der Bedéngung, datt e virum 1. November e geschatene Budget erareecht, deen ofgeseent gëtt, an datt bis den 1. Mäerz all Joer eng Tëschebilanz eragereecht gëtt wou steet, wat mat deene Sue gemaach gëtt. Dat ass och schonn am Kader mat der Konscht-Millen geschitt, wou mir eng ähnlech Konventioun hunn a wou déi bis 30.000 Euro kréien. Si kréien déi dann an Tranchen ausbezuelt, esou wäit ewéi dann d'Gegebenheeten do sinn an d'Ausgaben och gerechtfäerdegt sinn.

Ech wier frou, wa mer déi Konventioun kéinten ënnerstëtzen, well dat eng gutt Struktur ass, déi eis et erméiglecht, an Zukunft méi am Tourismus ze maachen. Bei déi professionell Struktur, déi mer vun der Gemeng ausgeschafft hunn, kréie mer och nach eng benevole Struktur derbäi, déi dann awer méi breet gefächert an och net esou ufälleg ass, déi sech ka lues a lues ausdehnen a Succèse siche goen.

Polfer John (CSV):

Wann ech elo alles héieren hunn, wat fir Aarbecht nach op deen aarmen Här Kummer zoukënnt, da wollt ech awer emol froen, ob nach dru geduecht gouf, datt en och bei de Geschichtsfrënn géif hëllefen. Ech fäerte ganz, datt mat all deem, wat do op en zoukënnt, mer en net méi bei de Geschichtsfrënn hunn.

Breyer Roland, Schäffen:

Alles wat ech elo opgezielt hunn, dat soll op de Syndicat d'initiative et de tourisme falen. Dat sinn d'Aufgabe vum SITP,

déi di néideg Hëllef stelle fir den Här Kummer ze entlaaschten, ze ënnerstëtzen, esou datt et him nach méiglech ass, déi historesch Koordinatioun ze maachen, déi a sengem Profil drasteet. Hie soll déi touristesch Struktur maachen – d'Iddie geet e jo heiansdo an d'Geschicht vun der Gemeng, vun den Evenementer, bei Personalitéite sichen – an do muss d'Verbindung mat de Geschichtsfrënn do sinn. Mir maachen eis och elo scho Gedanken a Suergen driwwer, well déi touristesch a kulturell Struktur ass esou breet gefächert, datt et geschwënn net méi duer geet mat enger Persoun. Dofir ass déi éischt Ofsécherung jo schonn derbäi, esou datt do eng fräiwëlleg Assistenz derbäi kënnt. Et muss een elo kucken, wéi wäit am neien Haus, am neien Doheem vun de Geschichtsfrënn, déi Permanencë kënne garantéiert ginn oder wéi dee Professionalismus do kann dra kommen. Do wäerte mir och eng Konventioun ustriewen an ureege fir ze kucken, wéi wäit déi eenzel Partië kënne mat dragoen.

Et muss ee keen Hellseher si fir ze gesinn datt, wann een e bësse wëll evoluéieren, da sinn d'Grenze vun enger Persoun geschwënn do. Mir mussen eis do Gedanke maachen, ob mer net nach op enger aner Plaz eng Verstäerkung bäikréien. De Moment funktionéiert et. Et muss ee kucken, wéi laang déi Fräiwëlleg do sinn. Dat gëtt méi bëlleg ewéi wa mer musse Professioneller astellen, déi awer am Beamtegrad sinn an eis méi deier kaschten ewéi déi 10.000 oder 20.000 Euro, déi mer an déi privat Strukturen investéieren. Dat ass d'Zil dovunner. Dofir muss een elo kucken, wéi et sech entwéckelt. Mä ech deelen är Suerg, dass mer och do geschwënn zu engem Enkpass kommen. Et brauch nëmmen déi eng oder déi aner Persoun Rauten ze wénken, an där enger oder aner Struktur, dann huet ee ganz séier en Enkpass a wou mer da mussen aneschters reagéieren.

Polfer John (CSV):

Dir hutt verstanen, wat ech gemengt hunn.

Becker Romain (déi gréng):

Dem President vum SITP vun der Péitenger Gemeng seng Meritten an all Éieren. Mä dat do huet awer e bëssen e Bäigeschmaach a mir hätten et méi schick fonnt, wann eng aner Persoun aus dem Schäfferot d'Presentatioun gemaach hätt. Ech gesinn, d'Konventioun ass vum Vizepresident a vun der Sekretärin ënnerschriwwe ginn.

Mä fir de Rescht hu mir näischt drun auszesetzen. Deen eenzege Bemol, an dat huet och den Här Polfer scho gesot, ass datt, wa mir eis esou vill Saachen oplaaschten – mir um gudde Wee sinn, an dat ass och gutt esou an et soll esou sinn – ,an dat och mam Rouden Haus a mam Här Kummer. Mä mir mussen awer elo oppassen, wéi wäit datt mer kënne goen. Virun allem fir d'Geschichtsfrënn ze ënnerstëtzen. Ech wier frou, wann de Syndicat méi eng aktiv Roll an nächster Zäit kéint iwwerhuele fir d'Geschichtsfrënn ze stäipen.

Breyer Roland, Schäffen:

De SITP huet scho matgeschafft beim Ausschaffe vum Musée, do waren zwou Persounen derbäi, déi an där Diskussiounsgrupp souzen. En huet natierlech begrenzte Méiglechkeeten. Ofgesi vum President, deen hei vläicht indirekt schwätzt. Déi begrenzte Méiglechkeeten hänken natierlech ëmmer mat dem Engagement, mam Enthusiasmus zesummen, déi een do entwéckele kann. Et muss ee kucken, wéi wäit d'Geschichtsfrënn elo wäerten evoluéieren. De Knackpunkt wäert si wa mer an der neit Haus ginn. Dat soll jo am September opgoen. An da kucke mir emol, wéi d'Aktivitéite sinn. Dat Haus gouf net dohinner gesat, fir datt et en eidelt Haus, en doudegt Haus soll sinn. Do sollen Aktivitéiten dra sinn. An et muss ee kucken, wéi déi kënnen entwéckelt ginn. Do sinn Iddien do, déi een zesumme mat där heite Struktur kënne stattfannen. Alles wat historesch ass a wat een do vu Leit zesumme kritt fir dat entdecken ze kommen, do kann een drop opbauen. Dat ass historesch an och touristesch gutt. Et muss ee kucken, wéi wäit déi Kollaboratioun do akzeptabel ass. Et si verschidde Stréimungen do. Déi eng si méi am Sënn fir e Musée ze maachen, déi aner fir intern Recherchen ze maachen, nach anerer fir et méi no baussen hin opzemaachen.

Mir sinn op alle Fall der Meenung, datt et en Haus ass, wou iwwer eng Millioun Euro investéiert gouf, wou awer soll no baussen eppes geschéien. Do sollen Aktivitéite bannen a baussen entstoen, an et sinn och kloer Virstellungen do.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wat deen anere Punkt ugeet, esou wëll ech drop hiweisen, datt déi Konventioun tëscht dem SITP an deene 4 Memberen aus dem Schäfferot ënnerschriwwe gouf. Dat dokumentéiert ganz kloer, datt de ganze Schäfferot hanner dësem Dossier steet, net nëmmen de President vum SITP. Dat ass dat eent. Déi Kollegialitéit huet och nach ëmmer bestanen. An och de Prinzip huet nach ëmmer bestanen, datt deen zoustännege Schäffen deen Dossier virdréit. An dir kënnt sécher sinn, datt déi 4 Leit, déi hir Ënnerschrëft hei ënner dat Dokument gestallt hunn, och komplett hanner deem Projet stinn. Ech géif soen, hanner deem Projet steet Aarbecht fir de SITP. Et ass kee Bonbon. Am Géigendeel, et ass héchstens eng extra Aufgab, déi fräiwëlleg muss gemaach ginn. A wa mer hei vun enger Participatioun schwätzen, da schwätze mir vun de Käschten, déi do entstinn, an ech mengen net, datt ee sech do beräichert. Ech mengen och net, datt dir dat wollt soen. Hei ass einfach de Prinzip bäibehale ginn, dee mir ëmmer hei haten, datt den zoustännege Schäffen dat soll maachen. An ech gesinn net an, firwat datt ee fir dësen Dossier, deen eng propper Nues huet, dat haut anescht hätt misse maachen. Dat wollt ech nach zu deem Punkt gesot hunn.

Approbation à l'unanimité.

7.2.

Culture.

Nouveaux statuts du Cercle Dramatique Rodange – information.

Explications par l'échevin Roland Breyer.

Il en est pris acte.

Gemeinderatssitzung vom 26. Juni 2017

Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)	**Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV) **Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP)	
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Birtz Gaby** (LSAP) **Brecht Guy** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Muller Albert** (-)

Abwesend und entschuldigt:

Tockert Claude (DP)
Thein Joe (-)

1. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Schöffe Roland Breyer bedankt sich bei allen Akteuren, di zum Erfolg des Luxemburger Nationalfeiertags 2017 beigetragen haben.

Er gibt zudem Auskunft darüber, dass 36 Ladestationen für Elektroautos auf dem Gebiet der Gemeinde Petingen installiert werden (27 Ladestationen sind von Seiten des Staats, 9 von Seiten der Gemeinde vorgesehen).

Schöffe Romain Mertzig gibt eine Zusammenfassung der Entwicklung im Dossier „Eurogranulats“ (SLR)'.

2.1. - Allgemeine Verwaltungsfragen.

Gesamteinnahmen in Höhe von 514.248,88 Euro, davon ein Vorschuss der Gewerbesteuer (2. Trimester) in Höhe von 281.000 Euro - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

2.2. - Allgemeine Verwaltungsfragen.

Neue Statute des „Syndicat Intercommunal des Tramways Intercommunaux“ im Kanton Esch (T.I.C.E.).

Einstimmiger Beschluss zum Entfernen dieses Punktes der Tagesordnung und zur Vertagung auf die Sitzung vom 17 Juli 2017.

3. - Soziales.

Schaffung mehrerer Posten des Diplomerziehers (m/w) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

4. - Schulwesen.

Bewilligung der projezierten Schulorganisation 2017/2018 - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Frau Birtz hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

5.1. - Liegenschaften.

Vergleich mit den Kirchendienern der Kirchenfabrik Rodange in Bezug auf den Kauf de „Home St Remy“ in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

5.2. - Liegenschaften.

Vergleich mit Herr René Baltes in Bezug auf den Kauf eines Grundstücks am Standort rue de la Montagne in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

5.3. - Liegenschaften.

Vergleich mit der Gesellschaft „Kalista Immo S.A.“ bezüglich des Verkaufs eines Grundstücks am Standort „rue Jos. Philippart“ in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

5.4. - Liegenschaften.

Vergleich mit der Gesellschaft „Threeland Hôtel S.A.“ in Bezug auf einen Grundstückstausch am Standort „rue Pierre Hamer“ in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

5.5. - Liegenschaften.

Vereinbarung mit der Gesellschaft „Agilis sàrl“ in Bezug auf einen Grundstückstausch am Standort „rue des Promenades“ in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

5.6. - Liegenschaften.

Vereinbarung mit der Gesellschaft „Tavares & Fils sàrl“ in Bezug auf den Kauf eines Grundstücks am Standort „chemin de Brouck“ in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

5.7. - Liegenschaften.

Vereinbarung mit der Gesellschaft „AGC Immobilière sàrl“ in Bezug auf den Kauf eines Grundstücks am Standort „rue des Jardins“ in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

5.8. - Liegenschaften.

Vereinbarung mit der Gesellschaft „Technoconsult sàrl“ in Bezug auf den Kauf eines Grundstücks am Standort „rue Gessel“ in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

5.9. - Liegenschaften.

Vereinbarung mit Herr Vitor De Oliveira Ribeiro und frau Maria Armandina Carreira Seixas Ribeirro in Bezug auf einen Grundstückstausch am Standort „chemin de Brouck“ in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

5.10. - Liegenschaften.

Zusatz Nummer 4 des Mietvertrag zwischen Frau Maire-Albertine Genevo in Bezug auf ein Parkplatz am Standort „rue de l’Hôtel de Ville“ in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6. - Transport und Kommunikation.

Zeitweilige Verkehrsdringlichkeitsverordnung in Bezug auf die Bauarbeiten an einem Gebäude am Standort „rue Mathias Adam Nr. 8“ in Petingen - Bestätigung.

Bestätigung einstimmig.

7.1. - Kultur.

Konvention mit dem „ Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange asbl“ - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7.2. - Kultur.

Neue Statute des „Cercle Dramatique Rodange“ - Information.

Es wurde zur Kenntnis genommen.

Questions des conseillers communaux
Réponses du collège des bourgmestre et échevins

Question écrite du 25 avril 2017 de M. Carlo Gira (CSV):

Doduerch, datt d'Personal vun de Maisons Relais, net am Statut vum Fonctionnaire agestallt ass, brauchen se keng Formatioun beim INAP ze maachen. Ech weess awer aus verschiddene Gespréicher, datt et hei beim Personal en Defizit gëtt, well déi allermeescht net wëssen, wéi eng Gemeng funktionéiert a wat e Budget ass. Ech géing proposéieren a gläichzäiteg froen, ob et méiglech ass, eng Formatioun iwwert z.B. en hallwen Dag anzeféieren, wou dësem Personal d’Fonctionnement vun der Gemeng presentéiert gëtt, wat hir Kompetenzen ugeet, a wat si betrëfft.

Réponse écrite du 24 mai 2017 du collège des bourgmestre et échevins:

Wéi dir richteg schreift ass fir eis Salariéë keng Formatioun virgesi wou hinnen de Fonctionnement vun enger Gemeng méi no bruecht gëtt. Eis Mataarbechter aus de Maisons Relais sinn deelweis méi an den administrativen Oflaf vun der Gemeng agebonne wéi dat z. B. fir eist Personal aus de Services de régie de Fall ass. Aus deem Grond hu mir är Iddi un eis Servicer vun de Maisons Relais an de Ressouces Humaines virugeleet fir an enger éischter Phase déi Informatiounen ze identifizéieren, déi fir eist Personal aus de Structures d'accueil relevant sinn. Deen definitive Programm vun dëser Formatioun iwwert de Fonctionnement vun eiser Gemeng wäert an de nächste Wochen erstallt an dann och vum Schäfferot arrêtéiert ginn.

Et ass geplangt, dass déi Mataarbechter, déi haut scho bei eis schaffen, dës Formatioun am Hierscht 2017 duerchlafen. Ab 2018 wäert dës Formatioun dann 1 mol pro Joer fir eis nei Mataarbechter aus de Maisons Relais organiséiert ginn.

Question écrite du 25 avril 2017 de M. Carlo Gira (CSV):

Opgrond vu menger Interventioun am Gemengerot vum 24. Abrëll, d'Bierger ze encouragéieren, beim Planze vun Hecken op eenheemesch an ökologesch wäertvoll Heckestraich zeréckzegräifen, wollt ech proposéieren a gläichzäiteg froen, ob et méiglech wier eng Prime anzeféieren, duerch déi dës ökologesch Initiative kéint gefërdert ginn. Ech weisen drop hin, datt mer als Membergemeng vum Sicona, déi Moossname fir d'Hecken, déi ausserhalb vum Perimeter duerch de Sicona gefleegt ginn, och finanziell matdroen.

Réponse écrite du 24 mai 2017 du collège des bourgmestre et échevins:

Meeschtens stinn d'Hecken och op de Limitte vun den Terraine mat dem Noper a fir Biodiversitéit nohalteg an de Privatgäert ze fërderen, misst den Entretien vun deene Straich an Hecken och an deem Zyklus gemaach ginn, wéi de Syndikat SICONA et och an der Gewaan mécht (reegelméissegt schneide bis op de Stack, etc), wat awer fir dekorativ Hecken net ugepasst ass.

Et kann ee sech awer Gedanke maachen op een, fir d'Promotioun vun der Biodiversitéit an de Privatgäert, net op de Wee geet wéi aner Gemengen et maachen, déi emol am Joer, deene Leit déi interesséiert sinn, gratis en heemeschen Uebstbam offréiert. Dat muss dann dee Moment och am Budget virgesi ginn.

Question écrite du 25 avril 2017 de M. Carlo Gira (CSV):

Ech wollt froen, ob et méiglech wier de Projet vun de Päiperlekswisen an eisem Bulletin „Meng Gemeng" respektiv iwwert den Internetsite de Bierger ze presentéieren a gläichzäiteg nach eemol op d'Méiglechkeet hinzeweisen, déi jiddereen huet, fir Blumme bei sech doheem unzeplanzen, déi d'Liewensraim vun de Päiperleken ënnerstëtzen.

Réponse écrite du 24 mai 2017 du collège des bourgmestre et échevins:

De Syndikat SICONA schafft am Moment un der Ausaarbechtung vun engem Info-Schëld, dat op dem Site vun de Päiperlekswise soll opgestallt ginn. Do geet et ëm de Versteesdemech an em d'Akzeptanz beim Public ze werben, well esou Projete jo och mat dem «fauchage tardif» zesummenhänken. Mir wollte waarde bis dat Schëld opgestallt ginn ass, fir da mat flotte Biller eng Publikatioun ze maachen.

Séance publique du 17 juillet 2017

Durée de la séance: *14.30 à 17.15 heures*

Présents:

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)	**Breyer Roland**, 1er échevin (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV) **Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP)	
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Birtz Gaby** (LSAP) **Brecht Guy** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng)

Absents et excusés:

Tockert Claude (DP)
Muller Albert (-)
Thein Joe (-)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (14.30 heures)

1. Personnel
   1.1. Nomination d'un instructeur de natation (m/f) – décision.
   1.2. Nomination d'un employé communal (m/f) dans la carrière E – décision.
2. Enseignement: Admission différée d'un enfant – décision.

Séance publique (15.00 heures)

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Administration générale
   4.1. Approbation des titres de recettes - décision.
   4.2. Modification des statuts du Syndicat Intercommunal des Tramways Intercommunaux dans le Canton d'Esch (T.I.C.E.) - décision.
   4.3. Modification des statuts du Syndicat Intercommunal pour la Destruction des Ordures (SIDOR) - décision.
   4.4. Vote d'un devis et d'un crédit spécial pour une nouvelle entrée de la Maison Pesch – décision.
   4.5. Vote d'un devis et d'un crédit spécial pour la démolition de la Maison Heintz à Pétange – décision.
5. Enseignement musical: Organisation scolaire provisoire de l'Ecole de Musique pour l'année 2017/2018 - décision.

6. Affaires sociales:
   6.1. Approbation de la convention avec le «Club Senior Prënzebierg» pour l'exercice 2017 - décision.
   6.2. Revalorisation des carrières des aides-éducateurs – décision.
7. Propriétés
   7.1. Compromis concernant l'acquisition gratuite d'un terrain au lieu-dit «avenue Dr Gaasch» à Rodange de la part de la SA Constropi - décision
   7.2. Compromis concernant l'acquisition d'un terrain aux lieux-dits «In Gras», «Im Gelben Butter» et «Im Dielchen» à Lamadelaine, de la part de Mme Emilie Olinger, Mme Fernande Olinger et M. François Olinger et vote d'un crédit supplémentaire – décision.
   7.3. Compromis concernant l'acquisition d'un terrain au lieu-dit «In der Lehr» à Pétange de la part de Mme Jacqueline Thill, Mme Nicole Schütz, M. Joseph Perrard, Mme Anne Thill, Mme Antoinette Thill, Mme Elise Thill – décision.
   7.4. Compromis concernant la vente d'un terrain au lieu-dit «Am Aker» à Lamadelaine à M. et Mme Radoncic-Iben Maaoui – décision.
   7.5. Compromis concernant la vente d'un terrain au lieu-dit «Am Aker» à Lamadelaine à M. et Mme Seiceira Dias - Pereira Teixeira – décision.
   7.6. Compromis concernant la vente d'un terrain au lieu-dit «Am Aker» à Lamadelaine à M. et Mme Ushkalov-Cretu – décision.
   7.7. Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis au lieu-dit «rue Adolphe» à Rodange de la part de la SA Batigest – décision.
   7.8. Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis au lieu-dit «rue Charlotte» à Rodange de la part de la SA Vimo – décision.
   7.9. Acte concernant l'échange de terrains sis au lieu-dit «avenue de la Gare» à Lamadelaine avec M. Collé Charles et Mme Pütz Christiane – décision.
   7.10. Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis au lieu-dit «rue Nicolas Thill à Lamadelaine de la part de Mme Cindy Collé – décision.
   7.11. Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis au lieu-dit «rue Joseph Philippart» à Rodange de la part de M. Pan Dongdong et Mme Du Xiaofeng – décision.
8. Urbanisation: Vote d'un crédit supplémentaire pour le réaménagement du centre de Rodange – décision.
9. Infrastructures routières: Vote d'un devis adapté et d'un crédit supplémentaire concernant le reprofilage et le renouvellement de la couche de roulement de diverses rues et places – décision.
10. Environnement:
    10.1. Plans d'action de lutte contre le bruit - décision.
    10.2. Vote d'un crédit spécial concernant la renaturation et le réaménagement des rives de la Chiers à Pétange – décision.
11. Culture: Vote du décompte provisoire et vote d'un crédit supplémentaire pour la réalisation de l'AUDEO à Lamadelaine – décision.
12. Sports: Vote d'un devis et d'un crédit spécial concernant des équipements à apporter aux terrains du FC Rodange suite à la montée en division nationale – décision.
13. Vie associative
    13.1. Vote du décompte provisoire et vote d'un crédit supplémentaire pour le nouveau chalet Scouts à Rodange – décision.
    13.2. Octroi des subsides aux sociétés et vote d'un crédit supplémentaire- décisions.
    13.3. Octroi d'un subside de base pour la nouvelle section de la Croix-Rouge issue de la fusion des sections locales de Pétange et de Rodange/Lamadelaine – décision.

COMPTE RENDU

1. et 2.

Les points 1 et 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

Nomination d'un instructeur de natation (m/f) – décision:

M. Balicevac Mirza, de Differdange, est nommé provisoirement aux fonctions d'instructeur de natation.

Nomination d'un employé communal (m/f) dans la carrière E – décision:

Mme Biver Véronique, de Hesperange, est nommée au poste vacant au service culture et communications sous le statut de l'employé communal.

3.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wollt ganz gären nach eng Informatioun gi fir déi Leit, déi et interesséiert. Den 8. Oktober si Walen, an do sinn d'Lëschten den 13. Juli arrêtéiert ginn. Et kann ee soen, datt

d'Zuel vun de Wieler eropgaangen ass, am Total vu 7.870 op 8.522. Dat wieren 8,3%. Mir hunn, wat d'Lëtzebuerger ubelaangt, eng Hausse vu 6,7%, dat heescht vu 6.930, bei deene leschte Gemengewalen, op 7.392. A bei den Auslänner ass et eng Hausse vu 16,8%, vun 940 op 1.130. Dat heescht, dat ass am Verglach zu deene leschte Gemengewalen.

Wat nach interessant ze soen ass, mir haten eng ganz Rei Aktioune gestart fir eis auslännesch Matbierger ze motivéiere fir sech an d'Wielerlëschten anzeschreiwen an och mat wielen ze goen. Do sinn et vum 1. Abrëll 2017 bis dann dee leschten Dag, wou et méiglech war, den 13. Juli 2017, 277 Leit gewiescht, déi sech ageschriwwen hunn, wat wierklech eng gutt Zuel ass. Natierlech hätten sech der nach vill méi kënnen aschreiwen. Mir sinn awer frou iwwert déi 277 nei Wieler bei eisen auslännesche Matbierger, déi sech bereet erkläre fir och bei deenen nächste Gemengewale mat wielen ze goen.

Dat zu deenen Zuelen, déi den 13. Juli 2017 festgehale goufen, wou d'Wielerlëschten arrêtéiert gi sinn.

4.1.

Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 11.428.162,95 euros – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Zu deene Recette vun 11.428.162,95 Euro sief ze soen, datt mer d'Déclaration annuelle 2017 vun der TVA dekontéiert hunn. Do hu mer eng Recette vun 119.088,16 Euro. Mä dee gréissten Deel vun deene Recetten ass de Fonds de dotation globale des communes, wou mer 11.283.298 Euro kréien. Dat ass déi zweet Avance vun deem, wat am Budget virgesinn ass.

Brecht Guy (LSAP):

Ech hätt eng Fro, déi e bësse bei d'Recettë passt. Dir wësst, datt Google Terraine sicht, fir sech hei a Lëtzebuerg ze installéieren. Hu mir do eis Terrainen am PED oder vun der Agora op der Fonderie, hu mir eis do gemellt, datt mir Terrainen zur Verfügung kéinte stellen?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir sinn éischtens net gefrot ginn. Ech mengen och net, datt déi Aart a Weis esou gelaf ass. Ech hunn och an der Press gelies, datt do Diskussioune lafen am Kader vun der Sich no engem Terrain. Ech weess awer, datt do 25 Hektar gefrot sinn. Mir wëssen, datt mer just 16 Hektar am Grand Bis hunn, esou datt dat – wat d'Gréisstenuerdnung ubelaangt – net duergeet, fir eis Kandidatur do ze stellen. Ech mengen, et war och ni en Appel de candidature do gemaach ginn. Ech géif soen, d'Regierung wier am gaangen do Recherchen ze maachen, wou déi beschtméiglechst Terraine wieren, fir esou eppes opzeriichten. Do war d'Péitenger Gemeng op jiddwer Fall net an der engerer Wiel an ech géif och mengen, mat där Gréisstenuerdnung wiere mer net a Mesure fir hinne Satisfaktioun ze ginn.

Approbation à l'unanimité.

4.2.

Administration générale.

Modification des statuts du Syndicat Intercommunal des Tramways Intercommunaux dans le Canton d'Esch (T.I.C.E.) – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Bei dësem Punkt geet et ëm déi nei Statute vum TICE. Den TICE huet seng nei Statuten deposéiert gehat. Mir haten dat och schonn de leschte Gemengerot op der Dagesuerdnung. Mir hunn dat awer du kuerzfristeg erofgeholl, well mer festgestallt hunn, datt am Artikel 7.1.2., wat de Patrimoine existant ubelaangt, d'Chiffere gefeelt hunn. An der Tëschenzäit sinn déi Zuelen nogereecht ginn – nodeems datt mer dat och beim TICE nogefrot hunn – an do stelle mer fest, datt d'Valeur nette vun deem Syndikat op den 1. Januar 2017 bei 36,7 Milliounen Euro läit. A wa mer wëssen, datt mir als Péitenger Gemeng 12,1824 % op Grond vun der Populatioun am Fong als Eegekapital kënne consideréieren, da läit de Betrag, dee mir als Kapital an deem Syndikat hunn, bei 4.473.982 Euro.

Eng vun deene wichtege Saachen, déi hei och decidéiert goufen, dat ass, wéi de Bureau sech zesummestellt, an och ganz besonnesch, wéi de Comité sech zesummestellt, a Funktioun vun enger Rei Konditiounen, déi mer musse respektéieren. Mir hunn elo an deenen 9 syndikéierte Gemengen 149.470 Awunner. An do huet de Bureau, respektiv de Comité proposéiert, eis bei all 3,5 % ugefaangenen Populatioun vun 149.470 wier ee Member am Comité. Dat géing bedeiten, datt no de Walen, wann dës Statuten esou ugeholl ginn an och vum Minister esou approuvéiert ginn, mer dann als Péitenger Gemeng net zwee, mä 3 Memberen am Comité am TICE wäerten hunn, an der nächster Period, déi 2017 uleeft.

Fir de Rescht sinn et déi normal Forme vu Statutten, déi iwwerall bestinn, wéi et fonctionnéiert, wéi ee kann erausklammen aus dem Syndikat, wéi ee kann een neie Member ophuelen. Zu engem gewëssene Moment waren Diskussiounen, datt Monnerech och an dee Syndikat géif erakommen. Dat ass awer entretemps vun der Monnerecher Gemeng op Äis geluegt ginn, esou datt mer weiderhi bei 9 Membersgemenge wäerte bleiwen.

Wéi gesot, nach eng Kéier, mir hunn do e Kapital vu 4.473.982 Euro, wat eist Kapital ass vun deene 36,7 Milliounen Euro. An zweetens hu mer ab deenen nächste Walen 3 Memberen am deem Comité vum Syndikat zegutt.

Approbation à l'unanimité.

4.3.

Administration générale.

Modification des statuts du Syndicat Intercommunal pour la Destruction des Ordures (SIDOR) – approbation.

Mertzig Romain, Schäffen:

Och de SIDOR huet sech nei Statutte ginn. Déi Statutten hate mer schonn eng Kéier hei am Gemengerot, an do ware mer net d'accord, fir déi Statutten an där Form unzehuelen, well mer scho viru Joren Doleancen eraginn haten, an déi net gekuckt gi sinn.

Mir hunn nach eng Kéier e Gespréich mat hinne gehat a mir hunn hinnen eis Doleancen nach eng Kéier matgedeelt. An deene Statutten, déi mer elo virleien hunn, ass et esou, datt deenen Doleancen, déi mer haten, Rechnung gedroe ginn ass. Déi Haaptännerungen, déi dann do gemaach si ginn, sinn, datt mer elo pro Tranche vu 15.000 Awunner een Delegéierte fir d'Gemeng hunn. Dat géing heeschen, datt d'Gemeng Péiteng déi nächste Kéier een Delegéierte méi um SIDOR hätt.

Do waren och verschidde Gemengen, déi sech een Delegéierte gedeelt hunn, als zwou, respektiv als dräi

Gemengen. Dat ass u sech och ofgeschaaft ginn an am Prinzip ass et elo esou, datt all Gemeng een Delegéierten zegutt huet.

Déi aner Ännerung, déi gemaach ginn ass, dat ass, datt d'Berechnung net méi no Tonnage gemaach gëtt, mä pro Awunner, wat dann och der Saach e bësse méi gerecht soll ginn.

Approbation à l'unanimité.

4.4.

Administration générale.

Vote d'un devis et d'un crédit spécial de 80.000 euros pour une nouvelle entrée de la Maison Pesch – décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Am Kader vum Reamenagement vun der Parkstrooss si mer der Meenung, datt een och eppes muss beim Peschenhaus änneren. An zwar déi bombastesch Entrée, déi de Moment do ass, déi grouss opgezu viru ronn 20 Joer gemaach gi war, awer net onbedéngt funktionell ass.

Et geet u sech drëm, fir dee Parvis, deen do gebaut gi war – mat där Pergola – ewechzehuelen an einfach eng grouss Entrée ze maachen, déi ee gutt gesäit an déi eng breet Trapp kritt, wou ee gutt kann drop zirkuléieren. Donieft soll och e Lift komme fir 'personnes à mobilité réduite', fir datt déi Leit och gutt an d'Haus erakommen. Doduerch missten e puer Aarbechten adaptéiert ginn. Déi Hasteng ronderëm de Sockel missten nei gemaach ginn an och d'Entréesdier selwer. Dat sinn déi Haaptausgaben, déi do géifen ufalen. De Lift selwer ass eng Acquisitioun, déi bal 20.000 Euro kascht. Fir de Rescht géif en neien Aspekt ginn, wou een dat Haus besser gesäit an och d'Entrée vill méi siichtbar géif ginn a vill méi accessibel och wier.

Dat Ganzt géif och mat engem Totem virun der Dier komplettéiert ginn, wou een och gesäit, ëm wat fir een Haus et sech handelt a wat fir Servicer an deem Haus wieren.

Fir déi Aarbechten, mat allem Drëm an Drun, bräichte mer e Kredit vun 80.000 Euro. Mir wiere frou, wa mer dat nach am Kader vum Reamenagement vun der Parkstrooss kéinte realiséieren. Well déi Aarbechte loosse sech elo gutt an engems maachen, an d'Circulatioun virun der Dier géif och duerch dëse Reamenagement méi einfach ginn.

Becker Romain (déi gréng):

Ech hunn eng Fro zum Lift, deen den Här Breyer elo ugeschwat huet. Geet dee Lift duerch dat ganzt Haus oder nëmme just bei d'Entrée?

Breyer Roland, Schäffen:

Dee Lift geet nëmme bis bei d'Haaptentrée an d'Servicer sinn esou agedeelt, dass – wann eng Kéier en Handicapéierten erakënnt – sech där Persoun ugeholl gëtt an de Beamten sech da bei déi Persoun deplacéiert.

Becker Romain (déi gréng):

Well dat ass ee vun deenen Haiser vun eiser Verwaltung, wou keen Accès ass fir 'personnes à mobilité réduite', wat net gutt ass a wat och contraire ass zu sämtleche Konventiounen. Ech fannen, datt eng Méiglechkeet misst fonnt gi fir e Lift – och wann e bausse gemaach géif ginn, hannen, fir erop – ze amenagéieren, an een esou an d'ganzt Haus kéint kommen.

Breyer Roland, Schäffen:

Et ass net dat eenzegt Haus, wou mer kee Lift hunn. Bei de Schoulen, zum Beispill, hu mer och den Accès fir an d'Schoul awer net fir op all Stack. Dat hu mer nach an aneren, eeleren Haiser, wou mer déi Accessibilitéit op all Stack net hunn.

D'Peschenhaus wäert awer net éiweg an deem Volumen esou bleiwen, wéi et elo ass. Et kann ee sech och virstellen, datt een dee Parking, deen hannenaus ass, aneschters kéint amenagéieren. Do kéint een eng Extensioun gesinn an de Lift kéint een do virgesinn. Dat si Saachen, déi mer elo net direkt wollte maachen. Mir wollten hei reagéieren, well mer elo praktesch de Schantje vun der Parkstrooss virun der Dier hunn, a mir stelle fest, datt dat net gutt ausgesäit, wa mer éischtens alles esou si loossen an zweetens mer wëllen uewen d'Strooss mat Polleren zoumaachen an dann e Problem mat der Zirkulatioun kréien, wann do soll gedréint ginn. An dofir wollte mer dovunner profitéieren, fir déi Adaptatioune virun der Dier ze maachen.

De Moment hu mer och eng Ramp do, wou een awer beschwéierlech mat engem Rollstull eropkënnt. Dat ass praktesch onméiglech, well een net gutt ëm den Eck kënnt. Mat deem Lift hei gëtt dat scho méi bequem. Et stëmmt, am Haus selwer ass d'Accessibilitéit fir Leit 'à mobilité réduite' net duerch dat ganzt Haus garantéiert. Mä d'Personal ass ugewisen, fir am Fall wou esou e Fall do ass, sech op de Rez-de-Chaussée ze deplacéieren.

Becker Romain (déi gréng):

Eng aner Saach ass déi, an dir hutt dat ugeschnidden, datt dat Haus net éiweg soll esou benotzt gi wéi et momentan benotzt gëtt. Well do si Büroen dran, déi net méi adequat sinn, déi relativ kleng sinn. Eis Beleegschaft gëtt ëmmer méi grouss a virun allem an den techneschen Servicer si Raim a Plazen, déi net onbedéngt adequat si fir laang ze schaffen. Ech denken do un dee grousse Büro ënnert dem Daach, wou et am Summer wierklech Sauna ass. Dofir wollt ech froen, ob net och dru geduecht gëtt, fir den Daach plazeweis frësch ze maachen? Well wann ee virun Haus steet, dat gesäit een, datt déi Fënsteren am Daach relativ schäbeg ausgesinn.

Breyer Roland, Schäffen:

Et wäert nach e Schantjen déi nächst Jore bleiwen. Et muss een dat ëmmer zesumme kombinéiere mat deenen anere Schantercher, déi mer hunn. Mir maachen nei Atelieren, wou et héchstwahrscheinlech denkbar ass, datt Ingenieure mat dohinner ginn. Da kréie mer Plaz am Peschenhaus. Mir hunn dat Haus nieft dem Office sociale kaf, wat mer ewechrappen a wou mer eventuell drun denke fir och eng Extensioun ze maachen an och gewësse Leit dohinner ze huelen. Et ass eng Beweegung ënnerwee, mä mir wollten näischt virun de Walen an Optrag ginn an doduerch déi nei Ekipp an hiren Decisiounen handicapéieren. Mir maachen elo just dat virun der Dier an d'Rei, well domatter d'Accessibilitéit vum Haus besser gëtt. Mä déi aner Saache si sécherlech net aus dem Kapp verschwonnen.

Accord à l'unanimité.

4.5.

Administration générale.

Vote d'un devis et d'un crédit spécial de 100.000 euros pour la démolition de la Maison Heintz à Pétange – décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Et ass net onbekannt, datt d'Haus 'Heintz' an engem ganz schlechten Zoustand ass. Et ass schonn zanter Joren, datt mer hannen eng Baatsch dropgeluegt hunn, an zwar well mer den Daach net méi wollten nei maachen, well dat Haus jo sollt eng

aner Destinatioun kréien. Et ass awer elo esou, datt eben duerch déi Degradatioun vum Daach, d'Fiichtegkeet och an déi Haiser niewendrun eranzitt, d'Haus de Moment eidel steet an esou vill misst dru gemaach ginn, datt mer zum Schluss komm sinn, fir d'Decisioun ze treffe fir dat Haus ewechzerappen. Déi zwee Pignone vun deenen zwee aneren Haiser setze mer dann a Stand, fir déi Haiser erëm esou ze maachen, wéi et sech gehéiert. Den Trottoir ënne gëtt dann och natierlech gehuewen a gëtt och nei gemaach. Et muss och securiséiert ginn duerno. Et soll eng Paart oder iergend een Drot dohinner kommen, fir datt et keen Duerchgank gëtt a fir datt net duerno do gerannt gëtt. Et ass jo bekannt, datt esoubal eng Ëffnung iergendwou ass, déi op engem Parking erageet, datt dat da ganz gären eng Rennbunn gëtt. Grad an deem Eck, wou jo ganz vill Populatioun ass, wëlle mer dat vermeiden.

Alles an allem ass et net schlecht, fir elo un dee Schantjen erunzegoen. Nei Iddien hu mer – wéi gesot – jo schonn am Kapp, esou muss jo och emol gekuckt gi fir deem ganzen Environnement vu Rousen, mat där ganzer Plaz virdrun, an deenen nächste Joren eng nei Destinatioun ze ginn. Net ze vergiessen, datt dat am Zentrum vun eiser Uertschaft läit an datt een dat vill besser a vill méi schéi kann notzen.

Wann der elo averstane sidd fir mat op dee Wee ze goen, da géif ech iech virschloe fir deen Devis vun 100.000 Euro ze stëmmen, fir datt mer dee Bau kënnen ofrappen.

Becker Romain (déi gréng):

Ech hätt eng Fro zum Haus selwer, wat elo schonn esou laang eidel steet. Dat heescht, do ass kee Moyen gewiescht, fir dat ze retapéieren? Et ass eng Verständnisfro fir d'Leit dobaussen. Well d'Leit dobaussen, déi gesinn dat net onbedéngt a si soen, d'Gemeng hätt do kéinten zum Beispill eng Famill dra kënne logéieren. Ech war selwer ni an deem Haus an dofir wollt ech froen, ob do kee Moyen gewiescht wier, fir datt een dat hätt kéinten e bësse retapéieren, fir do Leit ënnerdaach ze kréien? Oder war et wierklech esou baufälleg, oder an engem schlechten Zoustand?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir hate jo ganz laang d'Amis de l'Histoire, déi praktesch esou ee Stockage an deem Haus haten. Déi kënnen iech och nach méi vun der Insalubritéit vun deem Haus soen, an a watfir engem Zoustand dat Haus ass. Et muss een einfach – leider – op dee Wee goen, datt ee seet, mat deenen Haiser kënne mer elo näischt méi maachen. Et gëtt wierklech da vill méi deier, fir elo do eppes ze retapéieren, wat awer ni adequat ass, esou datt ee besser huet, et geet een op dëse Wee an et kuckt een, wat een do ka maachen, wat een do Neies kann do opriichten. Et kann een natierlech op dee Wee goen a sech Gedanke maachen, wat déi nächst Ekipp eventuell duerno kann oder soll do opriichten, fir deene Leit ze hëllefen déi mer hei an der Gemeng hunn an déi an Nout sinn. Well där sozialer Wunnenge ginn der ëmmer méi gebraucht. Déi Zuel vun deene Leit klëmmt ëmmer méi. An dat sollt een där neier Ekipp iwwerloosse fir ze kucken, wat een do kann an nächster Zäit maachen.

Mä fir nach eng Kéier op d'Haus 'Heintz' zeréckzekommen, dat war wierklech komplett insalubre, a mir hunn dovunner ofgesi fir do nach bannendran Aarbechten ze ënnerhuelen.

Becker Romain (déi gréng):

Jo, well dat reit sech elo an déi aner Haiser. Dat Haus op der Millen, dat mer kaf hate fir ewech ze rappen. Den Home St Remy, wou mer driwwer geschwat hu fir ewech ze rappen. Et ass schwéier, fir dobaussen de Leit dat kloer ze maachen. Et si ganz vill Leit, déi da froen, ob mer keng sozial Fäll hunn, oder Leit mat Problemer, déi vun der Gemeng esou een Haus zur Verfügung gestallt kënne kréien. Domatter ass dat da gesot. Mä ech mengen, et muss een et de Leit dobaussen awer an deem Sënn ëmmer erëm verständlech maachen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Jo, et soll een de Leit et och verständlech maachen, fir datt se och gesinn, datt et kee Sënn mécht. Mir kënne jo net ëmmer baussen un d'Fassade schreiwen, datt en Haus insalubre ass. Et kann een natierlech och net ëmmer direkt higoen, an et ewech rappen. Mä et kuckt een emol ëmmer fir d'éischt. A mir hate geduecht, mat der Planung niewendrun kéinte mer eventuell nach eppes maachen. Mä dat ass awer näischt ginn. Dat huet kee Sënn gemaach. A mir mussen natierlech och bedenken, datt do Urainer sinn. Do muss een oppassen, datt déi Leit net duerno ze vill grousse Schued un hiren Haiser hunn. Dat solle mer natierlech och vermeiden.

Becker Romain (déi gréng):

Eng aner Fro ass – fir mäin Verständnis - , wann dat Haus duerno ewechgerappt ass, da gëtt an enger éischter Phas do den Zougank fir de Parking amenagéiert?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Den Zougank fir de Parking hannenaus geet net do eriwwer. Dat musse mer vermeiden. Well en Zougank op dee Parking hu mer jo vun der Liberté-Strooss aus, an e Weideren hu mer vun der Plaz selwer aus. A mir musse vermeiden, datt do op eemol ze vill Trafic entsteet. A mir wësse jo allgemeng, datt owes och hei Course gefuer gëtt, an dat géing sech dann och ubidden, fir do ee Circuit ze maachen, wa mer dat net géife securiséieren. Mir mussen et securiséieren a kucken, fir duerno esou séier wéi méiglech en neie Projet doropper ze kréien.

Becker Romain (déi gréng):

Gutt, dee Schlauch gëtt also net opgemaach fir de Verkéier. Ech soen iech Merci.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wollt awer just nach eng Saach dobäi soen, wou geschwat gëtt vu soziale Wunnengen. Am Géigesaz zu deenen doten Haiser, wou mer wierklech zur Conclusioun kommen, datt se an esou engem schlechten Zoustand sinn, datt et absolut kee Sënn mécht an et onméiglech ass, fir do nach Leit dran ze setzen, wëll ech awer drop hiweisen, datt an deem fréieren Haus vum Office social Sozialwunnengen entstane sinn. An der avenue de la Gare zu Lamadelaine, bei deem Haus, dat mer kaaft hunn – do wou et erageet fir bei eis Atelieren – ass eng Sozialwunneng draus gemaach ginn. An aus deem fréieren Doudegriewerhaus zu Rodange beim Kierfecht ass och eng Sozialwunneng gemaach ginn. Do, wou et méiglech war, hu mer et selbstverständlech gemaach. Mä do, wou et net méiglech ass, mengen ech, huet ee grad esou gutt, et geet een op de Wee an et hëlt een déi Konsequenzen, déi ebe musse geholl ginn. Dat verhënnert awer net, datt een erëm eppes aneschters dohinner baut, wann et an d'Gesamtkonzept vun deem Quartier passt.

Stoffel Marco (LSAP):

Et ass jo gewosst, datt et scho virun 10 Joer an dat Haus eragereent huet, an datt den Daach mat plastiks Baatschen ofgedicht ginn ass. Et ware Rëss an de Maueren an an deene leschte Joren huet dat Haus sécherlech duerch d'Fiichtegkeet vill gelidden. Dofir géif ech och soen, datt dat doten elo déi beschten Destinatioun ass, fir et ofzerappen a spéiderhin en anere Projet an d'Plaz ze maachen. Et war an der Tëschenzäit esou een Dreckseck ginn, datt et eis gutt zu Gesiicht steet, fir dat Haus ewech ze rappen a deen Eck propper ze maachen.

Accord à l'unanimité.

5.

Enseignement musical.

Organisation scolaire provisoire de l'Ecole de Musique pour l'année 2017/2018 – décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Wéi all Joer hu mer déi provisoresch Schoulorganisatioun vun der Museksschoul op der Dagesuerdnung. D'Kommissioun huet scho getagt an och e Bléck op déi provisoresch Schoulorganisatioun 2017/2018 geworf an huet dat Ganzt och guttgeheescht, mat verschidde klengen Ännerungen, déi gefrot si ginn. An zwar sinn Ännerunge gefrot ginn, an dat haaptsächlech beim 'personnel enseignant' bei de Generalitéiten. Fir de Fonctionnement vum Etablissement kann den Direkter eng aner Repartitioun – wann ee Manktem u Säll ass – d'office virleeën. Well et ass jo heiansdo esou, datt emol deen een oder anere Chargé supplementar Coursen hält, an datt mer dann e wéineg knapp sinn u Säll, esou datt dann emol e Changement vum Sall ka virgeholl ginn.

Wat och nach festgehale ginn ass, dat ass d'Journée Portes ouvertes. Déi ass ewell e feste Bestanddeel vun der Museksschoul. Si ass all Joer zu engem bestëmmten Datum – meeschtens ass dat esou am Mount Mee – wou eng Porte ouverte ass a wou d'Museksschoul den Elteren, de Kanner, deenen Neien, eventuell de Schüler virgestallt gëtt a wat eng ganz flott Saach ass an och nei Schüler bréngt.

Bei der Repartitioun vun de Klasse geet et haaptsächlech ëm d'Classe préparatoire. Dat war ëmmer mat 1,5 Stonnen an dat soll elo ëmgenannt ginn, an zwar an 'formation musicale/solfège', an do gëtt elo nëmme méi eng Stonn gehalen. Dat ass den 'ancien préparatoire'. Den 'préparatoire', den 'accueil' gëtt e bësse méi forcéiert gemaach, esou datt dann do eng Stonn 'formation musicale/solfège' an der Woch soll duergoen.

Da kommen ech zu den Ensembelen. Do hate mer bis elo ëmmer 2 'ensembles Jazz (Combo)' an déi hunn awer fir de Moment esou ee Succès, datt elo gefrot ginn ass, fir 3 Ensembelen an der Woch lafen ze loossen. Dat sinn dann 3 Stonnen an der Woch. Dat ass en Ensembel, deen d'Jugend gutt usprécht, a mir wëllen an der Museksschoul och méi modern ginn, mir wëlle jo net nëmmen dee klassesche Solfège maachen an déi klassesch Instrumenter ubidden, an dat heiten ass eng flott Geleeënheet fir der Jugend e bësse méi no ze kommen.

Dann ass et och esou, datt den 'orchestre symphonique' ersat gëtt duerch en 'ensemble à cordes'. Mir hunn de Moment ganz vill Geien, a mir schaffe jo och mat Déifferdeng zesummen, well mer jo eng Konventioun mat Déifferdeng hunn. Dat leeft och ganz gutt, si maache Workshopen zesummen, a si hate viru Kuerzem nach en Ofschlossconcert. Dat ass eng ganz flott Saach, esou datt mer mat op dee Wee ginn, fir den 'orchestre symphonique' ze ersetzen duerch en 'ensemble à cordes'.

Bei den 'classes de jazz' kënnt nach eng 'percussion jazz' dobäi. Dat ass de Moment och esou een Ensembel, dee vill gefrot gëtt, a well mer jo och Chargéen hunn, déi dat enseignéiere kënnen, solle mer de Schüler dat och ubidden.

Fir 'cours de percussion et drumset' war jo ëmmer e gewëssenen Alter ugesot. An do kënnen de Chargé de cours an den Direkter Ausname maachen, wann elo e Schüler, deen den Alter vu 15 Joer depasséiert huet, awer an esou ee Cours wéilt kommen. Awer natierlech nëmmen, wann en eng gewësse Virbildung an der Musek an am Solfège huet. Dat kënne mer dann och maachen, well mer jo net wëllen de Wee verschléisse vu verschiddenen Erwuessenen, déi awer de Wee an d'Museksschoul wëllen aschloen.

Da sinn natierlech nach déi 'épreuves orales' vum 1. Semester, wou alles ëmgeännert gëtt. Wat bis elo 'ancien préparatoire' geheescht huet, soll dann elo 'formation musicale/solfège FM1' heeschen.

Bei den 'lieux d'enseignement' gëtt de Musekssall vun Déifferdeng ewechgeholl, well dee Sall net méi gebraucht gëtt. Mir kucken – quitt datt mer bei eis eng gewësse Penurie u Klassen hunn – fir hei eens ze ginn. Well déi Ensembelen, déi zu Déifferdeng fonctionnéiert hunn, déi fonctionnéieren och ganz gutt hei. Mir kucken awer natierlech och ëmmer, fir mat hinnen zesummen ze schaffen, mä wa mer eis Ensembele bei kënne lafe loossen, da loosse mer se hei lafen an da brauchen d'Schüler sech net bis op Déifferdeng ze deplacéieren.

Wat elo an der Schoulorganisatioun bei de Generalitéiten erëmzefannen ass, dat ass natierlech de Respekt géintiwwer der Hierarchie a vun dem Chargé de direction. Esou gutt d'Schüler, wéi och d'Chargéë solle sech un d'Reglementer vun der Schoul halen. Si sollen och d'Horairë respektéieren. D'Aschreiwe vun de Präsenzen an de Regëster an d'Transferte mussen ugefrot ginn an owes muss dee leschte Cours um 21.30 Auer ophalen. Net datt do nach Schüler oder Chargé de coursen nach no 21.30 Auer an der Museksschoul ronderëm geeschteren, ausser et ass eng speziell Preparatioun vun engem Event oder vun engem Projet, wou dat awer natierlech och muss ugefrot ginn.

D'Absencë vun de Schüler musse selbstverständlech agedroe ginn a wat och ganz stricte ass, dat ass de Verbuet vun der Consommatioun vun alkoholesche Getränker am ganze Gebai, esou wéi och e Fëmmverbuet.

De Gebrauch vum Handy ass während den Unterrechtsstonne limitéiert op de professionelle Gebrauch vun de Chargéen, a wa méiglech vun de Kanner komplett erausgeholl. Well ech mengen, si gi jo dohinner fir Musek ze maachen a ginn net dohinner fir um Handy ze spillen.

Disziplin gëtt natierlech erwaart vun de Schüler an déi muss och agehale ginn. A wann net, dann hu mir och d'Méiglechkeeten hei uewen, am Schäfferot, d'Bréiwer erauszeschécken an eventuell e Schüler ze reprimendéieren.

Bei den Effektiver vun der Museksschoul leie mer de Moment bei ronn 500 Schüler. Et ass nach eng Rei vu Schüler, déi de Moment nach an der Museksschoul sinn, mä déi sech nach net fir dat kommend Joer ageschriwwen hunn. Mir hunn awer och schonn eng Waardelëscht, haaptsächlech an de Geien, am Piano an am Drumset. D'Geien ass de Moment wierklech de Renner an der Museksschoul, an de Piano selbstverständlech och. Do hu mer all Joer Waardelëschten. Mir versichen awer, fir esou wäit ewéi méiglech all Kand d'Méiglechkeet ze ginn, fir kënnen un engem Cours deelzehuelen. Et ass natierlech net esou einfach, mä mir kucken, wéi mer dat kënnen iergendwéi ënnerdaach kréien. Well mir wësse jo, datt mer de Moment jo eng Penurie vu Museksraim hunn.

D'wöchentlech Repartitioun vun de Solfègesklasse gëtt haaptsächlech fixéiert op Propositioun vum Chargé de direction. Et gëtt awer och ëmmer e wéineg gekuckt, wéi d'Méiglechkeet vun de Schüler a vun eise Chargés de coursen ass, well mer jo wëssen, datt mer Chargés de coursen hunn, déi net nëmme bei eis an der Museksschoul Cours halen, mä déi och nach an aner Museksschoulen am Land Cours halen.

Festhale vu verschiddenen Offeren, d'Fonctionnement vun de Coursen, den Ensembelen, d'Modalitéite vu de Concoursen, wéi se sollen oflafen a wéi d'Schüler och zu de Concoursen

zougelooss ginn, ass och an der Schoulorganisatioun festgehalen.

Bei deene verschiddene Sitten, wou d'Course stattfannen, wäert am September e klenge Changement kommen, well eis Museksschoul huet jo och Säll, déi se beleet, sougut am Péitenger Musekssall wéi och am Sall vun der Chorale. An et ass jo gewosst, datt do e gréissere Schantjen am Mount September ugeet, esou datt während deene ganzen Aarbechten d'Museksschoul wahrscheinlech muss a 'Rousen' higoen, fir gewësse Coursen ofzehalen.

De Kalenner vun de Congéen ass och deen, dee vum Ministère festgehalen ass, an do wäerte mer eis natierlech och drun halen.

Mir hunn de Moment eng 29 Chargés de coursen, déi an der Museksschoul täteg sinn, déi regelméisseg Course fir d'Schüler ofhalen, an déi och eng ganz gutt Aarbecht maachen. Am Hierscht wäert ech dann nach eng Kéier op déi definitiv Schoulorganisatioun agoen, well da wäerte mer déi ganz Aschreiwunge méi oder wéineger hunn. Well d'Zuel vun den Aschreiwungen ännert all Dag, well mer hu mat Schüler a Kanner ze dinn, déi net ëmmer regelméisseg kommen oder no enger gewëssener Zäit sech erëm ofmellen.

Gira Carlo (CSV):

Madame Conter, dir hutt gesot, datt mer mat der Déifferdenger Gemeng zesummeschaffen. Esou wäit ech weess, war ëmmer gesot ginn, datt de Museksunterrecht mat de Kordallgemenge géif geschéien. Ass mat Käerjeng keng Zesummenaarbecht méi?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dach, mir hunn och eng Konventioun mat Käerjeng. Mir schaffen awer haaptsächlech an de Geien, an der Mandolinn, an – esou wéi ech weess – och an der Perkussioun zimlech vill mat Déifferdeng zesummen. An dee leschte Workshop war haaptsächlech mat Déifferdeng. Dat hänkt jo och ëmmer dovunner of, wien a wat fir een Ensembel oder Instrument et ass. Et ass jo duerch déi Konventiounen esou festgeluegt, datt – deemno wéi héich d'Schülerzuel an där enger oder anerer Gemeng ass, a wat fir ee Chargé grad do Coursen hält – wa mir elo fir ee bestëmmte Cours nëmmen ee Schüler hunn an Déifferdeng huet der awer 3, da schécke mir eise Schüler op Déifferdeng. Esou soll déi Zesummenaarbecht fonctionnéieren an déi fonctionnéiert och ganz gutt.

Gira Carlo (CSV):

De Moment ass et nach esou, datt an de Museksschoulen d'Bewäertung nach ëmmer esou ass, wéi se fréier an de Schoule war. Bleift dat esou bestoen oder ass do dru geduecht ginn, fir dat deenen normale Schoulen unzepassen? Si soe jo ëmmer, et wier eng Museksschoul.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

De Moment ass nach keng Ännerung a Siicht. Vu ministerieller Säit ass do nach keng Ännerung ze kréien an de Commissaire huet och nach net gesot fir eng Ännerung virzehuelen.

Gira Carlo (CSV):

Dat heescht, d'Kanner ginn nach eens mat deene Bewäertungen?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

D'Kanner ginn nach ganz gutt eens domatter.

Gira Carlo (CSV):

Dann hutt der och gesot, datt bei de Schüler e gewëssene «va-et-vient» ass. Hu mer do Chifferen, wéi vill Schüler sech am Ufank aschreiwen a wéi vill der duerno fäerdeg maachen? Huet dat och eng Auswierkung drop, datt verschidde Schüler am Ufank op der Streck bleiwen, déi mer net kënnen huelen an déi een hätt kënnen huelen, wann nëmmen déi Leit sech och géifen aschreiwen, déi sech wierklech fir Musek interesséieren?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir versiche fir eis Waardelëscht esou wäit ewéi méiglech opzeschaffen. Dir hutt natierlech ëmmer Schüler, déi sech aschreiwen, well se vun doheem aus gesot kréien, si sollen sech an de Museksunterrecht aschreiwen. An no enger gewëssen Zäit gesitt der awer, datt dat net grad dat ass, wat se wëlle maachen an datt se vläicht léiwer engem anerer Hobby wéilten nogoen.

Mir kënnen domatter rechnen, datt mer an der Reegel 7% Kanner hunn, vläicht och manner, déi wëllen ophalen. Dat hänkt ëmmer dovunner of an dat kann een am Ufank vum Joer ni esou soen. Et huet een och heiansdo Kanner, déi ginn erëm repêchéiert, an déi dann awer op eemol erëmkommen a soen, si wéilten awer weiderfueren. Et huet een der och heiansdo déi kommen, well d'Frëndin oder de Frënd kënnt. Et sinn der vill, déi an engem Grupp kommen. Déi mengen dann, si misste kommen, fir deem och e Gefalen ze maachen, an dann duerno fannen se eraus, datt se léiwer Fussball maache ginn.

Mir hu jo gréisstendeels mat Kanner ze dinn an do solle mer och kucken, fir eng gewësse Flexibilitéit kënnen anzebauen. A wann e Kand emol eng gewëssen Zäit net kënnt, oder et wëll emol e Joer Paus am Solfège maachen – well de Solfège jo net grad dat ass, wat all Kand gäre mécht – da solle mer deem awer d'Méiglechkeet kënne gi fir sech dat Joer drop erëm kënnen anzeschreiwen a mam Cours weiderzefueren. Mir hu scho ganz vill Kanner esou repêchéiert an déi awer duerno hir Jore ganz gutt fäerdeg gemaach hunn, a wou mer da kënne soen, datt se awer hire Wee gutt gaange sinn.

Gira Carlo (CSV):

Déi 7% schénge mer ganz raisonnabel ze sinn.

Mir plange jo och drun, fir eng Kéier eng aner Museksschoul ze hunn. Fir wéi vill Schüler misst déi dann ausgeriicht sinn?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mat där Zuel vu Schüler, déi sech de Moment ëmmer bei eis virstellt fir eranzekommen – mä deem mer net ëmmer esou kënne Rechnung droen, well mer d'Schüler jo och nach op Déifferdeng oder Käerjeng schécken – louche mer och schonn emol bei 590 Schüler. Mir kéinten och do nach driwwer goen. Mir kéinten op 650 oder esouguer 700 kommen. Wa mer sollten eng nei Museksschoul bauen, da sollte mer och deem Rechnung droen an net ze kleng bauen. Net datt mer duerno d'Gebai do stoen hunn an da soe mussen, datt mer awer deen een oder aner Schüler net huele kënnen.

Wann dee Projet elo nach méi ausgeschafft gëtt, da wäert dat sech nach e wéineg méi erausschielen an da kucke mer, wéi mer do weider kommen.

Becker Romain (déi gréng):

Et ass een Deel vu menge Froe scho beäntwert ginn, well den Här Gira schonn déi selwecht Froe gestallt huet, haaptsächlech wat den Ausbau vun enger sougenannter neier Museksschoul ugeet a wéi wäit mer – wat d'Zuele vun de Schüler betrëfft – musse virausgesinn.

Ech wollt awer nach emol froen, ob et wierklech d'Vocatioun vun enger Museksschoul ass, fir Ensembelen ze geréieren. Als Museksschoul hu mir deemools als Vocatioun krut, dat heescht, d'Gemeng krut als Aufgab, fir de Kanner Musek a Solfège ze

enseignéieren. Dir hutt gesot, datt elo nach en Ensembel bäikomm ass. Ensembele si jo O.K., do léieren se jo selbstverständlech och Musek. Mä mir denken awer, datt et grad esou sënnvoll wier, wann d'Chargés de coursë géifen d'Musikanten – esou wäit se an der Museksschoul fäerdeg sinn – op déi lokal Museksveräiner drainéieren. Et kéint een déi jo e bëssen uspornen, well et si jo déi Leit, déi bei eis an der Gemeng op der Gehaltslëscht stinn, an déi kéinten d'Kanner jo e bëssen uspornen a soen, datt et an der Gemeng Museksveräiner ginn, a Plaz datt mir duerno just nach Ensembele geréieren.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Fir d'Kanner ze motivéiere fir en Instrument ze spillen, wat an de Museke gespillt gëtt, esou maachen do d'Museke scho ganz grouss Efforten. Déi lescht 4 bis 6 Woche sinn d'Chargés de coursen duerch eis ganz Grondschoul gaangen an hunn déi eenzel Instrumenter virgestallt. E Kand ass natierlech net ëmmer direkt ze motivéiere fir Trompette oder Trombonne ze spillen. Si spillen da léiwer gären Xylophon oder gi léiwer op de Piano, wou se no 2 Stonne scho kënnen den «Hänschen klein» spillen.

Ech mengen, et gi ganz grouss Efforte gemaach. Et ass net nëmme bei eis an de Museksschoulen esou, datt – obwuel d'Blechinstrumenter ugebuede ginn – net déi gewënschte Schülerzuel bei deenen Instrumenter erreecht ginn. An dofir maache mer jo och Ensembelen. Well déi Ensembelen – esou wéi se grad elo gemaach ginn an der Trombonne oder mat der Klarinett oder aneren Instrumenter zesummen – sollen de Kanner weisen, dass – wa se esou Instrumenter léieren – duerno och an enger Museksgesellschaft gutt opgehuewe wären. Dat ass elo net nëmmen, datt dat elo Jazz Combo ass, mä dat ass och an aneren Instrumenter, wou eis Chargés de coursen sech ganz vill Méi maachen a Workshopen organiséieren, fir deene Kanner d'Méiglechkeeten ze ginn, fir net nëmmen am Cours vis-à-vis vun engem Chargé ze stoen a déi Etüde mussen ze spillen, déi virgeschriwwe sinn, mä datt se gesinn, wéi et ass an engem ganzen Ensembel, wéi se sëtzen, wa se an enger Museksgesellschaft sinn, a si hunn en Dirigent viru sech, deen hinne seet, wéi se solle spillen. Ech fannen, dat ass eng ganz wichteg Erzéiung vun der Museksschoul. Dat ass elo net esou geduecht, datt mir se just wëllen an der Museksschoul 'eropzillen', fir nëmme just do kënnen en Instrument ze spillen. Neen, dat ass haaptsächlech, fir se kënnen drop virzebereeden, fir sech an engem Ensembel erëmzefannen a fir sech och op enger Bühn erëmzefannen.

Brecht Guy (LSAP):

Den Här Becker huet mer elo meng Fro schonn e bëssen ewechgeholl. Ech wollt tatsächlech an deem selwechte Sënn froen, ob déi Kanner motivéiert ginn, fir an de Museksgesellschaften oder de Fanfaren hei deelzehuelen. Well do ass ëmmer Nout um Mann a mir wëssen, an der Lescht ginn déi typesch Fanfareninstrumenter oder Museksinstrumenter, wéi mir se kenne während de Concerten oder op der Strooss, ëmmer méi zeréck. Dat ass eben de Laf vun der Zäit a mir mussen eis domatter offannen.

Dann hat ech matkritt, an ärem Rapport, Madamm Conter, datt mer ewell 3 Jazz-Ensembelen hunn. Mir ware jo ëmmer gewinnt, datt mer eng Jazz-Klass haten, oder wéi war dat, déi ënnert der gudder Leedung vum Här Dahm war, an déi ëmmer gären op Fester gefrot ginn ass. Mä mir hunn der elo dräi. Wéi fonctionnéiert dat elo? Prouwen déi individuell oder prouwen se zesummen? Ginn déi och nach zum Beispill op Fester spillen, wa se gefrot ginn?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Wa se den Niveau hunn, datt se kënnen op Fester spillen, da soll een se och froe fir ze goen. Mir hunn de Moment jo nei Chargéen. Mir hunn den Här Ascani, deen dat ganz gutt mécht. An der Combo, do hu mer den Här Jeff Herr, deen déi Saache mécht. Deen ass jo ganz bekannt, well deen huet jo selwer een Ensembel. Ech mengen, dat ass och grad deen, deen déi ganz Ensembelen do esou drainéiert. An dat ass jo och e Gewënn fir eis Museksschoul, wa mer esou Leit hunn, déi dat da maachen. An ech soen och ëmmer eise Museksgesellschaften, eise Veräiner, si solle sech net scheie fir eis Museksschoul ze froen, fir datt eis Ensembele sech do kënne weise goen. Et muss een natierlech ëmmer dat 'en temps utile' maachen, et muss ee kucken, datt dat net grad an d'Schoulvakanze fält, well soss d'Schüler net do sinn. Mä soss, wa se gefrot ginn, da gi se och.

Brecht Guy (LSAP):

Luewenswäert ass op alle Fall, datt d'Chargéé sech d'Méi ginn, fir d'Kanner ze froen an hinnen och matzedeelen, datt mer och Museksveräiner hei an eiser Gemeng hunn a se dozou motivéiere fir dorunner deel ze huelen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Op jiddwer Fall. A wou mer d'Porte ouverte an der Museksschoul haten – dat maache mer jo och ëmmer mat de Museken zesummen – do hate mer se och mat an d'Boot geholl, fir datt se och deen Dag op der Plaz sinn an dass d'Elteren och solle gesinn, wat sech hei bei eis an der Musekswelt ofspillt. Well et geet net duer, datt ee säi Kand an d'Museksschoul dréit fir do 2 Stonne Musek ze maachen, an et geet een et duerno erëm sichen an et weess een net, wat ronderëm geschitt. An dofir fannen ech et ganz flott, datt mer op der Porte ouverte och d'Museksgesellschafte mat dobäi hunn.

Accord à l'unanimité.

6.1.

Affaires sociales.

Convention avec le «Club Senior Prënzebierg» pour l'exercice 2017 – approbation.

Mertzig Romain, Schäffen:

Mir hu fir d'Joer 2017 eng Konventioun virleien, déi tëscht dem Club Senior Prënzebierg, dem Staat an de Gemengen Déifferdeng, Käerjeng, Suessem a Péiteng zesummegestallt ass.

De Club Senior leescht Prestatioune fir Leit iwwer 50 Joer, wou den Accent op Autonomie, Indépendance a Wuelsinn geluegt gëtt, esou wéi op d'Integratioun vun där eelerer Populatioun an d'Gesellschaftsliewen, sief dat sozial, kulturell oder sportlech. Preventioun a Feststelle vun eventuellen Defiziter duerch d'Alteren an de kulturellen Austausch an d'Kooperatioun tëscht de Generatioune gehéiert och zu hirem Aufgabegebitt.

Als Gemeng Péiteng hätte mir als Partnergemeng am pro rata zu eiser Populatioun e Véierel vum Budget – dee vun deene 4 Gemenge gedroe gëtt – en Undeel vun 28.000 Euro ze leeschten. Dës Kreditter sinn och schonn op 3 verschiddenen Artikele fir d'Joer 2017 virgesi gewiescht.

Gira Carlo (CSV):

An der Konventioun steet jo dran – an dat ass net nei – datt Leit ab 50 Joer do kënnen deelhuelen. Meng Fro ass awer déi: wat fir eng Populatioun sprieche mer un, déi hei solle matmaachen? Et ass eng gutt Saach, wann ee kuckt, datt mer just 28.000 Euro do bezuele fir awer ee ganz groussen Deel vu Leit, déi vun deenen Aktivitéite kéinte profitéieren. Déi Aktivitéite fanne jo och zum Deel bei eis an der Gemeng statt.

An do wéilt ech just gäre wëssen, wéi vill Leit do matmaachen? Hutt der do Zuelen?

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech hunn elo keng genee Zuele virleien, mä ech kann déi awer gären zu engem spéideren Zäitpunkt noreechen. U sech gëtt d'Populatioun ugeschwat, déi an der Pensioun ass. Ech mengen, wann een nach aktiv am Beruffsliewen ass, dann ass dat eng Saach, déi e bësse méi schwéier méiglech ass.

Firwat ass et vu 50 Joer un? Well dat u sech och geduecht ass, fir d'Leit ze preparéieren, fir wa se duerno eng Kéier net méi schaffe ginn. Net datt se an der Pensioun do stinn a si wëssen net méi wat maachen.

Gira Carlo (CSV):

Et ass awer schwéier fir déi Leit, fir do matzemaachen. Well déi Aktivitéite gi jo daagsiwwer ugebueden an een, deen am Beruffsliewe steet, deen huet Problemer fir do matzemaachen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Dat stëmmt. Mä do sinn awer och heiansdo Leit dobäi, déi eventuell d'Invaliderent hunn oder esou. An déi sollen och net ausgeschloss sinn, an dat erkläert dann och zum Deel deen Alter vu 50 Joer.

Stoffel Marco (LSAP):

Et si Leit u mech erugetruede mat der Fro, firwat se ëmmer musse mat op Déifferdeng fueren, an ob do net eng Kéier d'Méiglechkeet géif bestoen, fir eng Annexe hei an der Gemeng ze maachen an d'Leit sech net brauchen ze deplacéieren. Fir verschidden Aktivitéiten ass dat jo kee Problem, mä fir deen normale Foyer du jour kéint een eventuell eng Annexe an der Gemeng virgesinn.

Mertzig Romain, Schäffen:

Wann der d'Broschür vum Club Senior kuckt, da gesitt der, datt och Aktivitéiten hei an der Gemeng stattfannen. Et ass awer och esou, dass mir dem Club Senior ugebueden, fir haaptsächlech an de Wanterméint verschidde Gebailechkeeten zur Verfügung ze stellen, well mir och déi Doleance schonn am Club selwer haten, fir méi Aktivitéiten an eis Gemeng ze kréien. An datt fir déi Saachen, déi se ronderëm kucke ginn, d'office soll e Point de départ hei zu Péiteng soll sinn.

Brecht Guy (LSAP):

Ech hat déi selwecht Fro wéi den Här Gira. Mä ech hätt nach eng aner Fro. Mir kréie jo ëmmer déi schéi faarweg Broschür an d'Haus geschéckt, mat der Unzuel vun den Aktivitéiten a wou se sinn. Ech huelen och un, datt dat och mat Käschte fir eis verbonnen ass. Sinn déi Käschte fir d'Broschür an deenen 28.000 Euro mat dran?

Mertzig Romain, Schäffen:

Déi Käschte fir den Drock vun där Broschür sinn effektiv an hirem Budget virgesinn, déi zu 20% vun deene 4 Membersgemenge gedroe ginn. An déi aner 80% gi jo vum Staat iwwerholl. Dat ass alles budgetär festgehalen an do komme keng zousätzlech Käschten op d'Gemeng duer. Wat heiansdo ass, dat ass, datt se eis froen, fir déi Broschüre mat auszedeelen a wou ech am Prinzip och kee Problem gesinn.

Approbation à l'unanimité.

6.2.

Affaires sociales.

Revalorisation des carrières des aides-éducateurs – décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Eis Aide-Educateuren hu mir de Moment an der Carrière PE5 remuneréiert. D'Carrière PE5 seet awer, datt dat 'en formation' ass, fir weider kënnen duerno ze goen an eventuell duerno en Diplom als Educateur diplômé ze kréien. Déi Leit, déi awer dee Wee net wëlle goen, an haaptsächlech als Aide-Educateur wëlle schaffen, hunn no enger gewëssen Zäit guer keng Perspektive méi an där dote Carrière. Mir sinn awer der Meenung, datt eis Aide-Educateuren, déi jo awer och 100 Stonne Formatioun maachen, an déi mer och ëmmer gären a Projete mat abanne wëllen, an déi och solle Weiderbildung maachen, datt mir déi och sollen no engem anere Modus bezuelen. Esou datt mer mat hinnen zesumme Versammlungen haten a mir sinn op dee Wee gaange fir haut eng Propose ze maachen an déi Leit am PAM2 ze bezuelen.

Beim PAM2 ass natierlech fir déi Leit, déi duerno wëllen ufänken, den Echelon vill méi déif, mä si kënnen – wa se méi laang bei eis bleiwen – um Enn vun hirer Carrière vill méi héich kommen, wat an deem PE5 net de Fall war.

Mir hunn och Auxiliaires de vie bei eis, an déi géife mer dann an de PE7 setzen. Dat sinn der, déi souwisou schonn e bëssen eng aner Carrière hunn. Déi hu jo och nach eng Fortbildung gemaach an déi gi jo scho méi als Personal dohinner gestallt, wat méi 'diplômé' ass.

Ech mengen, dat kënnt eise Kanner zegutt an dat gëtt natierlech eise Leit, déi bei eis schaffen, aner Méiglechkeeten, aner Perspektiven. Well mir wëlle jo d'Leit motivéiere fir relativ laang bei eis kënnen ze bleiwen a laang bei eis ze schaffen, an dofir wëlle mer op dee Wee goen. Wann de Gemengerot elo domatter averstanen ass, da géife mer higoen a vum Mount September un eis Aide-Educateuren, déi de Moment nach an deem alen Echelon sinn, an de PAM2 setzen. Natierlech ëmmer mat der Viraussiicht, datt mer se net wëlle retrogradéieren, mä datt mer wëlle kucken – deemno wéi laang datt se bei eis schaffen - , datt se an deem Echelon, wou se de Moment sinn, nach weider bleiwen, bis se an deem neien Echelon do ukommen. An da kënnen se an där neier Carrière weiderfueren. Mir wëllen elo net higoen a gewësse Leit benodeelegen. Déi nei Aide-Educateuren, déi mer ab September astellen, géifen awer an där neier Carrière ufänken, wuel gewosst, datt déi Carrière net esou héich ass, mä datt – wa se laang bei eis bleiwen – si e Profit hunn an duerno an engem ganz aneren Echelon 'fin de carrière' sinn.

Dofir géif ech iech och biede fir deene Leit nei Perspektiven ze ginn. Am Mee waren de Buergermeeschter mat mir zesummen an enger Reunioun, wou mer dee ganze Package mat eise Leit ofgeschwat hunn a gesot hunn, datt mer wëllen op dee Wee goen. D'Delegatioun ass och gewëllt, fir mat op dee Wee ze goen. Wann de Gemengerot elo haut deem och zoustëmmt, dat steet näischt méi am Wee fir datt mer kënnen ab 1. September déi Revalorisatioun vun de Carrièrë vun den Aide-Educateuren an d'Weeër leeden an déi betraffe Leit klasséieren. Déi eng an de PAM2 an déi aner an de PE7, a kucke wéi den Echelon ass a se dann och upassen. Wa se misste reklasséiert ginn, da géinge mer se esou laang weiderlafe loossen, bis déi Differenz opgeschafft ass a se mat engem Supplement bezuelen. An datt mer déi nei Aide-Educateuren ab dem 1. September no deene Modalitéite vum PAM2, respektiv PE7 géife bezuelen.

Arendt Patrick (CSV):

Wéi den Numm et scho seet, ass et eng Revalorisatioun vun de Carrièrë vun den Aide-Educateuren oder den Agents socio-éducatives an de Maisons Relaisen. Perséinlech weess ech duerch meng Erfarung, datt déi Leit eng wäertvoll Aarbecht um Terrain leeschten. Dofir kann ech dat hei just ënnerstëtzen. Am Oktober wäert awer déi Carrière C2 heeschen, wou déi Leit vum

PAM2 a PA5 regroupéiert ginn. Do gëtt jo da just den Numm geännert, wann de Ball, deen de Moment bei der Ministesch, der Madamm Cahen, läit gespillt gëtt. D'Patronat an d'Gewerkschafte si sech jo eens, wat den SAS-Secteur ubelaangt.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Selbstverständlech. Wann dat doten elo sollt kommen am Oktober, da géife mer alles upassen an da géife mer et ëmänneren. Natierlech ass ëmmer emol nach ofzewaarden, fir ze kucken ob dat kënnt oder net. Mä wann der haut mat eiser Propose averstane sidd, da kéinte mer schonn emol déi heite Revalorisatioun am September ulafe loossen. Wat jo awer da schonn emol e Gewënn ass fir déi Leit.

Gira Carlo (CSV):

Ech ju just eng Fro zum Verständnis. Dir hutt gesot, datt mer déi Leit jo esou laang wéi méiglech wëlle bei eis behalen. Zielt déi Carrière da just bei eis an der Gemeng, oder ginn och déi Joren ugerechent, déi bei engem anere Patron geschafft gi sinn, fir déi Carrièren ze berechnen?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Beim Aide-Educateur ass bis elo nach ni eng Carrière ugerechent ginn, wann déi Persoun vun engem anere Patron heihinner komm ass. Dat ass ëmmer erëm bei eis nei ugaangen.

Accord à l'unanimité.

7.1.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition gratuite d'un terrain d'une contenance de 26 centiares au lieu-dit «avenue Dr Gaasch» à Rodange de la part de la SA Constropi – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.2.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition au prix de 97.245 euros de terrains d'une contenance totale de 157,06 ares aux lieux-dits «In Gras», «Im Gelben Butter» et «Im Dielchen» à Lamadelaine, de la part de Mme Emilie Olinger, Mme Fernande Olinger et M. François Olinger et vote d'un crédit supplémentaire de 100.000 euros – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité.

7.3.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition au prix de 875.000 euros d'un terrain d'une contenance de 50 ares au lieu-dit «In der Lehr» à Pétange de la part de Mme Jacqueline Thill, Mme Nicole Schütz, M. Joseph Perrard, Mme Anne Thill, Mme Antoinette Thill, Mme Elise Thill – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain est faite dans un but d'utilité publique et les terrains sont destinés à la mise en œuvre d'une part du plan directeur du terrain communal annexe à savoir l'extension du bâtiment communal actuel, d'autre part la réalisation d'une bande de verdure ayant pour but la protection du voisinage pour qu'ils continuent à garder une bonne qualité de vie.

Approbation à l'unanimité.

7.4.

Propriétés.

Compromis concernant la vente d'un terrain au lieu-dit «Am Aker» à Lamadelaine à M. et Mme Radoncic-Iben Maaoui – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.5.

Propriétés.

Compromis concernant la vente d'un terrain au lieu-dit «Am Aker» à Lamadelaine à M. et Mme Seiceira Dias - Pereira Teixeira – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.6.

Propriétés.

Compromis concernant la vente d'un terrain au lieu-dit «Am Aker» à Lamadelaine à M. et Mme Ushkalov-Cretu – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.7.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition gratuite de terrains d'une contenance totale de 45 centiares sis au lieu-dit «rue Adolphe» à Rodange de la part de la SA Batigest – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.8.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain d'une contenance de 12,04 ares sis au lieu-dit «rue Charlotte» à Rodange de la part de la SA Vimo – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Scheuer Romain (déi gréng):

De Compromis war jo schonn am September 2014 am Gemengerot. Dofir wollt ech froen, ob dat de Grond war, datt et esou laang gedauert huet bis datt do gebotzt gëtt op deem Terrain, déi mir elo hei iwwerhuelen? Well d'Leit hu sech beschwéiert, datt et zimlech wüst ausgesäit.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Fir de Moment konnt do vun eiser Säit net allze vill geschéie well eben déi Emprise nach net gemaach war. Mir hunn e bëssen dat gemaach, wat eis méiglech war. Mä datt et esou laang gedauert huet, war duerch eng Faillite.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dat heescht, deemnächst geschitt awer do eppes?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Jo, elo gehéiert eis deen Terrain, an da kënne mer och do botzen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Da sinn d'Leit och zefridden.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech hoffen dat. Mir wäerten dofir suergen.

Approbation à l'unanimité.

7.9.

Propriétés.

Acte concernant l'échange de terrains sis au lieu-dit «avenue de la Gare» à Lamadelaine avec M. Collé Charles et Mme Pütz Christiane – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.10.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain d'une contenance de 1 centiare sis au lieu-dit «rue Nicolas Thill» à Lamadelaine de la part de Mme Cindy Collé – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.11.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition au prix de 75 euros d'un terrain d'une contenance de 10 centiares sis au lieu-dit «rue Joseph Philippart» à Rodange de la part de M. Pan Dongdong et Mme Du Xiaofeng – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

8.

Urbanisation.

Vote d'un crédit supplémentaire de 1.350.000 euro pour le réaménagement du centre de Rodange – décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Obwuel de Schantjen nach laang net fäerdeg ass, hu mer u sech eng gutt Nouvelle ze soen. Am Zentrum vu Rodange sinn d'Aarbechte méi séier virukomm wéi beim Opstelle vum Budget virgesi war. Mir hate jo Problemer fir lass ze komme mat den Aarbechten, well mer d'Autorisation de voirie vun de Ponts et Chaussées net virleien haten. Dat huet eis praktesch 6 Méint hannendra gehäit. Well dee Moment och nach net ganz kloer war, wéini mer kéinte mat den Aarbechten ukommen, hate mer e virsiichtege Kredit am Budget virgesinn. Et huet sech awer elo gewisen, datt mer praktesch an deenen éischte 6 Méint vum Joer 2017 méi séier vun der Plaz komme wéi mer mengen, dat heescht och méi Sue brauchen. Dofir musse mer de Budget adaptéieren, fir datt mer bis Enn vum Joer awer kënne mat den Aarbechte weiderfueren.

De Projet war mat 7,3 Milliounen am Devis global virgesinn. Mir bräichte fir déi Aarbechten, déi nach bis Enn 2017 virgesi sinn, nach e supplementare Kredit vun 1.350.000 Euro. Wann de Gemengerot eis elo dëse Kredit accordéiert, da brauche mer d'Aarbechten och net ze stoppen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech hätt eng Fro zum Zentrum. Do war e Schantjen, wou um Waasser geschafft ginn ass, a wou d'Leit net ganz glécklech waren. Dat hunn ech emol gesot kritt.

Breyer Roland, Schäffen:

D'Leit panikéieren ëmmer ganz séier, wann e bësse Waasser iwwer d'Strooss leeft.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech weess dat, mä kann een net am Virfeld – wann een esou ee Schantjen huet, oder wann esou eppes ass – den Awunner ronderëm en Ziedel ageheien, fir datt se wësse wou se dru sinn a wat do geschitt. A wann dann och nach um Ziedel dee richtegen Datum géif dropstoen, net esou wéi et geschitt ass, wou 2 Datumen drop stoungen an d'Leit net wëssen, fir wéini et ass. Natierlech kënnt Dir net dofir, dat war den Service gewiescht. Mä ech hunn Iech jo virdrun den Ziedel gewisen, fir datt der gesitt, wéi et ass. Mä da wéissten d'Leit, wou se dru wieren a brauchen net ze panikéieren an op d'Gemeng unzeruffe fir ze froen, wat lass ass, well d'Waasser do leeft.

Breyer Roland, Schäffen:

Also, deen Ziedel, dee mer hei an der rue des Jardins ausgedeelt hunn, war och am Zentrum vu Rodange ausgedeelt ginn. Et ass eng Saach, déi mer iwwerall maachen an déi mer musse maachen, an dat aus Qualitéitssuerg a fir keng Infektiounen an d'Waasserleitungsnetz ze kréien. Dofir muss dat Netz regelméisseg duerchgespullt ginn. An hei ass dat am Zentrum vu Rodange och geschitt. D'Leit haten och eng Virwarnung kritt. Ech huelen un, datt den Datum gestëmmt huet. Ech kann dat elo net verifiéieren. Ob alle Fall ass dat awer geschitt. Deen eenzeg klengen Accident, dee geschitt ass, war, datt op enger Plaz den Hydrant opgemaach gëtt an duerchgespullt gëtt. Eng 100 bis 200 Meter Leitung ginn duerchspullt an d'Waasser kënnt um aneren Enn erëm erausgelaf an dat gëtt dann duerch e Schlauch an eng Kagull ofgeleet. D'Waasser ass awer hei iwwer d'Strooss gelaf an d'Leit hu gemengt, et wier eng Waasserfuite, a si sinn den Aarbechter de Krunn zoudréine gaangen. Et war e bësse Panik an et war och nach an där waarmer Joreszäit, wou d'Leit gemengt hunn, mir géifen d'Waasser vergeuden. Mä et war awer eng traditionell, bewossten a kontrolléiert 'Waasserverschwendung', wann een dat esou däerf soen, am Sënn vun der Propretéit a vun der Desinfektioun vun de Leitungen, déi do muss gemaach ginn.

Am Prinzip gëtt an all deene Secteuren, wou dat gemaach gëtt, am Viraus informéiert, ech hoffen, ëmmer mat deene richtegen Datumen. A mir halen eis och an Zukunft un déi Reegelen.

Wat déi heiten Aarbechten ubelaangt, esou stoung do a Plaz Juni Juli drop.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dat erkläert och e bëssen déi Panik. Well d'Leit hu gesot kritt, se sollen d'Waasser spueren, a mir hunn de Krunn opgedréint. An dofir sinn d'Leit deen dann och zoudréine gaangen. Ech soen Iech Merci fir d'Explikatiounen.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech hat zoufälleg op Facebook matkritt, datt do grouss Panik war. Et ware vill 'Retter in erster Not' do.

Ech kann iech awer och nach soen, wéi et mat den Aarbechten am Zentrum virugeet, well dat interesséiert jo awer méi wéi een. Mir kucke fir nach bis de Kollektivcongé an der Gendarmeriestrooss d'Kanalaarbechte fäerdeg ze kréien. Wann do keen Imprevu méi virkënnt, da kënne mer déi Strooss zoumaachen an da kann de Verkéier erëm do lafen.

Nom Kollektivcongé, dat wier dann Ausganks August, géif et lass goe mat der Finitioun an der Avenue Dr Gaasch, dat heescht d'Trottoire ginn adaptéiert a fäerdeg gemaach, an d'Plaz ronderëm de Centre culturel gëtt ugefaangen a bis Enn vum Joer fäerdeg gestallt. Esou datt mer dann dee ganzen Eck mat där ëmgeleeter Strooss fäerdeg hätten an da géif et dann 2018 virun der Kierch mat den Aarbechte lass goen, déi dee leschten Deel vun deem Projet géifen duerstellen.

Accord à l'unanimité.

9.

Infrastructures routières.

Vote d'un devis adapté au montant de 430.000 euros et d'un crédit supplémentaire concernant le reprofilage et le renouvellement de la couche de roulement de diverses rues et places – décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir haten am Budget 300.000 Euro virgesinn, fir verschidde Stroossen nei ze reprofiléieren. Déi Aarbechte sinn och schonn deelweis gemaach an et handelt sech ëm d'Pierre Gregoire-Strooss hei zu Péiteng, d'rue de l'Hôtel de Ville – déi ass op alle Fall gemaach – d'rue Lentz an den ëffentleche Parking an der rue du Vieux Moulin zu Lamadelaine. Mir haten eis och weider decidéiert, fir de Reamenagement vum ekologesche Parking bei de Weieren ze maachen. Dat ass awer elo dee leschte Moment dobäi komm, well mer do hu misste beim Environnement nofroen, wat mer dierfen do maachen. Dat ass dann och elo schlussendlech accordéiert ginn, esou datt mer dee Parking och am gaange sinn ze amenagéieren. Wa mer dat Ganzt géife maachen, da géife mer och méi Sue brauchen. 300.000 Euro ginn net duer, mä mir misste 430.000 Euro brauche fir all déi Aarbechten ze maachen. Dofir wollte mer de Gemengerot froen, fir nach 130.000 Euro nozestëmmen.

Stoffel Marco (LSAP):

Ech huele just Stellung zu deem Parking beim Rollenger Weier. Do hu mer jo elo gutt gemaach, datt mer dee Parking elo nei amenagéieren. Mä elo sinn d'Leit schonn erëm opgereegt, well mer elo do frësch maachen. Et ass jo ëmmer, esou wéi een et mécht, verkéiert, well elo déi Beemstämm méi wäit erausstinn, ewéi geduecht, an d'Leit elo mat den Autosdiere widderschloen. Ech mengen, mir hate schonns doriwwer rieds, an dat gëtt nach alles ugepasst, esou datt d'Leit anstänneg aus hiren Autoen erauskommen.

Breyer Roland, Schäffen:

Wou déi Reklamatioune komm sinn, do stoungen d'Beemstämm nach eraus. Dat ass awer ugepasst ginn. Deemools war déi lescht Couche nach net drop. Dat ass awer elo gemaach ginn, an elo steet de Bamstamm nach e bëssen eraus, fir ze delimitéieren, mä et ass awer net méi esou, datt een do säin Auto beschiedegt.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dir hutt elo déi Stroosse genannt, déi frësch gemaach ginn oder scho sinn. Heescht dat, et kënnt keng aner méi dobäi?

Breyer Roland, Schäffen:

Fir de Moment net.

Scheuer Romain (déi gréng):

Well ech hat déi leschte Kéier eng Strooss gefrot. Wou den Här Bausch hei war, do hate mer rieds, an do hat der gesot, datt mer am gaange wiere fir déi Stroossen ze erneieren. An do hate mer vun enger Strooss rieds.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hate vun enger Strooss rieds. Et hänkt elo dovunner of. Mir hunn elo déi heite Stroossen ausgeschriwwen. Mir maache jo ëmmer eng Soumissioun. Wa keng Imprevuen dobäi komme bei deene Saachen, da behale mer vläicht nach e Sputt iwwereg, an da kënne mer nach e klengt Stéck an enger Strooss mat maachen. Et si kleng Emplacementer, déi keng grouss Fléckaarbechte bedeiten, mä si waren net virgesi gewiescht a mir hu se elo och net dra gesat. Mä et stellt sech ëmmer eraus, datt – wa mer eng Soumissioun maachen – ëmmer eng Konkurrenz do ass, an déi ass relativ gutt. Mir kréien ëmmer gutt Präisser. A wa se am gaange si mat schaffen, dann trieden op eemol Imprevuen op an da geet et awer erëm net mat de Suen duer.

Mir wëllen elo näischt verspriechen, mä wa mer mat den Aarbechte fäerdeg sinn a mir behalen nach Sue Rescht, da kënne mer nach esou kleng Fléckaarbechte mat duerchhuelen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Et wier schéin, wann dat da géif gefléckt ginn, awer dann e bësse besser wéi et virdru geschitt war. Mä et ass richteg, datt een et duerno soll anstänneg maachen.

Breyer Roland, Schäffen:

Et muss méi groussfläcneg do geschafft ginn. Et muss reprofiléiert ginn. Et geet net duer, fir nëmmen e bëssen Tarmac dranzeschmieren. Well dat hält net.

Wéi gesot, mir hunn déi Plazen net vergiess. Et sinn e puer esou Flécken, déi mer hunn, an déi mer kéinte mat ewech maachen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Mä no de Flécken, kënne mer dat dann eng Kéier an de Budget setzen, datt et anstänneg gemaach gëtt?

Breyer Roland, Schäffen:

Jo.

Accord à l'unanimité.

10.1.

Environnement.

Plans d'action de lutte contre le bruit – décision.

Mertzig Romain, Schäffen:

Mir hunn e Plan d'action contre le bruit an een Avis commun virleien, dee mir zesumme mat 8 anere Gemengen aus dem

Süden (Esch, Déifferdeng, Beetebuerg, Kayl, Monnerech, Réiser, Suessem, a Schëffleng) ausgeschafft hunn. Dëst baséiert op der europäescher Direktiv 2002/49/CE.

Den Accent gëtt u sech op déi grouss 'axes routiers' geluegt, wou mer am Joer ronn 3 Millioune Gefierer zielen. Deen anere Volet gëtt op déi grouss 'axes ferroviaires' geluegt, mat iwwer 30.000 Zuchbeweegunge pro Joer. Laut Statec si mir de Porte parole vu ronn 135.000 Bierger, déi an deenen 9 Gemenge wunnen. Et geet drëms, fir den zoustännegen Autoritéiten adaptéiert Äntwerten, Suggestiounen a Propositiounen ze maachen. Et ass opgefall, datt bei der Publikatioun vum Projet vum Plan d'action keen een Avis vun engem Bierger aus deenen 9 Gemengen eragaangen ass. Mä mir kréien awer trotz allem als Gemeng regelméisseg Reklamatiounen era vu Bierger, a mir rechnen och hei mat enger Participatioun vun eise Bierger, fir d'Kartei vun de 'cartes de bruit stratégiques', déi vun 2011 datéiert, kënnen à jour ze setzen, mat Horizont 2021.

Mir hu jo besonnesch betraffe Plazen, bedéngt duerch den Trafic an duerch d'Industrien, déi mer hei an der Gemeng hunn, esou wéi mer och d'Collectrice hunn, wou mer all Dag ronn 30.000 Beweegungen hunn.

Dofir géif ech dann och de Gemengerot bieden, fir de Plan d'action an den Avis commun ze approuvéieren.

Arendt Patrick (CSV):

Hei geet et virun allem ëm all grouss Stroossen an Zuchaxen am Land. Den Intressi, deen de Schäfferot an dësem Dossier weist, kann ech als Conseiller just begréissen. Well et ass eng wichteg a sensibel Thematik, well d'akustesch Belaaschtung – sief et duerch d'Autoen, den Transitverkéier oder de Fluchverkéier – steeteg zouhëlt. D'Folge vun esou enger Kaméidisbelaaschtung sinn op laang Dauer kierperlech a séileg Stressreaktiounen.

An dësem Kontext erënneren ech och un d'Ënnerféierung beim LTMA, wou ech mer awer bewosst sinn, datt de Ball beim Staat läit, well de Schäfferot de Ball méi ewéi eng Kéier gespillt huet. Am Kader vun der Enquête publique zu dësem Thema ass a kenger vun deenen 9 Gemengen, déi ënnerschriwwen hunn – eng Reaktioun, respektiv eng Beanstandung komm. Et misst een awer kucken, fir eng reell Participatioun vun eise Matbierger unzestriewen. Dat géif ech eng ganz wichteg Saach fanne fir eis Gemeng a fir eis Bierger.

Mertzig Romain, Schäffen:

Et ass richteg, wat der sot. Mir wiere frou, wa méi Matbierger dat géinge maachen. Esou wéi ech et och scho virdrun ernimmt hunn, hu mer regelméisseg Plainten oder Doleancen, déi wéinst 'bruits sonores' an eiser Gemeng erakommen. Mir huelen déi ganz eescht a mir kucke fir dorobber ze reagéieren. An dofir wier et och flott, wa mer vun deenen ëffentlechen Instanzen och effektiv d'Méiglechkeet géife kréien, fir do nach méi adaptéiert kënnen drop ze reagéieren.

Gira Carlo (CSV):

Den Här Arendt huet dat ugeschwat, wat ech och wollt uschwätzen, an dat ass dat vun der Ëmgehungsstrooss. Wann ech den Text awer kucken, da liesen ech awer näischt vun deem Problem mat der Avenue de l'Europe. Do sinn aner Gemengen, wou Stroossen ugefouert ginn, notamment och méi grouss Axe vläicht, mä wa mer de Verkéier hei kucken, dann hu mer och eng grouss Axe, déi heiduerch féiert.

Insgesamt wëll ech soen, datt deen Text vläicht gutt um Pabeier ass, mä wann een da liest, datt schonn eng Kéier esou eng Phas gelaf ass tëscht 2009 an 2016, an nach ëmmer keng Conclusioune gezu sinn, da muss ee sech froen, wat esou ee Pabeier da bréngt.

Et steet och dra vun de 'plans sectoriels'. Déi leien nach net vir, also kënne mer eis nach net op déi bezéien. Da gi Recommandatioune gemaach fir d'Gemengen, datt mer an eise PAGe Verbesserungen oder Verbesserungsméiglechkeete solle virgesinn. Ech mengen, mir sinn am gaangen eise PAG ofzeschléissen, an an deem Kontext sinn dann och PAPen opgefouert. Do kënne mer da vläicht eppes an de PAPe maachen, mä am PAG gëtt et méi schwéier.

Da ginn och relativ gréisse Recommandatioune gemaach. Déi hu mer awer nach ni an der Gemeng ugeschwat, wéi zum Beispill 'la gratuité partielle ou totale des transports en commun', déi mer fir eis Bierger géifen iwwerhuelen, oder 'l'encouragement financier du co-voiturage par les entreprises et les pouvoirs publics, l'encouragement financier du vélo électrique par les entreprises et les pouvoirs publics, l'encouragement accru de la voiture électrique', asw.

Et gëtt och geschwat, fir d'Tariffer vum Stationement méi deier ze maachen. Ech mengen, dat sinn awer Saachen, déi decidéiere mir awer elo net méi hei virun de Walen. Ech mengen, dat sinn Decisiounen, déi en nächste Gemengerot misst huelen. Dat ass op jiddwer Fall emol meng Iwwerleeung zu deem Pabeier.

Mertzig Romain, Schäffen:

Et ass deelweis richteg, wat der sot. Mat de 'plans sectoriels' a mat de PAGe gi mer eis verschidde Méiglechkeeten. Ech mengen, do schafe mer eis emol eng Basis mat deene groussen Axen. Wann ech de Sënn awer vun deem Ganzen do verstanen hunn, dann ass et awer och esou – duerch d'Reklamatiounen, déi mer vun de Leit kréien – solle mer eis dee Katalog och méi grouss maachen. Dofir hunn ech dat och bewosst ernimmt mat der Collectrice, well mer do relativ vill Beweegungen drop hunn.

Dat heiten ass u sech näischt, wat soll, respektiv muss definitiv sinn, wa sech erausstellt, datt Plaze sinn, wou relativ vill Kaméidi ass. Dofir hunn ech jo och bewosst ernimmt, datt et wichteg ass, datt eis Matbierger matschaffen an eis do och Saache matdeelen.

Dat anert ass, wéi gesot, effektiv Zukunftsmusek, mat den elektreschen Autoen, respektiv hu mer do scho Precautioune geholl, datt mer do an Zukunft och e puer Bornë hei an d'Gemeng wäerte kréien. Mir sinn och am gaangen un eise Vëlosweeër ze schaffen, wéi mer awer och gesinn op eisen Opfangparkingen an der Peripherie vun eiser Gemeng an de Co-voiturage fonctionnéiert och. Iwwer d'Gratuitéit vum ëffentlechen Transport muss een natierlech diskutéieren, well mir wëssen alleguerten, datt dat ëmmer e relativ grousse Käschtepunkt duerstellt, an do sinn nach vill Diskussiounen driwwer ze féieren.

Accord à l'unanimité. Mme Birtz, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

10.2.

Environnement.

Vote d'un crédit spécial de 50.000 euros concernant la renaturation et le réaménagement des rives de la Chiers à Pétange – décision.

Mertzig Romain, Schäffen:

Mir hunn de Giele Wee laanscht d'Kor plazeweis vum Waasser ënnerspullt, respektiv ass mat Lächer agefall. Et ass dat op deem Stéck tëscht der bloer Bréck an dem Péitenger Weier. An do musse mer eis Suerge maache fir d'allgemeng Sécherheet. Déi zoustänneg staatlech Instanzen hunn hiren

Accord gi fir dee Wee laanscht d'Kor appropriéiert a Stand ze setzen. Dofir misste mer awer e Spezialkredit vu 50.000 Euro am Budget 2017 virgesinn.

Gira Carlo (CSV):

Dat doten ass eng Saach, déi leeft elo scho ganz laang. Wat ech awer elo net richteg verstanen hunn, Här Mertzig, dir hutt gesot, datt déi staatlech Instanzen eis den Accord ginn hätten. Dat heescht, si maachen de Projet a mir mussen e finanzéieren oder virfinanzéieren?

Mertzig Romain, Schäffen:

Mir mussen et u sech virfinanzéieren. D'Ponts et Chaussées waren net bereet fir do eppes ze maachen an dunn hu mir e Projet ausgeschafft. Dofir musse mir déi Sue stëmmen an duerno wäerten déi Suen dann iergendwéi eng Kéier zeréckkommen, well dat opgedeelt ass. Well et net eisen Terrain ass, si mir net eleng befugt fir do ze schaffen. An dofir musse mer d'Autorisatioun hu vun deenen zoustännegen Instanzen.

Gira Carlo (CSV):

Ech gi ganz dacks do laanscht an dofir kennen ech déi Situatioun relativ gutt. Läit do elo schonn e Plang vir? Well et ass Plaz do, datt een dee Wee e bësse méi no lénks, respektiv zu der Collectrice hi géif verleeën, fir esou déi Securisatioun zur Säit vun der Kor ze garantéieren?

Mertzig Romain, Schäffen:

Déi Sue sinn an enger éischter Phas emol virgesi fir ee Projet auszeschaffen, dee weist, wéi dat duerno kéint ausgesinn a wat duerno sécher ass an net nom klengsten Héichwaasser erëm ënnerspullt ass. Dat dote kéint eng vun de Léisunge sinn, fir de Wee effektiv e bëssen no lénks hin ze zéien. Mä dat mussen d'Etüden erweisen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Geet dat just bis bei d'Bréck a bis bei d'Weieren? Oder geet et déi aner Säit weider? Well do war jo dee Problem, wou déi Barrière um Wee stoung. Gëtt dat vum Staat iwwerholl, wann dat eng Kéier gemaach gëtt?

Mertzig Romain, Schäffen:

Dat hei ass elo just vun der bloer Bréck bis virun d'Weieren. Net déi aner Säit.

Scheuer Romain (déi gréng):

An déi aner Säit, wou dee Problem ass mat där Barrière a mat deenen Trapen?

Mertzig Romain, Schäffen:

Dat ass een anere Projet an do muss een aner Léisunge fannen. Do geet et alt erëm d'selwecht, wéi hei och. Do muss een d'Gespréich mat deenen zoustännegen Instanze sichen an op d'Accorde waarden.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dat dauert awer schonn zimlech laang. Kann een do net eng Kéier intervenéieren?

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech hu mer dat genee notéiert. Do ass et awer esou, datt de Staat u sech Proprietär ass vun deene Parzellen. A mir sinn u sech just op zwou Plaze Proprietär, an déi sinn ënnert de Kadasternummeren 6/2886-01, respektiv 6/3895-99, agedroen. An déi Plaz, déi dir elo uschwätzt, läit an der Mëtt an do musse mer d'Accorden hu fir do kënnen ze schaffen. Do ass awer och nach d'Käerjenger Gemeng, déi och op deem Territoire nach Proprietär ass. An do ass et u sech esou, datt Schroeder & Associés am gaangen ass e Projet auszeschaffen. A well mer och déi national Vëlospiste wëllen do uschléissen – well dat een Haaptknuetpunkt ass – a se wëllen un den nationale Reseau an dee belsche Reseau uschléissen, a well et eng Subsidegeschicht ass, waarde mer u sech do op gréng Luucht.

Do ass och ugeduecht, fir elo an nächster Zukunft e Rendez-vous mam Här Christophe Reuter – dee sech vum MDDI dorëms bekëmmert – ze maachen, a wou mer och musse kucken, fir mat der Gemeng Käerjeng eng Léisung ze fannen.

Firwat ass de Wee zou? Mir mussen en ofsécheren. A wat dann och nach ass, et geet net duer fir einfach do eppes ze maachen. Well bei de Vëlosweeër muss och eng gewëssen 'pente applicable' sinn an dofir gëtt dee Projet och méi grouss. Et geet net duer fir elo einfach d'Trap neizemaachen, well dann hu mer nach ëmmer keen Uschloss un d'Vëlospist. An och do ass et erëm eng Kéier un deene staatlechen Instanzen, fir eis den Accord ze ginn, fir datt mir eppes kënnen do maachen.

Dir hutt awer Recht. Dir sidd net deen Eenzegen, deen do Reklamatioune kritt. Dat ass effektiv eist Suergekand an dat läit eis e bëssen um Häerz. Mä, wéi der gesitt, si mir net eleng Meeschter op där Plaz.

Accord à l'unanimité. Mme Birtz et M. Stoffel, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

11.

Culture.

Vote du décompte provisoire de 1.250.000 euros et vote d'un crédit supplémentaire de 250.000 euros pour la réalisation de l'AUDEO à Lamadelaine – décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hunn de Moment de Point gemaach, wat de Site AUDEO zu Lamadelaine betrëfft. Déi Studioen, déi do sollen entstoen, si jo en innovative Projet an do hu mer de Point elo gemaach, wat den Timing vun den Aarbechte betrëfft, wéi si fäerdeg ginn an och, wou mer mat de Suen dru sinn a wat nach eventuell vu Wënsch do opstinn. An do hu mer eng Rei Saache festgestallt.

Mir hu festgestallt, datt mer bei der Soumissioun, déi mer opgemaach hunn, keng gutt Präisser do waren, well mer an enger Spart do operéieren, wou mer haaptsächlech näischt nei bauen, mä haaptsächlech transforméieren an eppes Innovatives an d'Plaz setzen. Mir hate Supplemente vun 79.427,75 Euro ouni TVA, an dat eleng bei de Soumissiounen op deene Posten, déi mer ausgeschriwwen haten.

Mir hate gehofft, fir am Laf vun den Aarbechte vläicht op där enger oder anerer Plaz eng kleng Reserve op anere Poste kënnen ze kréien. Dat huet sech awer net esou erwisen. Et sinn nach weider méi schlecht Nouvellen dobäi komm. Eng Nouvelle war, dass de Kanal ganz schlecht war. Mir mussen och vun Ufank u soen, datt mer nëmmen en Architekt op deem Schantjen haten. Mir hate keen Ingenieursbüro drop gesat. Normalerweis, wa mer nei bauen, dann ass en Architekt do, an en Ingenieur fir d'Stabilitéit an all déi technesch Gegebenheeten ze kucken. Hei hu mer – wou mer mat den Aarbechten ugefaangen hunn – festgestallt, datt de Kanal ganz schlecht wier an datt en den Ufuerderunge vum Site net méi entsprach huet. Et hu misste Sondagë gemaach ginn an et huet missten en neie Kanal gemaach ginn.

Et huet ee gesinn, datt d'Etancheitéit ënne ganz schlecht war. Mir haten ëmmer an der Erënnerung, datt de Bau eng al Kierch

war, an datt de Bau ëmmer nëmmen uewe profitéiert gi war. Mä d'Etancheitéit, wou d'Studioe sollen hikommen a wou se och elo sinn, war ganz schlecht an dat huet 32.229 Euro u supplementare Käschte mat sech bruecht. An déi Sue ware guer net virgesinn.

Déi elektronesch Installatioun – sougut banne wéi baussen – ass mat 16.600 Euro och méi héich gewiescht. Da sinn Adaptatioune komm, déi duerch d'Inspection des bâtiments publics, dem Här Conter, virgeschriwwe si ginn. Hien huet e Rapport vun 2 Säite geschriwwen, mat 11 Punkten drop, wou hien hei an do gäre méi Sécherheet hätt. Haaptsächlech bei 'escalier métalliques'. Dat schléit mat 14.800 Euro zu Buch.

Mir hätten och gäre Glasfaser do gehat, wat awer noutwenneg ass, fir wa mer gären Iwwerdrounge vun do aus wëlle maachen. Déi waren net virgesinn, well zu deem Punkt, wou mir de Glasfaser verluegt hunn, dat Gebai nach net an eiser Hand war. Dat huet dann nach nodréiglech missten erageluegt ginn. An et soll elo nach eng 'étude signalétique' gemaach ginn, wou een dat Ganzt da kann erëmfannen, wou ass wat ze gesinn. Dat heescht, déi eenzel Raim mussen definéiert ginn an och esou ausgezeechent ginn. An et soll och um Giewel, um grousse Pignon, deen ee gesäit, wann een d'Bréck erof kënnt, an deen net ganz schéin ass, dee soll nach iergendwéi méi artistesch gestallt ginn. Mir haten do en Concours bei de Lycéeë gemaach an do si Propositiounen erakomm. Do ass den Numm erakomm, dee mer hei am Gemengerot jo och ugeholl hunn – AUDEO – an do soll dann och nach eng Figur op dee Giewel dropkommen, deen augenmerklech do signaléiert, datt do eppes Spezielles ass. Do si mer am gaangen de Kënschtler ze sichen, e Spezialist am Graffiti, an dat soll och nach realiséiert ginn. An dat war och net ganz am Ufank virgesinn.

Bref, mir musse feststellen, an dat ass leider esou, datt mer e supplementare Kredit vun 250.000 Euro brauchen, fir bannen unzekommen. Déi Aarbechte sollen elo nach gemaach ginn an deenen nächste Méint. Den Timing ass esou, datt mer den 20. September mat den Installatioune fäerdeg wieren, wa mer déi Suen zur Verfügung gestallt kréien. Et ass alles bestallt. Mir hunn e klenge Retard, well mer op 'portes coupe feu' waarden, déi schonn am Mee bestallt si ginn an déi bis elo awer net kënne liwweren, well nëmmen eng Firma anscheinend dat ka maachen. An déi loosse sech dann och net drängelen a si kommen déi eréischt am September installéieren. Esou datt mer do e bëssen a Verzuch kommen. Mä am Grousse Ganze geet et awer gutt virun. Dee Studio kritt esou lues a lues Fassong a mir freeën eis schonn drop, fir bei der Schoulrentrée mat deene Liebhaber, déi sech schonn do gemellt hunn, a mat där neier Collaboratrice, déi mer haut gestëmmt hunn, do flott Produktioune kënnen ze maachen.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Also ech fannen, datt déi 250.000 Euro e staarkt Stéck ass. Kréie mer ëmmer esou Saachen hei bëlleg verkaf a kréie gesot, datt et net esou deier gëtt? O.K., wann eppes ëmgeännert gëtt, da kommen ëmmer emol Imprevuen. Mä 250.000 Euro fannen ech e bësse vill. Wann ech dat richteg gesinn, da geet do rieds vun der Kanalisatioun, oder datt hei an do net 'étanche' ass. Ech mengen, wann en Architekt, oder eis Leit, dat net gesinn, da weess ech och net, wéi mer dann aner Devisen ëmmer duerchkréien, wann esou Saachen opgemaach ginn.

Da kréie mer dat als bëllegen Objet verkaf, duerno verdéngt den Architekt awer erëm nach seng 10% drop. Hien huet jo awer net vill gemaach, vill Saachen net virgesinn, an dat fannen ech en Onverständnis vu senger Säit.

Fir elo nach op dee Kënschtler schwätzen ze kommen. Dat ass jo ganz flott, mä wësse mer dann do wéinstens de Präis, wat deen eventuell freet? Well ech fäerte ganz, mat där doten Zomm, si mer duerno nach guer net fäerdeg.

Ech hätt do gären nach e puer Erklärungen, well Kanal, Glasfaser, wat mer an all Gebai hunn, ass jo awer eng wichteg Saach. Wien iwwersäit dann esou Saachen? Dat kann awer och net sinn, datt do net vum Architekt aus opgepasst gëtt, oder mir kréien déi Saach bëlleg verkaf, mat der Ausso 'Dat ass net esou deier, dat maache mer' an da gëtt et duerno awer vill méi deier. An domatter sinn ech net averstanen.

Breyer Roland, Schäffen:

Den Architekt gëtt gären hei als dee Schëllegen dohinner gesat. Hien huet awer net déi Schold, wéi dat am éischte Moment ausgesäit, well bei der Soumissioun d'Präisser méi héich louche wéi dat, wat agesat gi war. Et kann ee soen, datt den Architekt hätt sollen d'Präisser méi héich asetzen, dann hätt hien déi Iwwerraschung net gehat. Hien hat d'Präisser realistesch agesat, mä et huet een heiansdo a Gebitter vu Renovatiounen an a speziellen Techniken net déi Auswiel vu Betriber, déi bei Soumissioune matmaachen. Wann der vill matmaachen, da raiberen se heiansdo an heiansdo kritt ee gutt Präisser. Mir gesinn awer elo, datt mer op deene meeschte Plaze schlecht Präisser kréien. Dat hu mer och bei anere Soumissioune gemierkt. An dat wäert och an nächster Zäit esou bleiwen, wann d'Konjunktur ganz staark dobaussen ass, da gëtt och um Präis geraibert, awer no uewen.

Den Architekt gesäit dem Bau net an de Bauch eran. Do misst een en Ingenieursbüro dobäi huelen. Deen hätte mer kënnen dobäi huelen. Dann hätte mer en Ingenieursbüro geholl an dann hätt deen emol 100.000 Euro kritt fir seng Missioun ze maachen. Dann hätt deen ënnersicht, wéi de Kanal ass, wéi et mat den Infrastrukturen ass.

Déi Saach mam Kanal ass festgestallt ginn doduerch, datt méi Toiletten hu misste bäikommen. Doduerch, datt en en ëffentleche Raum gëtt, an doduerch, datt mir als Gemeng aner Verflichtungen hu wéi eng Kierch, neo-apostolescher Natur, déi do war, war dee Kanal einfach net déck genuch gewiescht. Dat ass festgestallt ginn, wou d'Fouillen ugaange sinn a wou mer um Bau geschafft hunn.

Wat huet missten do gemaach ginn? Déi Dalle ënnen, déi war gutt, esou laang wéi d'Kierch do war. Mä si war net 'étanche' genuch, 'étanche' och am Sënn vun der Sonorisatioun. Well do komme Studioen dran, an déi mussen aneschters ofgedicht ginn an et huet sech erausgestallt, datt déi Ofdichtung net duergaangen ass.

D'Fonction publique, den Här Conter, kënnt ëmmer mat Iwwerraschungen. Wa mer nei bauen, da wësse mer am Viraus, wéi breet zum Beispill eng Trap muss gemaach ginn. Mä bei engem Bau, wou mer eppes ëmbauen, kréie mer mat Sécherheet Oploen, wat d'Sécherheet baussen a banne betrëfft, déi ëmmer zu Buch schloen. Als Beispill, wa mer de Weier zu Lamadelaine emol eng Kéier ofhuelen, da wäert der gesinn, wat do déi Securitéitsmesurë kascht hunn.

Den Architekt ass u sech responsabel fir ganz genee en hallwe Prozent vu sengen Honorairen, wat do an d'Luucht geet bei him. Déi aner Saache sinn Imprevuen, déi net konnten iwwersi ginn, well hien net an de Bauch vum Bau kann erakucken.

Op där aner Manéier sinn et och Saachen, déi vun eis aus dobäi komm sinn. Mir hate gemengt, datt ee soll dee Giewel gestallten. Mir kënnen et awer och si loossen. Wann dir der Meenung sidd, datt déi Signalisatioun bannen a bausse vum Gebai net soll gemaach ginn, da maache mer dat net. Bausse soll en Totem kommen, d'Raimlechkeete banne solle signaléiert ginn an et soll eng artistesch Gestaltung vum Pignon gemaach ginn, an dat kascht eis 46.000 Euro. Wa mer

dat net wëllen, da kann de Gemengerot decidéiere fir dat ewech ze loossen, an da loosse mer de Giewel esou, wéi en elo ass. Et ass net, datt dat wichteg ass. Mä et ass awer en Erkennungsmerkmal, wann een iwwert Bréck kënnt an et kuckt een do erof, da gesäit ee vläicht net dee Silo vu Ponts et Chaussées, mä et gesäit ee vläicht e flotte Giewel, deen usprécht a wou ee virwëtzeg gëtt iwwert dat, wat am Gebai stattfënnt.

Dat si Saachen, déi am Laf vum Schantje komm sinn. Ech ginn iech Recht, dass der iech opreegt. Mengt net, datt ech mer eng Freed dorausser maachen, fir Kreditter musse sichen ze goen, wou ech u sech och net dofir kann. Déi Saache kommen, a leider, soen ech. Ech wëll net nach aner Schantercher hei nennen, wou mer am gaange sinn, an déi och explosiv gi sinn. Hei ass e Supplement dobäi vu ronn 10%, wou mer selwer nach Saache gäre bäi hätten. Also, 144.000 Euro sinn nach bäi komm vu Saachen, déi mir als Gemeng gären hätten a wou mir gären et besser gestallten oder aneschters amenagéiere wéi et war.

D'Glasfaser ass eng Saach, déi mir als Gemeng dohinner leeën. Déi louch net op der Plaz, an déi huet missten dohinner geluegt ginn. Den Architekt weess emol net, wou Glasfaser an der Gemeng ass. Dat ass eise Schantjen. Iwwerall, wou mir en neit Gebai kréien, musse mir d'Glasfaser leeën. Dat ass eng Konsequenz dovunner.

Bref, ech sinn net frou, datt mer déi Suen hei mussen an de Gemengerot siche kommen. Op där aner Manéier gesinn ech awer an, datt do Saache waren, déi net konnten an deem Sënn virgesi ginn, weder vun engem Architekt, nach vun eise Büroen am techneschen Service. Heiansdo kënnt een an eng Period eran, wou d'Präisser gutt sinn an déi aner Kéier si se schlecht. A bei Ëmbaute gesäit een ëmmer, datt ëmmer méi Imprevuen dra sinn ewéi bei engem neie Bau.

Accord à l'unanimité. Mme Birtz et M. Stoffel, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

12.

Sports.

Vote d'un devis et d'un crédit spécial de 40.000 euros concernant des équipements à apporter aux terrains du FC Rodange suite à la montée en division nationale – décision.

Mertzig Romain, Schäffen:

Doduerch dann den FC Rodange 91 an déi héchste Spillklass opgestigen ass, gëtt dem Veräin duerch déi national Fussballfederatioun verschidde Critèren operluegt. Mir wieren dann och gewëllt, fir verschidden noutwenneg Modernisatiounen ze realiséieren an och deelweis neit Material unzeschafen. Dofir hu mer haut en Devis vu 40.000 Euro virleien.

Accord à l'unanimité. M. Stoffel, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

13.1.

Vie associative.

Vote du décompte provisoire de 890.000 euros et vote d'un crédit supplémentaire de 80.000 euros pour le nouveau chalet Scouts à Rodange – décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Am Dezember 2014 hu mer eng Konventioun gestëmmt, fir de Scoutschalet nei opzebauen an d'Gemeng hat sech deemools dofir agesat, fir datt mer solle 590.000 Euro bäi ginn, fir datt de Chalet soll zesumme mam Ministère kéint nei opgebaut ginn. Do hate mer awer Problemer kritt, a mir haten e Baustopp kritt. D'Fondatiounen hu missten erëm nei ugefaange ginn, den Emplacement huet misste geännert ginn, esou datt do scho Supplementen op eis duerkomm sinn. Doduerch ware mer gezwongen, fir de 25.04.2016 en neien Devis supplémentaire vun 220.000 Euro ze stëmmen.

Elo hu mer en Devis adapté virleie mat engem Total arrondi, fir emol ze kucken, wéi wäit datt mer sinn, well de Scoutschalet a seng Endphas geet a mir hoffen, datt mer en an dësem Hierscht nach kënnen aweien, fir datt d'Scouten hir Aarbecht mat deene Jonke kënne weiderféieren. Elo hu mer en Devis adapté vum 7. Juli 2017 virleie vun 1.335.000 Euro.

An zwar geet et haaptsächlech dorëm, datt och do zousätzlech Aarbechte gemaach si ginn an déi och nach gebraucht waren. Well de Ministère awer och an deem doten Dossier mat dran ass, huet de Ministère sech awer och bereet erkläert, fir nach e supplementare Subsid ze gi vun 20.288 Euro, zu deene 425.000 Euro, déi se scho primär zur Verfügung gestallt haten.

Esou datt – wa mer elo kucken, wat do nach op eis duerkënnt – mer en Devis approuvé am Ganzen hate vun 810.000 Euro, an datt déi viraussiichtlech Ausgab elo bei 890.000 Euro läit.

Accord à l'unanimité.

13.2.

Vie associative.

Octroi des subsides aux sociétés au montant total de 166.667,37 euros et vote d'un crédit supplémentaire de 94 euros - décisions.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Statistesch kann ee festhalen, datt mer dëst Joer Subsiden an der Héicht vun 166.667 Euro ausbezuelen. Dat ass quasi identesch mat deem, wat mer d'lescht Joer ausbezuelt hunn. Do waren et nämlech 166.344 Euro.

Wann ee kuckt, da si 36.000 Euro fir 'subsides fixes' ausbezuelt ginn. Dat ass dee fixe Subsid, deen un d'Veräiner geet, an déi maachen 21,5% aus. 23.880 Euro sinn ausbezuelt ginn op Grond vun Aktivitéiten, dat si 14,3%. 42.538 Euro si fir Jugendaarbecht, dat si 25,5% - dat heescht, all véierten Euro, dee mer als Subsid ausbezuelen, gëtt fir eis Jugendaarbecht konzentréiert, 21.825 Euro fir 'directeurs de musique et de chant', dat sinn 13,1% - wou och alt erëm een Deel fir eis Jugend ass -, 9.500 Euro fir 'manifestations officielles', dat si 5,7% an dat ass, fir wann eis Veräiner un offizielle Manifestatiounen deelhuelen, wéi zum Beispill Nationalfeierdag, Commemoratiounsdag, asw., an 11.664 Euro si fir d'Oeuvres St Nicolas, dat si 7% an dat ass eis Participatioun vun der Gemeng un deenen Titercher, déi di verschidden Oeuvre fir de Kleeschen zur Verfügung stellen, dat besonnesch duerch eng Hausse, déi mer hu misste maachen, fir och fair gehandelt Produkter an deenen Titercher virzegesinn.

Dat sinn déi grouss Richtlinnen, wéi sech déi verschidde Subsiden opdeelen.

Breyer Roland, Schäffen:

Dir hutt eng Lëscht virleien, wéi d'Subsiden an deene leschte 4 Joer – vun 2014 bis 2017 – evoluéiert hunn. Eist Reglement gesäit vir, datt een eng Base vu Subsiden huet, datt een dann déi Base kann augmentéieren, verduebelen, verdräifachen, wéi nach ëmmer, duerch Aktivitéiten, déi een huet. Wann ee vill Aktivitéiten huet, da gëtt ee besser belount wéi wann een

der manner huet. A wann ee manner Aktivitéiten huet, kritt een och manner Subsid.

Et gëtt natierlech och gekuckt, wéi d'Präsenze bei deene 'manifestations publiques' sinn, haaptsächlech bei deenen, déi d'Gemeng ëmmer virschléit an och selwer organiséiert. Et gëtt och gekuckt, wéi den 'encadrement des jeunes' ass, haaptsächlech beim Sport an et gëtt gekuckt, fir d'Dirigente vun de kulturelle Veräiner – wann der do sinn – ze indemniséieren. Et gëtt och e wéineg gekuckt, ob een en Anniversaire huet oder 'mesures écologiques' mat dréit.

Dat sinn d'Critèren, déi bekannt sinn a wou d'Veräiner ganz genee wëssen, wéi se duerno kënnen evoluéieren an och eventuell selwer kënnen hëllefe fir hire Subsid ze gestallten, wa se alleguerten déi Aktivitéiten a Mesurë matmaachen, déi d'Gemeng proposéiert.

Mir hunn e puer kleng Rektifikatioune misste virhuelen, an dat bei Sportsveräiner, déi méi an de Loisirs passen ewéi an de Sport, well se soss méi schlecht ewech komm wieren. Am Grousse Ganze si mer – wéi schonn ugedeit ginn ass – an där selwechter Envergure wéi dat Joer virdrun. Mir hu 25 Sports- a Fräizäitveräiner, déi subventionéiert ginn, mir hunn 30 kulturell Veräiner, mir hunn ee Veräin, dee sech mat den Auslänner ëmgëtt, mir hunn 2 Veräiner, déi sech mam Drëtten Alter ofginn, 5 Veräiner, déi sech mat der Ëmwelt befaassen a 25, déi sech mat der Famill ofginn an 2, déi sech ausschliisslech fir d'Jugend asetzen.

Et sinn 90 Veräiner, déi reegelrecht subventionéiert ginn an déi keng Memberskaart bezuelt kréien. Et sinn och nach 10 Stéck dobäi, déi mat Memberskaarte bezuelt ginn a wou mer déi Aktivitéiten net esou suivéieren. Hei sinn der 90, déi mer suivéieren a wou mer feststellen, dass op e puer Euro près se praktesch alleguerten dat selwecht kréie wéi dat Joer virdrun. 10 Stéck kréien e bësse manner – deelweis och e bësse méi manner, an dat haaptsächlech, well se bei der Jugend net méi deen Effort gemaach hunn an net méi déi Jugendlech an hire Reien hunn. Par contre sinn et der 17, déi awer weider kréien. An dat ass een Usporn, an et soll jo och net sinn, datt dat eng Rent ass. Et soll jo d'Leit an d'Veräiner usporne fir dat ze maachen, wat d'Gemeng gären hätt wat gemaach soll ginn. Dat heescht, fir haaptsächlech Dirigenten oder professionellen oder qualifizéierten Encadrement dohinner ze setzen, an op der aner Manéier Jugendlecher unzezéien an un deene Manifestatiounen, déi d'Gemeng organiséiert, matzemaachen. Dat ass och esou geschitt. Et si 15 Veräiner, déi haaptsächlech iwwert den 'encadrement des jeunes' profitéieren, 6 Veräiner, déi dovunner profitéieren, datt se Dirigente bezuelt kréien, et si 5 Veräiner, déi en Anniversaire hunn an déi da laut Subsidereglement bei 25, 50, 75 oder 100 Joer eng Verduebelung vum Subsid zegutt hunn. Et si leider awer nëmmen 2 Stéck, déi di 'mesures écologiques' matgemaach hunn, wou mer gesot hunn, datt – wa se e Wisefest organiséieren – da sollen se recyclabel Saachen huelen oder Saachen, déi d'Ëmwelt net belaaschten. Et sinn der just 2, déi dovunner profitéieren an do hoffe mer, datt nach méi kënnt.

Et ass och ee Spezialsubsid dobäi, well do eng Ufro an deem Sënn do war, an et sinn – wéi gesot – 6 Memberskaarten, déi mer bezuelen.

Déi Kommissiounen, déi sech haaptsächlech mam Sport, mat der Kultur, mat der Ëmwelt, mat der Famill befaassen, haten hir Entrevuen an hunn déi Saachen hei begutachtet. Si hunn hir Remarke gemaach. Et sinn der e puer, déi vläicht net direkt afléissen, mä déi musse vläicht emol eng Kéier an d'Reserve geluegt ginn a gekuckt ginn, ob déi Remarken am Kader vun enger 'Révision générale' vum Subsidereglement kënne mat afléissen. Do si vläicht nach déi eng oder aner kleng Schrauwen ze dréinen, fir datt et vläicht nach méi gerecht gëtt. Mä am Grousse Ganze si mer zefridde mat deem Resultat hei an ech mengen, mir sinn um richtege Wee, wat d'Ënnerstëtzung vun eise Veräiner ubelaangt, nieft deene 'partenariats simples, privilégiés' an de 'grands partenariats', déi nach méiglech sinn a wou d'Gemeng d'Veräiner materiell a logistesch ënnerstëtzt.

Rosenfeld Romain (CSV):

Et gesäit ee wierklech mat deem neie Reglement, datt déi Veräiner, déi vill Jugendaarbecht bedreiwen, wierklech och belount ginn. Ech fannen et ass dat, wat d'Subsidereglement ausmécht, säit mer et deemools geännert hunn. Ech fannen dat tipptopp. Do ginn haut iwwerall grouss Fuerderunge gestallt, a wann déi hir Aarbecht tipptopp maachen, da sollen se och esou remuneréiert ginn.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Et gouf elo gesot, datt d'Veräiner net vill vun deene Subside fir de Gebrauch vu recycléierbarem Material profitéieren. Ech mengen, et si verschidde Veräiner, déi dat guer net wëssen, oder si ignoréieren et och vläicht. Mä et gëtt jo awer drop higewisen, datt se dat erëmkréien. Et ass awer vläicht net ëffentlech genuch. Ech hu scho verschiddene Veräiner dat gesot a si missten dat kleng gedrécktend och vläicht liesen, wat se bei hirer Autorisatioun matgedeelt kréien. Dat wier vläicht wichteg an da géif vläicht net esou vill däers Plastik doruechter gehäit ginn.

Breyer Roland, Schäffen:

Dir hutt Recht, et muss een nach insistéieren. Dat ass elo ganz nei, datt mer dat eréischt dragesat hunn. Et muss een awer dobäi soen, datt all déi Organisatiounen, déi d'Gemeng selwer mécht, oder déi am 'partenariat privilégié' stattfannen, mat deem CUP-System fonctionnéieren an datt mer dat och imposéieren. Dat heescht, all déi grouss Manifestatioune fonctionnéiere laut deem ekologesche Prinzip. Dat hei si just nach méi kleng Saachen, déi vläicht net ënnert déi Kategorie fale vum 'partenariat privilégié' a wou mer mussen nach méi drop hiweisen, datt de Veräin dat soll loune goen a mir bezuele praktesch déi Rechnung zeréck. De Veräi brauch praktesch nëmmen déi Sue virzestrecken.

Brecht Guy (LSAP):

Ech kann dem Här Breyer an dem Här Rosenfeld nëmmen zoustëmmen a soen, datt mer wierklech ganz gutt Aarbecht bei de Subside gemaach hunn. Fir d'éischt emol, wat d'Jugendaarbecht ugeet. An do hu mer duerch dat neit Reglement och nach d'Ënnerstëtzung vun de Betreier vun deene Jugendlechen. Ech mengen, mir sinn um gudde Wee an d'Veräiner appreciéieren dat och, wa se déi Suen do kréien.

Dann hate mer éinescht déi Diskussioun mat deene Becheren, déi sollen imposéiert ginn. Ech fannen dat ganz gutt, a mir sollen de Veräiner wéinstens soe fir kee Glas méi eraus ze ginn. Well viru Kuerzem war eng gréisser Manifestatioun – mat Ënnerstëtzung vun der Gemeng – wou d'Leit effektiv mat Glieser eraus op d'Strooss gaange sinn, an ech weess net, wat se alles domatter gemaach hunn. An do wier et dréngend noutwenneg, fir dat ze imposéieren.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hunn zwar d'Glas als Alternativ zum Plastiksbecher bis elo toleréiert. Wann d'Glas awer eng Gefor duerstellt, doduerch datt Fläschen oder Glieser op de Buedem falen – da muss een dat kucken. Dat hänkt jo ëmmer vun der Zort vu Manifestatioun of. Mä wann et eng gedige Form vu Wisefest ass, dann ass d'Glas eng Alternativ zum Plastiksbecher.

Brecht Guy (LSAP):

Mir hunn en extrat Reglement gemaach, datt op eise Sportsterraine kee Glas méi dierf eraus. Dat muss am Lokal

selwer bleiwen. Da wier et jo awer och net schwéier, fir et hei och d'selwecht ze maachen.

Accord à l'unanimité.

13.3.

Vie associative.

Octroi d'un subside de base de 250 euros pour la nouvelle section de la Croix-Rouge issue de la fusion des sections locales de Pétange et de Rodange/Lamadelaine – décision.

Explications par M. Roland Breyer, échevin.

Accord à l'unanimité.

Gemeinderatssitzung vom 17. Juli 2017

Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)		**Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV) **Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP)
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Birtz Gaby** (LSAP) **Brecht Guy** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng)

Abwesend und entschuldigt:

Muller Albert (-), **Thein Joe** (-), **Tockert Claude** (DP)

1. und 2.

Die Punkte 1 und 2 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat jedoch beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Ernennung eines Bademeisters (m/w) - Beschluss.

Herr Mirza Balicevac aus Differdingen wird provisorisch als Bademeister ernannt.

Ernennung eines Gemeindeangestellten (m/w) in der E-Laufbahn - Beschluss.

Frau Véronique Biver aus Hesperingen wird als Gemeindeangestellte auf den freien Posten in der Abteilung Kultur und Kommunikation genannt.

3. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Bürgermeister Pierre Mellina gibt Auskunft darüber, dass 8.522 Wähler – davon 1.139 ausländische Bürger – auf den Wählerlisten eingetragen waren. Während der Informations- und Sensibilisierungskampagne (vom 1. April bis 13. Juli 2017) haben sich 277 ausländische Staatsangehörige in die Wählerliste einschreiben lassen um als neue Wähler an den Kommunalwahlen teilnehmen zu können.

4.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Gesamteinnahmen in Höhe von 11.428.162,95 Euro, davon sind 11.283.298 Euro im „Fonds de dotation globale des communes“ - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

4.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Statutenänderung des „Syndicat Intercommunal des Tramways Intercommunaux dans le Canton d'Esch (T.I.C.E.)“ - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

4.3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Statutenänderung des „ Syndicat Intercommunal pour la Destruction des Ordures (SIDOR) “ - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

4.4. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Abstimmung über einen Kostenvoranschlag sowie einen Spezialkredit über 80.000 Euro für eine neue Eingangshalle im Haus Pesch - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

4.5. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Abstimmung über einen Kostenvoranschlag sowie einen Spezialkredit über 100.000 Euro zwecks Abriss des Heintz-Hauses in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

5. - Musikunterricht.

Provisorische Musikschulorganisation für das Jahr 2017/2018 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

6.1. - Soziales.

Konvention mit dem „Club Senior Prënzebierg" für das Jahr 2017 – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6.2. - Soziales.

Aufwertung der Laufbahn des Hilfsbetreuers - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

7.1. - Liegenschaften.

Vergleich in Bezug auf den kostenlosen Kauf eines 26 Zentiar großen Grundstücks von der Gesellschaft „SA Constropi" am Standort „avenue Dr Gaasch" in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7.2. - Liegenschaften.

Vergleich in Bezug auf den Kauf von insgesamt 157,06 Ar großen Grundstücken zum Preis von 97.245 Euro von Frau Emilie Olinger, Frau Fernande Olinger sowie Herr François Olinger an den Standorten „In Gras", „Im Gelben Butter" und „Im Dielchen" in Lamadelaine und Abstimmung über einen Zusatzkredit über 100.000 Euro - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

7.3. - Liegenschaften.

Vergleich in Bezug auf den Kauf eines 50 Ar großen Grundstücks von Frau Jacqueline Thill, Frau Nicole Schütz, Herr Joseph Perrard, Frau Anne Thill, Frau Antoinette Thill und Frau Elise Thill zum Preis von 875.000 Euro am Standort „In der Lehr" in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7.4. - Liegenschaften.

Vergleich in Bezug auf den Verkauf eines Grundstücks am Standort „Am Aker" in Lamadelaine an Herr und Frau Radonic-Iben Maaoui - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7.5. - Liegenschaften.

Vergleich in Bezug auf den Verkauf eines Grundstücks am Standort „Am Aker" in Lamadelaine an Herr und Frau Seiceira Dias-Pereira Teixeira - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7.6. - Liegenschaften.

Vergleich in Bezug auf den Verkauf eines Grundstücks am Standort „Am Aker" in Lamadelaine an Herr und Frau Ushkalov-Cretu - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7.7. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den kostenlosen Kauf von insgesamt 45 Zentiar großen Grundstücken von der Gesellschaft „S Batigest" am Standort „rue Adolphe" in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7.8. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den kostenlosen Kauf eines 12,04 Ar großen Grundstücks von der Gesellschaft „SA Vimo" am Standort „rue Charlotte" in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7.9. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Tausch von Grundstücken am Standort „avenue de la Gare" mit Herr Charles Collé und Frau Christian Pütz - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7.10. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den kostenfreien Kauf eines 1 Zentiar großen Grundstücks von Frau Cindy Collé am Standort „rue Nicolas Thill" in Lamadelaine – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7.11. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Kauf eines 10 Zentiar großen Grundstücks zum Preise von 75 Euro von Herr Pan Dongdong und Frau Du Xiaofeng am Standort „rue Joseph Philippart" in Rodange – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

8. - Stadtplanung.

Abstimmung über einen Zusatzkredit über 1,35 Millionen Euro zwecks Instandsetzung des Zentrums von Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9. - Verkehrsinfrastrukturen.

Abstimmung über einen angepassten Kostenvoranschlag über 430.000 Euro sowie über einen Zusatzkredit in Bezug auf die Oberflächenerneuerung und der Erneuerung der Deckschicht verschiedener Straßen und Plätze - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

10.1. - Umwelt.

Aktionspläne gegen Lärm - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Frau Britz hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

10.2. - Umwelt.

Abstimmung über einen Spezialkredit in Höhe von 50.000 Euro zwecks Renaturierung und Instandsetzung der Ufer der Korn in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Frau Birtz und Herr Stoffel haben nicht an der Abstimmung teilgenommen – Beschluss.

11. - Kultur.

Abstimmung über die provisorische Abrechnung von 1,250.000 Euro sowie über einen Zusatzkredit von 250.000 Euro für die Realisation des AUDEO in Lamadelaine – Beschluss.

Beschluss einstimmig Frau Birtz und Herr Stoffel haben nicht an der Abstimmung teilgenommen.

12. - Sport.

Abstimmung über einen Kostenvoranschlag sowie einen Spezialkredit von 40.000 Euro in Bezug auf die vorgesehene Ausstattung der Spielfelder des FC Rodange 91 aufgrund des Aufstiegs in die Nationaldivision - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Stoffel hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

13.1. - Vereinsleben.

Abstimmung über die provisorische Abrechnung von 890.000 Euro sowie einen Zusatzkredit über 80.000 Euro für das neue Pfadfinderchalet in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

13.2. - Vereinsleben.

Zuerkennung von Subventionen an Vereine in einer Gesamthöhe von 166.667,37 Euro sowie Abstimmung über einen Zusatzkredit über 94 Euro - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

13.3. - Vereinsleben.

Zuerkennung einer Basissubvention über 250 Euro für die neue Sektion des Rotes Kreuzes (Fusion der Sektionen Pétange und Rodange/Lamadelaine) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

Séance publique du 25 septembre 2017

Durée de la séance: *14.00 à 19.05 heures*

Présents:

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)	**Breyer Roland**, 1er échevin (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV) **Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP)	
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Birtz Gaby** (LSAP) **Brecht Guy** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Thein Joe** (-)

Absents et excusés:

Muller Albert (-)
Tockert Claude (DP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (13.30 heures)

1. Personnel
   1.1. Nomination d'un fonctionnaire (m/f) classé dans la catégorie C, groupe de traitement C1 sous-groupe technique (ancienne carrière de l'expéditionnaire technique - pour les besoins du service Dessins techniques/SigCom - décision.
   1.2. Nomination définitive d'un agent municipal - décision.

1.3. Reclassements de plusieurs fonctionnaires communaux - décisions.
1.4. Promotions de plusieurs fonctionnaires communaux - décisions.
1.5. Renonciation à un poste d'instructeur de natation au service des piscines - pour information.

2. Enseignement musical: Classement d'un chargé de cours - décision.

Séance publique (14.00 heures)

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.

4. Administration générale
4.1. Approbation de la première modification budgétaire des dépenses et recettes de l'exercice 2017 - décision.
4.2. Approbation des titres de recettes - décision.
4.3. Arrêt provisoire du compte de gestion de l'exercice 2016 - décision.
4.4. Arrêt provisoire du compte administratif de l'exercice 2016 - décision.
4.5. Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'exercice 2018 - décision.
4.6. Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'exercice 2018 - décision.

5. Personnel
5.1. Convention avec un salarié pour l'obtention du permis de conduire BE - décision.
5.2. Nouvelle convention collective de travail des salariés des communes du sud - décision.
5.3. Création d'un poste de fonctionnaire (m/f) dans la catégorie B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, pour les besoins du service de l'aménagement communal - décision.

6. Enseignement
6.1. Affectation du personnel enseignant pour l'année scolaire 2017/2018 - décision.
6.2. Approbation de la liste d'ancienneté des instituteurs (m/f) pour l'année scolaire 2017/2018 - décision.
6.3. Approbation de la liste des élèves par classe pour l'année scolaire 2017/2018 - décision.

7. Propriétés
7.1. Vente de concessions de sépultures et de columbariums aux cimetières durant le 1er semestre 2017 - décision.
7.2. Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Lamadelaine», de la part de Messieurs Claude Scholer, Guy Scholer et Paul Scholer - décision.
7.3. Compromis concernant l'acquisition de terrains sis à Lamadelaine, lieu-dit «In der Hintersten Oicht» de la part de Monsieur Henri Petry (héritiers) - décision.
7.4. Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue Fontaine d'Olière» de la part de la société Pianon S.A. - décision.
7.5. Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «An den Jenken» à Monsieur Alain Snouwaert et Madame Fernande Seyler - décision.
7.6. Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «An den Jenken» à Monsieur Patrick Wagner et Madame Claudine Gras - décision.
7.7. Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Ernesto Da Silva et Madame Ana Bela Magalhaes Alves - décision.
7.8. Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Elvis Muratovic et Madame Sanela Muratovic - décision.
7.9. Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Fabio Brenand Cruz et Madame Isabel Maria Duarte Da Costa Neves - décision.
7.10. Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Avenue de la Gare» de la part de Post Luxembourg - décision.
7.11. Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Rue Nicolas Thill» de la part de Monsieur Romain Thill - décision.
7.12. Acte concernant l'acquisition d'emprises sises à Pétange, lieu-dit «Rue Bommert» de la part de Monsieur José Manuel Machado Alfaiate et Madame Elsa Lopes Barnabe - décision.
7.13. Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Charlotte» de la part de Monsieur Faruk Suljkanovic et Madame Maida Barcic - décision.
7.14. Acte concernant la vente d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue Jos. Philippart» à la société Kalista Immo S.A - décision.
7.15. Acte concernant l'acquisition d'une emprise sise à Pétange, lieu-dit «Rue Adolphe» de la part de la société Kalista Immo S.A. - décision.
7.16. Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue Jos. Philippart» avec la société Kalista Immo S.A. - décision.
7.17. Acte concernant l'échange de terrains sis à Pétange, lieu-dit «Cité CFL» avec Monsieur Ersan Skrijelj et Madame Dzevehira Bralic - décision.

7.18. Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Gillardin» de la part de la Congrégation des Sœurs du Tiers Ordre Régulier de Notre-Dame du Mont Carmel S.A. - décision.

7.19. Convention de servitude relative à un terrain communal sis à Pétange, lieu-dit «Rue de l'Eglise» avec la Congrégation des Sœurs du Tiers Ordre Régulier de Notre-Dame du Mont Carmel S.A. - décision.

7.20. Avenant n° 1 au contrat de bail relatif à la location temporaire d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Um Waelfchen» avec Monsieur Roger Lepage et Madame Ramona Warlies - décision.

7.21. Contrat de bail relatif à la location de containers dans le cadre de la construction des garages communaux à Pétange - décision.

7.22. Contrat de bail avec Madame Paula Ribeiro Da Silva Couto relatif à un logement communal sis à Pétange, rue Prince Jean n° 2 - décision.

7.23. Contrat de bail avec Madame Sonia Ribeiro De Bessa relatif à un logement communal sis à Lamadelaine, avenue de la Gare n° 35 - décision.

8. Infrastructures

8.1. Approbation du devis relatif au renouvellement des infrastructures dans la route de Niederkorn à Pétange - décision.

8.2. Vote d'un crédit spécial et approbation du devis estimatif relatif à la mise en peinture des accès au passage souterrain de la gare de Pétange - décision.

9. Transports et communications

9.1. Confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation relatif aux travaux de renouvellement des infrastructures dans la route de Niederkorn à Pétange (phase 1) - décision.

9.2. Confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation relatif aux travaux d'asphaltage à Lamadelaine, entre le début du pont et la rue du Moulin - décision.

10. Culture: Convention avec l'asbl «Geschichtsfrënn vun der Gemeng Péiteng» relative à la mise à disposition des nouveaux locaux sis à Lamadelaine, lieu-dit «An der Uecht» - décision.

11. Sports et loisirs: Contrat de bail avec la société Munhowen S.A. relatif à l'exploitation d'un débit de boissons alcooliques et non alcooliques au Centre QT à Pétange - décision.

12. Vie associative: Attribution d'un subside au «KC Roadrunners Fonderie Rodange» - décision.

13. Urbanisation

13.1. Modification du complément de plan d'aménagement partiel (PAP) portant création de zones industrielles à caractère national - décisions.

13.2. Votes sur les réclamations et avis officiels adressés à la Commune dans le cadre de la procédure portant sur le nouveau Projet d'Aménagement Général (PAG) - décisions.

COMPTE RENDU

1. et 2.

Les points 1 et 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

Nomination d'un fonctionnaire (m/f) classé dans la catégorie C, groupe de traitement C1 sous-groupe technique (ancienne carrière de l'expéditionnaire technique - pour les besoins du service Dessins techniques/SigCom - décision:

M. Steve Majerus, de Niederkorn, est nommé provisoirement aux fonctions d'expéditionnaire technique.

Nomination définitive d'un agent municipal - décision:

M. Le Anh Pong est nommé définitivement aux fonctions d'agent municipal avec effet au 1er décembre 2017.

3.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dir Dammen, dir Häre. Ech ginn iech just e kuerzen Aperçu iwwer den Aktiounsplang, dee vun eiser Chancëgläichheets-kommissioun aus der Gemeng ausgeschafft gouf. Den europäesche Conseil vun de Gemengen an de Regiounen huet an de Joren 2005 an 2006 eng Charta fir d'Gläichheet tëscht de Fraen an de Männer ausgeschafft. De Syvicol an d'Lëtzebuerger Gemengen hunn un der Verwierklechung vun dëser Charta bäigedroen. Sechs Prinzipien, déi dir an dësem Bulletin virleien hutt, sinn zeréckbehale ginn. An zwar:

- Dat fundamentaalt Recht vun der Gläichheet tëscht Mann a Fra,
- d'Diskriminatioun betreffend d'Geschlecht, d'Originnen, d'Relioun, den Alter, eng Behënnerungen, de sozialen a wirtschaftleche Status asw.,
- eng ausgeglache Bedeelegung vun de Fraen an de Männer am Entscheedungsprozess fir eng demokratesch Gesellschaft,
- d'Eliminatioun vun de "stéréotypes sexués",
- d'Integratioun vun all Geschlecht an déi kommunal a regional Aktivitéiten,
- adequat Aktiounspläng a Programmer fir d'Gläichheet tëscht Mann a Fra besser ëmzesetzen.

Zu dëse 6 Prinzipie sinn an der europäescher Charta iwwer 30 Punkte festgeluecht. Eis Gemeng huet déi Charta 2008 ënnerschriwwen. Aktioune sinn och erfollegt, ouni awer en Aktiounsplang.

2015 huet d'Gläichheetskommissioun ugefaangen, e Plang auszeschaffe fir nei Aktiounen ze lancéieren an d'Gemeng weider ze motivéieren am Ausbau vun der Chancëgläichheet. Wann den Numm Chancëgläichheet ernimmt gëtt, da brauch dat eng Chancëgläichheet fir all eis Matbierger. An der europäescher Charta vun 30 Punkte sinn an eisem Land e puer Punkte gesetzlech verankert a brauchen am Aktiounsplang net méi ernimmt ze ginn. An dëser Aarbecht huet d'Kommissioun 9 Prioritéite festgehalen, déi an eiser Gemeng nach kënne weider ausgebaut oder agesat ginn. D'Charta ass op franséisch ausgeschafft ginn, an ech ginn iech déi Punkten dann och op franséisch erëm. Déi detailléiert Opdeelung mat den Objektiven, den Aktiounen an d'Partner sinn am Text festgehalen. Dat géing de Moment ze wäit féiere fir déi in extenso virzedroen. Dofir soen ech iech elo just déi eenzel Punkten, déi festgehale goufen.

Déi 1. Prioritéit, déi vun der Gläichheetskommissioun festgehale gouf, ass „de refuser toute forme de discrimination et agir activement au niveau local".

Déi 2. Prioritéit war „favoriser l'accès à l'emploi pour lutter contre la pauvreté et permettre l'inclusion sociale pour tous".

Déi 3. Prioritéit war „inclure par le sport, la culture et l'accès aux loisirs - offrir à tous l'accès à des activités épanouissantes au sein de la commune pour favoriser l'inclusion sociale et de vivre ensemble".

Déi 4. Prioritéit war „promouvoir et sensibiliser à l'égalité des chances - permettre à tous de comprendre les principes et les valeurs de l'égalité entre hommes et femmes".

Déi 5. Prioritéit war „promouvoir la participation à la vie politique et civique afin d'encourager une représentation politique équilibrée".

Déi 6. Prioritéit war „permettre l'accès égal des femmes et des hommes à la santé, aux soins et aux services sociaux".

Déi 7. Prioritéit war „développer l'offre en logement privé sur la commune dont des logements sociaux afin de stimuler une cohésion sociale, dans les limites des compétences de la commune".

Déi 8. Prioritéit war „veiller à la sécurité sur la commune de Pétange".

Déi 9. Prioritéit war „assurer une planification du territoire responsable, durable et égalitaire".

Dat sinn déi 9 Punkte betreffend hiren Engagement fir hir Matbierger. En Engagement zur Ëmsetzung vun dësem Aktiounsplang beinhaltet och natierlech d'Participatioun vun eise Matbierger. Nëmmen an engem Zesummeschaffe besteet d'Méiglechkeet op en Erfolleg. E grousse Merci vu menger Säit aus geet un d'Membere vun der Gläichheetskommissioun mat hirem President, dem Här Masutti, un der Spëtz a mat „For motion" mat der Madamm Fernandes, déi alleguer zu dësem Aktiounsplang bäigedroen hunn.

4.1.

Administration générale.

Première modification des recettes et des dépenses au budget ordinaire de l'exercice 2017 - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir wësst, datt normalerweis ëm dës Zäit – am September – am Budget gekuckt gëtt, wat vu Chifferen eventuell feelen a fir bis d'Enn vum Joer all Ausgabe kënnen ze tätegen. Op där aner Säit gëtt och gekuckt, wat fir Sue mer nach zousätzlech erakréien, esou datt mer hei elo en Tableau vun de budgetäre Modifikatiounen hunn, déi am September ëmmer guttgeheescht ginn. Deen éischten Deel ass méi negativ, well dat sinn zousätzlech Ausgaben oder Reduktioune vu Recetten. Deen zweeten Deel ass méi positiv, well dat sinn zousätzlech Recetten oder Ausgaben, déi méi niddereg sinn.

Wa mer hei kucken, wéi dat Resultat ausgesäit, da géif dat bedeiten, datt mer 286.098 Euro méi Recetten oder manner Ausgaben hunn. Op där aner Säit hu mir 198.923,97 Euro méi Ausgaben oder manner Recetten, wat e positive Solde gëtt fir eis Gemeng vu 87.174,03 Euro. Dat heescht, eis Reserve geet ëm déi Zomm erop.

Brecht Guy (LSAP):

Ech wollt just froen, ob déi Subsiden, déi mer z.B. vum Staat versprach kritt hunn, era sinn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Engersäits ass dat extraordinäre Budget, deen net an dësem Punkt behandelt gëtt. Mä am grousse ganzen ass dee gréissten Deel vun de Subsiden eran. Mir wëssen, datt mer nach eng Zomm ausstoen hu wat de Centre WAX ugeet, wou si refuséiert hu fir eis dat ze bezuelen. An der Tëschenzäit waren eng Rei Gespréicher, déi mir gefouert hu mam Kulturministère fir do e Konsens ze fannen. Do ass e Konsens fonnt ginn op deem Niveau, wou de Kulturministère eis eng Konventioun ënnerbreet huet – déi wäert am nächste Gemengerot gestëmmt ginn, de Schäfferot huet se schonn ënnerschriwwen an och de Kulturministère – a wou mir dann net grad 55.000 Euro Subsid kréie fir eis Ausstellung „9'44". An dat ass e klengen Deel, dee mir eigentlech verluer hunn, well mir haten eigentlech 150.000 oder 160.000 Euro zegutt. Mä et war awer e Geste vum Kulturministère, esou datt mer kënne soen, datt dee gréissten Deel vun de Subsiden eran ass.

Accord par 13 voix et 2 abstentions (déi gréng).

4.2.

Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 3.398.377,05 euros - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Titres de recettes les plus importants:

Dividendes Sudgaz	*158.000 €*
Pacte climat – Fonds pour la protection de l'environnement	*175.000 €*
Pacte climat – Fonds pour la protection de l'environnement	*10.000 €*
Maisons Relais – Part Etat – 1re et 2e avance	*1.851.972 €*
Maisons Relais – Part Etat – 3e avance	*617.324 €*

Approbation à l'unanimité.

4.3.

Administration générale.

Arrêt provisoire du compte de gestion de l'exercice 2016 - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wéilt déi Punkten zesumme virstellen, well et huet alles mam Rechnungsjoer 2016 ze doen. Mir hunn de provisoreschen Arrêt vum „compte de gestion“ an och vum „compte administratif“ hei virleien. Ech géif hei vun der Geleeënheet profitéiere fir beim „compte de gestion“ dem ganze Service vun der Recette e grousse Merci ze soen, datt si dofir gesuergt hunn, datt déi Suen, déi mussen erakommen, och wierklech erakommen an och emol heiansdo de Leit an Erënnerung ruffen, datt se hir Rechnunge musse bezuelen.

Op där aner Säit géif ech, wat de „compte administratif“ ugeet, e grousse Merci un eise Finanzservice ausschwätzen, dee fir de Budget an déi ganz Verwaltung op deem Niveau zoustänneg ass. Mir haten de Rapport krut, deen den 29. August erakoum. De „Service de Contrôle de la Comptabilité des Communes“ huet och eng Kontroll gemaach tëscht dem 21. an dem 25. August. Si hunn eis och e Rapport zoukomme gelooss mat 2 Klengegkeeten, fir déi si eis aviséiert hunn. Ech wëll kuerz op dee Rapport agoen.

Deen éischten ass, wat de Verkaf vun de „vieux matériaux“ ugeet. Dat hu mir déi lescht 20 oder 30 Joer als ordinär Recetten do stoen. Dat sinn ongefeier 7.000 Euro am Joer 2016 gewiescht. De „Contrôle“ mengt awer, dat misst an Zukunft als extraordinär Recette agedroe ginn, esou datt mer dat an Zukunft esou maachen.

Deen zweete Punkt war eigentlech d’Ersetze vun engem Camion, wou mir engersäits de Camion fir de Parkservice kaf hunn an en ale Camion, en aalt Gefier an d’Reprise ginn hunn. Mir haten dat netto gebucht, d.h. mir hunn och eng Rechnung netto bezuelt, an zwar just déi Zomm vum Akaf vum Camion wéineger d’Reprise. Si soen awer, dat misst duebel gebucht ginn, also als Ausgab vun der gesamter Rechnung iwwer 99.780 Euro an eng Recette vum alen Auto vu 7.605 Euro. Ënner dem Strëch ass et fir d’Kontabilitéit genee datselwecht. Et ass en Netto minus vun 92.200 Euro. Mä an Zukunft wäerte mir dat dann och esou buchen. Mir wäerten dem „Contrôle“ och schreiwen, datt mir déi Remarquen zur Kenntnis geholl hunn an datt mer ab 2017 dat och wäerte maachen. Iwwregens huet eise Finanzservice schonn extra Artikele geschaf am extraordinäre Budget fir de Verkaf vun alem Material, esou datt vun elo un deem Rechnung gedroe gëtt. Fir de Rescht ass keng Remarque ze maachen.

Accord à l’unanimité.

4.4.

Administration générale.

Arrêt provisoire du compte administratif de l’exercice 2016 - décision.

Accord à l’unanimité.

4.5.

Administration générale.

Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d’impôt foncier pour l’exercice 2018 - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir wësst, datt mer dat ëmmer virum 1. November musse festleeën. Well mer virdru wahrscheinlech keng Gemengerotssëtzung hunn, hu mir dat am September virgesinn. Mir schloen iech vir – fir net där neier Equipe, déi nom Oktober untrëtt, virzegräifen – dëse Punkt 4.5. d’selwecht ze loossen ewéi déi Jore virdrun. An dann ass et un där neier Equipe, wéi si deen neien Taux wëll fixéieren. Ab 2019 si si dann dru fir dat nei ze maachen.

Brecht Guy (LSAP):

Ech wollt just froe wéi mir am Verglach mat eisen Nopeschgemengen a mat de Gemengen am Süde leien. Ech weess, datt Déifferdeng emol méi héich war wéi mir an der Zäit. Dann huelen ech un, datt déi aner d’selwecht gemaach hunn ewéi mir an datt alles esou bliwwen ass.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Also ech hu bis elo nach net gesinn ewéi déi aner reagéiert hunn. Et kann och sinn, datt déi aner dat net op d’Dagesuerdnung vum Gemengerot huelen. Dat muss och net si wann een et nämlech net bis den 1. November ännert. Da bleift et sinn ewéi et ass. Mir hunn awer gemengt, mir sollten dat definitiv hei am Gemengerot entscheede fir Kloerheet ze schafen a well mir bal sécher sinn, datt virum 1. November keng Gemengerotssëtzung wäert stattfannen. Virdru muss jo de Schäfferot vum Minister vereedegt ginn an da mussen och déi nei Conseillere vereedegt sinn. Dat ass eng Prozedur, déi ufanks November gemaach gëtt, an do ware mir d’lescht Joer bei deenen éischten, esou datt ech elo net weess, wéi déi aner Gemengen dat maachen. Mä ech huelen un, datt kee ganz vill wäert änneren am Virfeld vun de Walen.

Accord à l’unanimité.

4.6.

Administration générale.

Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d’impôt commercial pour l’exercice 2018 - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Och do proposéiere mir fir den Exercice 2018 näischt Aneschters wéi um Punkt virdrun, also en op 350% ze loossen. Déi nei Equipe soll dat da fir 2019 nei definéieren. Mir géifen dann um selwechten Taux bleiwen ewéi dat och déi lescht 2 Joer de Fall war.

Accord à l’unanimité.

5.1.

Personnel.

Convention avec un salarié pour l’obtention du permis de conduire BE - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l’unanimité.

5.2.

Personnel.

Nouvelle convention collective de travail des salariés des communes du sud - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Do gëtt et eng nei kollektiv Konventioun fir d’Salariéen aus de Südgemengen. Dir hutt dat wahrscheinlech schonn an der Press matkrut, datt de 6. September déi nei eenzel Vertrieder aus de Südgemengen zesumme mat de Gewerkschaften LCGB an OGBL ënnerschriwwen hunn. Dat sinn 18 Gemengen, déi do betraff sinn a ronn 2.000 Mataarbechter.

Dësen neie Kollektivvertrag soll fir 1 Joer gëllen, an zwar vum 1. Januar bis Enn 2018. Bei dësem Kollektivvertrag gouf eppes fundamental geännert, ech kommen op e puer Detailer zeréck. Dat war an engem paritéiteschen Aarbechtsgrupp ausgeschafft ginn, wou engersäits 6 Leit vun de Gewerkschaften an anersäits 6 Patronatsvertrieder – also 6 Buergermeeschteren aus 6 verschidde Gemenge plus hir Mataarbechter – derbäi waren. Och d'Gemeng Péiteng war an dësem Aarbechtsgrupp derbäi. Ech soen och do dem Mike Braun e grousse Merci mat deenen anere Kollege vu Käerjeng, Déifferdeng, Esch, Diddeleng a Suessem, déi all zolidd geschafft hu fir datt mir dat hei nach konnte virun de Walen oder virun dem Termin – den 1. Januar soll dat hei jo ulafen – ofschléissen.

Ëm wat geet et hei? Dat éischt waren normal Saachen, déi sech e bëssen dorunner orientéiere wat an der Beamtecarrière geschitt ass, wat beim Staat, wat bei de Gemenge geschitt ass. Dat ass d'Erhéijung vum Punktwäert ëm 1,5% op d'Joer 2018, dann eng Joresprimm vun 1% vum Bruttosgehalt vum Joer 2017. De Sozialcongé gëtt op 24 Stonne pro Trimester eropgesat. D'Familljenzoulag huet geännert. Fréier huet een déi krut an et huet ee se och behalen. Haut, och beim Staat, wann een ufänkt, da kritt een déi Zoulag wann een e Kand huet, fir dat een zoustänneg ass. Wann een net méi zoustänneg ass, da verléiert een déi Zoulag. Dat ass d'selwecht ewéi bei de Beamten. E bësse méi fundamental wat déi nei Gestaltung vun der Gehälterstruktur, déi elo linear Carrièrë virgesäit. Fréier huet een heiansdo misste waarde wann ee vun engem Grad an en anere gewiesselt ass, well een eben do scho méi Déngschtjoren oder e gewëssenen Alter huet mussen hunn. Dat ass alles aus dëser Struktur erausgeholl ginn. Normalerweis, wann een 20 bis 25 Joer geschafft huet, dann ass een um Enn vu senger Carrière ukomm.

Eng vun deene wichtege Saachen, dat sinn d'Virdéngschtjoren, déi ugerechent ginn. Och bei eisem Botzpersonal. Dat war virdrun net de Fall. Virdrun ass et iwwerall ugerechent ginn, just net bei eisem Botzpersonal. Dat hunn ech elo gelies am Tageblatt. Ech war e bëssen ameséiert, datt den OGBL dat schéngs schonn zënter 2008 gefuerdert huet. Ech kann iech just soen, datt am Katalog vun de Fuerderungen, déi den OGBL mat hire Kollege vum LCGB bruecht hat, am Kontext vun dëser Gehälterreform dat net vun hinne gefrot war. Bon, si hunn et vläicht 2008 gefrot an duerno vergiess, mä elo hu si et net gefrot. Et war éischter an dësem Fall eng Fuerderung vum Patronat, dat gesot huet, datt et net ka sinn, datt am Kollektivvertrag vun de Südgemengen zwou verschidde Kategorië vu Leit sinn. Déi eng, déi Virdéngschtzäit ugerechent kréien, an déi aner, bei deenen dat net de Fall ass. De Patronat war bereet, deen extra Käschtepunkt ze iwwerhuelen. Dat war ganz kloer, op jiddwer Fall an de Gehälterverhandlunge vun 2017, eng Fuerderung vum Patronat an net vum OGBL. Wéi et 2008 war, dorunner kann ech mech net méi erënneren, da kann awer esou gewiescht sinn.

E leschte Punkt, deen eis och wichteg schéngt, a wat och eng Fuerderung vum Patronat war, ass, datt et ëmmer méi Leit an eng prekär Situatioun komme well si an engem gewëssenen Alter an de Chômage falen an dann awer net direkt kënnen an eng Gemeng ënnerdaach komme well se dann e ganz héicht Gehalt géife kréien ouni datt se déi néideg Ausbildung kruten an déi néideg Momenter an der Gemeng verbruecht hu fir sech op déi Aarbecht virzebereeden. Dofir huet d'Patronat gefrot fir eng nei Carrière anzeféieren, déi awer nëmmen iwwer 8 Joer leeft, a déi esou Leit soll opfänken. Do bezilt een awer e manner héicht Gehalt ewéi fir déi Leit, déi scho laang Joren an enger Gemeng geschafft hunn an eng Experienz hunn. Iwwer dee Wee gëtt een deene Leit awer d'Chance eng wichteg Aarbecht fir d'Gemeng ze maachen. No 8 Joer gi se dann an déi normal Carrière agestuuft. Et muss och zesumme mat de Gewerkschafte gekuckt ginn, wat fir eng Posten dat sinn. An et mussen och nei Poste sinn, déi geschaf ginn. Et kënne keng Postë sinn, déi elo scho bestinn.

Dat ass grosso modo dat, op wat mir eis gëeenegt hunn. Wat ech vergiess hat ze soen ass, datt doduerch, datt mir averstane si fir déi linear Carrièren ze maachen a fir all déi Virdeeler, déi d'Salariéen elo kréien an déi d'Beamte virdru kruten. Fir déi Bedingungen ze erfëllen, mussen d'Ufanksgehälter, déi relativ héich sinn, e bëssen erofgeschrauft ginn. Dat heescht, datt mer am Ufank - déi éischt 3 Joer wou d'Leit ugeléiert ginn – déi Gehälter e bësse méi déif usetzen an déi normal Carrière eréischt no 3 Joer uleeft. Et war e bësse méi haart fir dat mat de Gewerkschaften ze verhandelen, mä um Enn ware si awer domat averstanen. Op där aner Säit hunn si jo all déi Pluspunkte krut, déi d'Beamten am September 2017 och kruten.

Accord à l'unanimité.

5.3.

Personnel.

Création d'un poste de fonctionnaire (m/f) dans la catégorie B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, pour les besoins du service de l'aménagement communal - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Déi meescht vun iech wëssen, datt mer do wéinst engem Krankheetsfall en Enkpass hunn. Mir waren do och ëmmer enk besat well eng Persoun just 75% schafft. Aus all deenen Iwwerleeungen eraus a wéinst all deenen Dossieren, déi opstinn an déi musse verschafft ginn, awer och – an dorop wäerte mer nach zeréckkommen – wéinst deem ganze PAG, dee mir amgaange sinn nei ze maachen a wou nach Aarbechten ufalen, wäert dat eng zousätzlech Belaaschtung fir deen Service bedeiten. Dofir proposéiere mir haut, e weidere Posten an der Carrière B1 „sous-groupe administratif" ze schafen. Fir déi, déi nach mat deem ale System fueren ass dat d'Carrière vum Redakter.

Accord à l'unanimité.

6.1.

Enseignement.

Affectation du personnel enseignant pour l'année scolaire 2017/2018 - décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir hunn d'Rentrée praktesch hannert eis, awer mir mussen, ewéi all Joer ëm dës Zäit, am Gemengerot d'Affektatioun vum Personal, wat bei eis an de Schoulen ass, nach eng Kéier festhalen. Mir halen eis all Kéier un d'Propositioune vun de Lëschten, déi erakomm sinn. Do ass eng Lëscht 1, 1bis, 2 an 2bis erakomm. Déi gëtt ëmmer opgestallt. Mir hu jo och en neien Direkter vum Grondschoulunterrecht, dat ass den Här Marco Weintzen. Hien huet eis déi Lëscht eraginn, an ech géif iech bieden, déi favorabel z'aviséieren. Et ass eng Lëscht mat 51 Posten, déi mir affektéiert hunn. Do sinn der och drënner, déi nei affektéiert ginn. Et sinn der och, déi reaffektéiert ginn. Ech wäert déi Nimm hei net opzielen, well dir fannt se jo an ärem Dossier. Mä ech géif iech bieden, déi Lëscht an déi Affektatiounen ze stëmmen, fir datt d'Schoul och gutt ka fonctionnéieren.

Gira Carlo (CSV):

Dir hutt elo näischt gesot, Madamm Conter, vun de Problemer, déi et gouf, fir brevetéiert Personal ze fannen. Et war jo e

bëssen an de Medien, datt et do Problemer gouf. Hu mir dann elo elauter brevetéiert Personal oder hu mir do och op anert Personal mussen zeréckgräifen?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir hunn och Chargé de Coursë bei eis. Mir hu jo och ëmmer Déchargen, déi musse komplementéiert ginn. Dat wat mir awer hunn, dat ass, datt mir eis Posten alleguer besat hunn. Wat an den Zeitungen an an de Medien elo erauskomm ass, an zwar, datt aner Schoulen hir Plazen net all besat haten, do kënne mir awer soen, datt mir eis Plazen alleguer besat hunn. Och mat Chargé de Coursen. Mir hunn och keng Enkpäss am Schwammen eréi mir se d'lescht Joer haten. Do kënne mir dëst Joer soen, datt dat bei eis geklappt huet.

Gira Carlo (CSV):

Dat heescht, bei den Titulairen hu mir elauter brevetéiert Personal.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Neen, net elauter. Mir hu jo och Chargé de Coursen, déi net voll brevetéiert sinn an déi jo och Déchargen huelen. Vun den Titualairë si se all brevetéiert.

Brecht Guy (LSAP):

Ech wollt datselwecht froen eréi den Här Gira well de Bildungsministère, wéi dir wësst, jo därmoossen an der Schosslinn steet am Moment. Dir liest jo och Zeitungen. Dann ass de Problem bei eis jo net esou evident.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Neen, dëst Joer net. Dëst Joer hu mir op deem dote Punkt keng Problemer.

Accord à l'unanimité.

6.2.

Enseignement.

Liste d'ancienneté des instituteurs (m/f) pour l'année scolaire 2017/2018 - décision.

Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.

Accord à l'unanimité.

6.3.

Enseignement.

Liste des élèves par classe pour l'année scolaire 2017/2018 - décision.

Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.

Accord à l'unanimité.

7.1.

Propriétés.

Vente de concessions de sépultures et de columbariums aux cimetières durant le 1er semestre 2017 - décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

Accord à l'unanimité.

7.2.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Lamadelaine», de la part de Messieurs Claude Scholer, Guy Scholer et Paul Scholer - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.3.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition de terrains sis à Lamadelaine, lieu-dit «In der Hintersten Oicht» de la part de Monsieur Henri Petry (héritiers) - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.4.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue Fontaine d'Olière» de la part de la société Pianon S.A. - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.5.

Propriétés.

Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «An den Jenken» à Monsieur Alain Snouwaert et Madame Fernande Seyler - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir gesitt, datt de Punkt 7.6. eppes Ähnleches ass, a mir wäerten och an deenen nächste Gemengeréit esou Terrainen, déi verkaf ginn, virleien hunn. Dat sinn Terrainen, déi verschidde Propriétairë vun der Gemeng gelount hunn zënter den 80er Joren a wou si e Gaart ugeluecht hunn. Mir hu gemengt, mer sollten deene Leit déi Terraine verkafe fir dat ze regulariséieren. Well de Präis, dee mir och beim Kaf vun esou Gäert, déi nach ëmmer an der Bauzone leien, bei 20.000 Euro den Ar läit, proposéiere mir och e Gläichgewiicht ze schafen a wenden deeselwechte Präis un. Dat bréngt deene Leit e Méiwäert, well si méi e groussen Terrain hunn, op deem hir Haiser drop stinn. Hei an dësem Fall geet et ëm 90 Zentiar a bei engem Präis vun 20.000 Euro den Ar wieren dat 18.000 Euro. Och do gouf eng ëffentlech Enquête gemaach vum 10. bis den 30. August 2017. Et war keng Reklamatioun komm, esou datt ech dëse Compromis zur Ofstëmmung stellen.

Gira Carlo (CSV):

Dir hutt selwer gesot, et sinn hei méi Besëtzer betraff. Ech wëll eng allgemeng Bemierkung maachen. Dir hutt gesot, et géif 20.000 Euro den Ar kaschten. Dat kléngt vläicht vill fir ee Gaart. Et gëtt jo ëmmer gesot, et misst bezuelbare Wunnraum geschaf ginn. Mä hei gëtt een de Leit jo awer e Stéck vun hirem Bauterrain derbäi. Bei de Präisser, wou mir elo sinn, déi leie bei engem Véierfachen. Do kann een der Gemeng net virwerfen, mir géifen d'Präisser do an d'Luucht dreiwen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech ginn iech komplett Recht. Mir hunn an Atzéngen, respektiv mir wäerten an der Neiwiss, en neie Compromis maachen, an do bezuele mir jo och 20.000 Euro den Ar fir Stécker Gaart, déi hannendru leien an der zweeter Rei, esou datt et normal ass, datt mer dat och fir 20.000 Euro den Ar verkafen, well soss wier dat jo net ganz logesch. Hei hu mir och deene Leit dat verkaf, well si deen Terrain schonn zënter 30 Joer bewirtschaften. Mir wollten einfach elo eng kloer Situatioun do schafen an deene Leit dat verschafen.

Approbation à l'unanimité.

7.6.

Propriétés.

Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «An den Jenken» à Monsieur Patrick Wagner et Madame Claudine Gras - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat hei ass datselwecht, et ass den Noper, deem mer dann och den Terrain verkafe wëllen, deen hannert sengem Haus läit an deen hien och ëmmer erëm gelount an exploitéiert huet. Hei schwätze mer vun 1,12 Ar a vun engem Präis vun 22.400 Euro. Och hei gouf et fir dee Compromis vum 10. bis den 30. August 2017 eng ëffentlech Enquête. Och hei gouf et keng Reklamatiounen, esou datt ech iech géif virschloen, och dëse Compromis guttzeheeschen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dir hat vum Präis vum 20.000 Euro geschwat. Wat geschitt da mat deenen Terrainen, wou d'Leit d'Suen net hu fir d'Terrainen ze kafen? Si hunn déi jo awer elo wahrscheinlech a Stand gesat. Mussen se déi dann elo raumen?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Jo. Mir wëllen do gären eng propper Situatioun schafen. Et sinn der schonn, déi kaf hunn. Bei engem Fall huet ee sech net gemellt a gesot, e wéilt en net kafen. Da muss d'Gemeng kucken, wat en an deem Kontext wëll maachen. An zwar op en et brooch leie wëll loossen oder ob en dat engem aner wéilt iwwerloosse fir ze kafen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Muss deen dat entscheeden oder entscheet d'Gemeng dat?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Als éischte muss dee Mann, déi Fra oder déi Famill dat entscheeden. Wéi gesot, et ass just een, deen dat net wollt. All déi aner wollten dat kafen. Et ass elo um Gemengerot fir z'entscheede wat e mécht wann dee seet, hie wëll dat net kafen. Mir huelen da Kontakt op mat den Nopere fir ze kucken, ob en aneren dat wéilt kafen. An da wäerte mer gesinn, wat da geschitt. Ech kann iech dat net am Viraus zu 100% soen. Fir de Moment wëll jiddereen et kafen, mat enger Ausnam, well hie sech nach net festgeluecht huet. Mä ech mengen, wann et elo méi konkret gëtt, dann hëlt en et awer.

Approbation à l'unanimité.

7.7.

Propriétés.

Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Ernesto Da Silva et Madame Ana Bela Magalhaes Alves - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.8.

Propriétés.

Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Elvis Muratovic et Madame Sanela Muratovic - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.9.

Propriétés.

Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Fabio Brenand Cruz et Madame Isabel Maria Duarte Da Costa Neves - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.10.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Avenue de la Gare» de la part de Post Luxembourg - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.11.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Rue Nicolas Thill» de la part de Monsieur Romain Thill - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.12.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'emprises sises à Pétange, lieu-dit «Rue Bommert» de la part de Monsieur José Manuel Machado Alfaiate et Madame Elsa Lopes Barnabe - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.13.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Charlotte» de la part de Monsieur Faruk Suljkanovic et Madame Maida Barcic - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.14.

Propriétés.

Acte concernant la vente d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue Jos. Philippart» à la société Kalista Immo S.A - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.15.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'une emprise sise à Pétange, lieu-dit «Rue Adolphe» de la part de la société Kalista Immo S.A. - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.16.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue Jos. Philippart» avec la société Kalista Immo S.A. - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.17.

Propriétés.

Acte concernant l'échange de terrains sis à Pétange, lieu-dit «Cité CFL» avec Monsieur Ersan Skrijelj et Madame Dzevehira Bralic - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.18.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Gillardin» de la part de la Congrégation des Sœurs du Tiers Ordre Régulier de Notre-Dame du Mont Carmel S.A. - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.19.

Propriétés.

Convention de servitude relative à un terrain communal sis à Pétange, lieu-dit «Rue de l'Eglise» avec la Congrégation des Sœurs du Tiers Ordre Régulier de Notre-Dame du Mont Carmel S.A. - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.20.

Propriétés.

Avenant n° 1 au contrat de bail relatif à la location temporaire d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Um Waelfchen» avec Monsieur Roger Lepage et Madame Ramona Warlies - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.21.

Propriétés.

Contrat de bail relatif à la location de containers dans le cadre de la construction des garages communaux à Pétange - approbation.

Mertzig Romain, Schäffen:

Dëse Kontrakt ass gemaach gi mat der Firma „Points Solutions" vun Iechternach, déi di beschten Offer eraginn huet. Et war och déi eenzeg Lëtzebuerger Firma, déi eng Offer eraginn huet. Virun der Realisatioun vun deem Projet ass et noutwenneg, datt mir de Site op der Lénger Strooss fräi maache fir do kënnen ze schaffen. Doduerch brénge mir eis Beleegschaft op enger anerer Plaz zäitweileg ënnerdaach. Dat wier zu Lamadelaine um Site vun der Gemeng, wou mir 9 normal Container, 1 Container mat Toiletten an 2 Container mat Dusche fir Dammen, respektiv Häre géifen opstellen. Mir als Gemeng mussen déi Container versécheren op Feier, Waasser, Stuerm a Knëppelsteng esou wéi dat am Locatiounskontrakt implizit virgesinn ass. De Kontrakt leeft am November dëst Joer un an dauert 36 Méint. De Präis vun der Locatioun beleeft sech op 3.648 Euro pro Mount, wat eng Gesamtausgab vun 131.328 Euro iwwer déi ganz Period ausmécht.

Gira Carlo (CSV):

Ech hunn dee Kontrakt gekuckt, an et steet do och dran, datt et eng Lafzäit vu 36 Méint ass. Do steet dann och dran, datt de Kafpräis eppes iwwer deem läit, wat mir elo als Loyer bezuelen. Besteet do keng Méiglechkeet, fir där nach weider ze lounen? Et gesäit mir esou aus, ewéi wann een do just d'Méiglechkeet hätt fir no 3 Joer ze kafen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Effektiv steet et dran ewéi wa mir gewëllt wiere fir déi ze kafen. Dat ass awer net esou. Aneschters musse mir awer dann en neie Kontrakt aushandele fir déi Locatioun weider ze féieren. Mir ginn dovunner aus, datt mir mat deene 36 Méint auskomme well mir net gewëllt sinn, dës Containeren ze halen, well mer och net wëssen, wat mir domat sollen ufänken.

Gira Carlo (CSV):

Et ass mir net drëm gaange fir se kafen, mä just, datt et net duergeet mat deene 36 Méint.

Mertzig Romain, Schäffen:

Am Fall wou, wier dat gewiescht.

Becker Romain (déi gréng):

Meng Fro geet an déiselwecht Richtung. Eng aner Entscheedung wier vläicht gewiescht fir op de Wee ze goe fir se ze kafe well mer se kéinte gebrauchen. Wa mir se elo

lounen, kéinte mer als Gemeng net virbeugen an e puer vun deene „Raumzellencontainer" – dat ass en ellent Wuert – kafe wann eng Kéier Nout um Mann respektiv un der Fra géif bestoen a mir se esou kéinte weider benotzen?

Mertzig Romain, Schäffen:

Mir hunn eis effektiv doriwwer Gedanken am Schäfferot gemaach, mä mir sinn awer elo zu dëser Konklusioun komm. Firwat? Wa mir Container brauchen – hei ass u sech spezifesch als Refectoire a Vestiaire fir d'Leit geduecht –, esou wéi mir dat och schonn am Virfeld hate wéi mer Flüchtlingen hei haten, wou awer aner Container zur Verfügung stoungen, respektiv och wa Schoulraum géif feelen, dann hunn déi eng aner Spezifizitéit. An dofir sinn déi heite Container net onbedéngt adaptéiert.

Becker Romain (déi gréng):

OK, well dat war dee Wee, un deen ech geduecht hat, wa mir Schoule géifen ausbauen oder iergendwann eng nei Schoul bäibauen oder wa mir eng Kéier kéinten de Flüchtlingen entgéint kommen.

Mertzig Romain, Schäffen:

D'Iddi war richteg. Mä mir sinn op dës Konklusioun komm.

Approbation à l'unanimité.

7.22.

Propriétés.

Contrat de bail avec Madame Paula Ribeiro Da Silva Couto relatif à un logement communal sis à Pétange, rue Prince Jean n° 2 - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.23.

Propriétés.

Contrat de bail avec Madame Sonia Ribeiro De Bessa relatif à un logement communal sis à Lamadelaine, avenue de la Gare n° 35 - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

8.1.

Infrastructures.

Devis relatif au renouvellement des infrastructures dans la route de Niederkorn à Pétange - approbation.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hunn hei zwee Punkten, déi net um Ufank vum Joer esou virgesi waren.

An der Nidderkuererstrooss si mir vu Sudgaz drop opmierksam gemaach ginn, datt si vill Fuitten an hirem Netz hunn a si onbedéngt do musse schaffen. Wa si schaffen, da maachen si e Gruef op der Säit vum Trottoir. Si hunn eis gefrot, ob mir géife matmaachen, mä mir haten dat awer net am Budget virgesinn – esou wéi dat dacks de Fall ass. Dann hu mer d'Méiglechkeet fir ze soen, mir maachen net mat a waarden of bis mir d'Suen hunn. Da fänke mer e Joer duerno un datselwecht ze maachen. Oder mir kucken, datt mer eis eens ginn. Mir sinn eis och eens ginn. Sudgaz ass averstane fir de Virfinanzement ze maache wa mir eis Infrastrukture mat eraleeën. Mir sinn eis eens ginn, datt dat esou soll geschéien. Dat heescht Sudgaz leet seng Leitungen dohinner, de Creos leet seng elektresch Leitungen dran, d'Kollektivantenn, d'Faserglas an d'Waasserleitunge kommen derbäi. An déi Aarbechte sollen dann elo esou séier wéi méiglech ufänke well Sudgaz zimlech presséiert ass. Dee ganzen Devis beleeft sech op 530.000 Euro TTC, déi mer hei solle guttheesche wann dir domat averstane wiert. Mir géifen dann am Joer 2018 dat zeréckbezuelen. Et schéngt jo och eng Urgence ze sinn a mer géifen déi Aarbechten esou séier wéi méiglech maache loossen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Just fir ze soen, si si schonn amgaang mat den Aarbechten. Et si schonn e puer Meter gemaach.

Breyer Roland, Schäffen:

Se sinn amgaang Prouflächer ze maachen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Et si Leit – se hu jo e Bréif kritt, datt do e Schantje géif kommen -, déi gefrot hunn, ob do keng Méiglechkeet géif bestoe fir an d'Garagen eranzekommen. Stoung dat am Bréif dran oder net?

Breyer Roland, Schäffen:

Den Zougang zu de Garagë soll garantéiert bleiwen, ausser vläicht emol en Dag, wou virun der Dier geschafft gëtt. Dat ass wéi iwwerall, et ass keen extrae Schantjen. An der rue Belair hu mir dat och gemaach. Et sinn een oder zwee Deeg, wou ee vläicht net erakënnt. Mä da gëtt nees eng Plack driwwer geluecht. Also den Zougang bleift garantéiert. Net ëmmer, net éiweg, mä awer zu 99%.

Scheuer Romain (déi gréng):

Well ech hu gesot kritt, datt de Gruef ze breet wier fir den Zougang ze garantéieren.

Breyer Roland, Schäffen:

Dach. Et ass en normale Gruef vun 1,5 Meter.

Scheuer Romain (déi gréng):

Da gi mir eng Kéier mat der Verkéierskommissioun kucken.

Breyer Roland, Schäffen:

D'Verkéierskommissioun garantéiert den Zougang net. Si huet do näischt ze maachen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech froen nämlech fir de Fall, wou d'Leit keen Zougang zu hirer Garage hunn. Da wier ech nämlech frou, wann d'Pecherte géifen dorop goen an d'Grenzgänger géife protokolléieren. Déi stinn iwwerall ronderëm bei den Haiser ouni datt se e Protokoll kréien. Se setze moies um 8 Auer den Disque an da kënnt kee méi kontrolléieren. Da wier ech frou, wa mer dee Wee géife goen.

Breyer Roland, Schäffen:

Domat sinn ech averstanen, datt mer der Police soen, eis Pecherte sollen do laanscht goe fir ze kontrolléieren. Et ass eng ganz kloer Reglementatioun do. Et soll kontrolléiert gi fir datt méi Plaz do ass fir d'Leit, déi do wunnen.

Approbation à l'unanimité.

8.2.

Infrastructures.

Vote d'un crédit spécial et approbation du devis estimatif relatif à la mise en peinture des accès au passage souterrain de la gare de Pétange - décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Et geet hei ëm den Zougang vun dem Passage vum Sous-terrain, dee mir do hunn. Do steet am Kontrakt, wéi e mat der Gemeng ausgehandelt gouf, datt mir fir den Ënnerhalt vum Passage selwer verantwortlech sinn an och fir de generellen Aspekt an de baussechten Ënnerhalt. Haaptsächlech do, wou déi metalle Palplanchë stinn, déi an engem ganz schlechten Zoustand sinn. Mir wollten déi opfrëschen an hunn en Devis virleien iwwer 33.000 Euro TTC, wou esougutt d'Ofwäschen ewéi d'Ofkrazen, d'Botze mat Héichdrock an och déi néideg Faarf fir dat e bëssen opzemonteren dra sinn. Wann dir domat averstane sidd, da géif dat nach virun Allerhellge geschéien.

Becker Romain (déi gréng):

Dat ass flott, wa mer hei eppes virgeluecht kréie wou mer als Gemengerot kënnen entscheede fir Aarbechten unzefänke respektiv fir den Devis guttzeheeschen. Mä déi Aarbechte si scho laang ofgeschloss. Déi ganz Palplanchë si scho laang ugestrach, déi Aarbechte si scho laang gemaach. Ganz schéi rout. Si blénken nach. Et ass „fix und foxi".

Breyer Roland, Schäffen:

Ech gleewen net, datt deem esou ass. Da gi mir duerno doropper kucken, well dann huet een ugestrach, dee keen Uerder kritt huet, well vun eis huet en nach keen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass jo schonn emol schéin, dat ass jo wichteg.

Breyer Roland, Schäffen:

A wa mer keng Rechnung kréien, dann ass et nach besser. Da war een ze séier op enger Plaz.

Gira Carlo (CSV):

Ech war net kucken, hätt awer e Virschlag ze maachen. Vläicht net direkt zu deenen Aarbechten hei. Wann een d'Unterführung kucke geet op der Porte Lamadelaine bei der Eisebunn, do wou e Projet mat Schüler mat Graffiti gemaach gouf, da soll ee vläicht och eng Kéier an d'A gräife fir dat hei och ze maachen. Da géif een och engem gewëssene Vandalismus entgéint wierken. Well déi Graffitien, déi esou gestalt ginn, dat ass Konscht. Dat anert ass Geschmiers.

Breyer Roland, Schäffen:

Dee Gedanke kann ee mat op de Wee huelen. Vläicht ass jo schonn een amgaang dorunner ze schaffen.

Accord à l'unanimité.

9.1.

Transports et communications.

Règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation relatif aux travaux de renouvellement des infrastructures dans la route de Niederkorn à Pétange (phase 1) - confirmation.

Explications par M. Roland Breyer, échevin.

Confirmation à l'unanimité. M. Becker, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.2.

Transports et communications.

Règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation relatif aux travaux d'asphaltage à Lamadelaine, entre le début du pont et la rue du Moulin - confirmation.

Explications par M. Roland Breyer, échevin.

Confirmation à l'unanimité.

10.

Culture.

Convention avec l'asbl «Geschichtsfrënn vun der Gemeng Péiteng» relative à la mise à disposition des nouveaux locaux sis à Lamadelaine, lieu-dit «An der Uecht» - décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hu mat de Geschichtsfrënn eng nei Konventioun gemaach. Et gouf schonn eng am Januar 2005 gemaach, wéi si nach am Kulturhaus 'A Rousen' waren. Elo hu si jo nei Raimlechkeeten, nei Méiglechkeeten an nei Perspektiven. Mir hunn dat mat hinnen diskutéiert an och esou opgebaut, datt mir hinnen dat aalt Paschtoueschhaus „An der Uecht" no der Restauratioun zur Verfügung stellen als hire Sëtz an hir Aarbechtsplaz. Si dierfen a sollen op fräiwëlleger Basis – mir sinn och ganz dankbar dofir – all déi Archiven, déi kollektiv lokal Mémoire, zesummendroen an do zur Verfügung stelle fir d'Bevëlkerung, fir all déi, déi interesséiert dorunner si fir do e Bléck dran ze geheien. Eng vun hiren Aufgaben ass jo och zu gewëssen Zäiten opzemaache fir d'Leit an och do si fir d'Leit, déi wëllen Dokumenter agesinn, se ze ënnerstëtzen an eng Hand mat unzepake fir déi Recherchen ze maachen. Opgrond vun deene Recherchë sollen och Publikatiounen entstoen. Et soll och d'Méiglechkeet bestoe fir Konferenzen an Organisatiounen an deene Raimlechkeeten ofzehalen. Mir hunn eng ganz Panoplie vun Aktivitéiten opgezielt, déi si kéinten op där Plaz maachen a wou si all Kéier an Zesummenaarbecht mat eisem Service Culture et Communications an och mam Service Tourisme fir déi néideg Informatiounen an och Attraktivitéit suergen. An deem Sënn hu mer hinnen déi Missioune ginn. Si si fräi fir dat ze entwéckele wéi si wëllen. Si sollen eis all Joer e Katalog vun hiren Attraktiounen eraginn, wat si wëlles hunn ze investéieren. Bis November all Joer solle si eis och e Budget virleeë fir dat Joer drop. Am Abrëll gëtt da kontrolléiert, ob deem esou ass, an da kréien se trimesteriell Tranchë vu Subsiden, déi deem entspriechen, wat se wëlle maachen. Si respektéieren och d'Ëffnungszäiten, déi awer kënne changéieren. All Freideg ass tëscht 15 a 18 Auer op. Als éischte Freideg am Mount tëscht 15 an 20 Auer. Déi Zäite kënnen awer nach ëmmer änneren.

Et ass eng „convention d'intention", wou mer probéieren, e Rhythmus dran ze kréien an dat och ulafen ze loossen an zesumme mat eisen Servicer esou attraktiv an interessant gestalten ewéi mir eis dat virgestallt hunn.

Stoffel Marco (LSAP):

Als fréiere President vun de Geschichtsfrënn kann ech dat do nëmmen appreciéieren. Dat do ass eng Kontinuitéit an eng deelweis Verbesserung an Opwäertung vun der Aarbecht, déi d'Geschichtsfrënn maachen. Dat eenzegt, wat ech komesch fannen, dat ass, datt d'Zäiten, wéi si op sinn, do dra gesat goufen. Ass dat pro forma dragesat ginn, net fix? Well stellt lech vir, se si krank an et ass keen do. Do ass jo awer da keng Strof virgesinn? Fir de Rescht ass dat do fir mech eng ganz gutt Saach.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hunn dat just dragesat fir e gewëssene Rhythmus ze kréien. Loosse mer soen, et muss all Woch eng Kéier op si fir datt d'Méiglechkeet besteet fir dohinner ze goen. Mir hunn och d'Méiglechkeeten duerch d'Struktur "Culture et loisirs", déi mer an der Gemeng hunn. Den Här Kummer – fir emol just hien ze nennen – kann och polyvalent asprange wann Nout um Mann ass. Mir kucken, datt déi Strukturen och net esou gemaach ginn, datt deen een am Rouden Haus sëtzt an deen aneren an der Uecht. Si sollen zesumme schaffen. An et si jo awer och nach Syndicat d'Initiativen, déi do hëllefen a kënnen asprangen. De Benevolat zesumme mat dem Professionalismus vun der Gemeng soll schonn eng fest Bindung sinn, an dat wäert scho fonctionnéieren.

Polfer John (CSV):

Meng Fro geet och an déi Richtung, well ech e Problem gesinn, datt do dat schéint Gebai, wat an d'Rei gesat gouf, an der Woch eidel steet a kee Mënsch dohinner kënnt. Do si jo awer och Aktivitéite virgesinn. Ech hunn zu Ouere kritt, datt do déi Billerausstellung, déi an der Stad war, och heihinner géif kommen. Mä wie geet dann dohinner a sëtzt dann de ganzen Dag do? Do gouf jo awer scho gesot, datt mat der Gemeng zesummen en Deel kéint gemaach ginn, an da géif déi Saach och besser klappen. Déi Membere vum Comité, déi an de Geschichtsfrënn sinn, dat si keng, déi ganz begeeschtert si fir hir Mëtteger do ze verbréngen.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech hunn dat gemierkt, Här Polfer. Är Fra, all Respekt, huet déi Iwwerleeung net, well si ass ganz oft do. Et ass ëmmer geféierlech wann een op eng Persoun muss opbauen a kann opbauen, well da fält déi Struktur op eemol zesummen. Mir hu virgesinn, datt dat am Benevolat gemaach gëtt, esou laang wéi dat soll do sinn an esou laang wéi dat klappt. Dofir soll et och ënnerstëtzt ginn. Donieft soll awer de Professionalismus vun der Gemeng derbäi kommen. Mir hunn eng Cellule, wou mer am AUDEO wéi och am Rouden Haus oder an der „Mémoire collective" Leit hunn. Mir musse kucken, wéi déi 3 Saache sech entwéckelen. Dat eent vläicht méi séier oder méi intensiv wéi dat anert. Mer musse kucken an eis Verantwortung vu Säite vun der Gemeng huelen a soen, datt déi Cellule vun 1 oder 2 Persounen net duergeet. Et muss vläicht eng drëtt Persoun derbäi geholl ginn. Zu verschiddenen Zäite kënne mir dat vläicht mat Studente verstäerken. Elo scho sinn Demanden do vu Konveniater fir do eng Visite ze maachen. Dann ass verständlech, datt do net onbedéngt Fräiwëlleger mussen do sinn. Dat ass eng Organisatioun vun der Gemeng, an da muss d'Gemeng dofir suergen, datt opgespaart gëtt, och déi néideg Raimlechkeeten huet an och eng Féierung mécht. Esoulaang de Benevolat do ass soll en och matgeholl ginn. En ass wichteg an och bëlleg. Wann deen awer eng Kéier net méi do ass, da musse mer eis verstäerke mam Professionalismus.

Gira Carlo (CSV):

Wéi den Zoufall et da wëll ass meng Fro an déiselwecht Richtung gaangen. Ech wollt awer dozou e konkrete Virschlag maachen. Et sinn der jo och, déi do Recherchë wëlle maachen. Do gesäit ee jo och vir, datt een e Rendez-vous géif maachen. Dir sot et och richteg, Här Breyer. Mir si frou, datt mir Fräiwëlleger hunn. Mä mir mussen awer wierklech an déi Richtung goen, datt mir déi Institutioun weider funktionéiere loosse wann déi puer, déi do schaffen, géifen ausfalen.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hunn elo en optimalen Environnement, e performant Instrument dohinner gesat. Et ass flott, et ass frëndlech, et kënne sech nach eventuell nei Fräiwëlleger do melle well d'Leit jo elo méi Chancë kréien, wann se dohinner ginn a sech vläicht fir verschidde Gebidder vun der Geschicht – eventuell net alles – interesséieren. Mir wäerten op alle Fall an enger nächster Editioun vum Meng Gemeng en Opruff maache fir ze soen, datt mer nach Mataarbechter brauchen, déi net onbedéngt vu moies bis owes do sëtze mussen, mä déi geziilt op engem Gebitt wéilte matschaffen an och do hir Kompetenze wéilten abréngen.

Brecht Guy (LSAP):

Mir konnten eis all iwwerzeegen, datt dee Bau do gelongen ass. Och bannendran. Wat mir virdrun am Kulturhaus A Rousen kannt hunn, dat war net esou grouss wéi hei. Hei ass et flott a geraimeg, et fënnt een och alles vill méi liicht erëm. A wann een eppes net direkt fënnt, da sinn natierlech Leit do, déi ee beroden. Ech mengen, ech muss, wéi den Här Breyer dat och scho gesot huet, ënnersträichen, datt eng Persoun do ass, déi viru 4 Joer de Präis fir hir fräiwëlleg Aarbecht net fir näischt kritt huet. All Respekt fir déi Damm. Ech huelen un, datt si och dee gréissten Deel vun de Bicher ageraumt huet. Ech mengen, dir wësst alleguer vu wiem mir schwätzen. Op jiddwer Fall all Respekt fir déi Madamm.

Breyer Roland, Schäffen:

Et kann ee roueg soen, datt dat d'Madamm Eliane Polfer ass.

Accord à l'unanimité.

11.

Sports et loisirs.

Contrat de bail avec la société Munhowen S.A. relatif à l'exploitation d'un débit de boissons alcooliques et non alcooliques au Centre QT à Pétange - décision.

Mertzig Romain, Schäffen:

Mir hunn e Loyerskontrakt mat der Firma Munhowen hei virleien, wou et ëm de Bistro am QT geet, also ëm d'Brasserie Um Dill. Kuerz awer emol d'Virgeschicht dozou. 2012 ass e Loyersvertrag mat der „FLQ-Sport" gemaach gi fir dee Bistro ze iwwerhuelen. Deen ass iwwer 6 Joer gemaach ginn a sollt am Juni 2018 oflafen. Duerch e Courrier hu si eis awer elo den 2. Februar 2017 matgedeelt, datt si, wéinst engem Mangel u Personal a Finanze wéilten dee Kontrakt opléisen. Dat war awer net esou einfach, well do och eng Konventioun bestanen huet tëscht der Keelefederatioun, dem Sportsministère an och dem Tennis, déi do déi Raimlechkeete mat benotzen. Mir hunn awer déi Accorde kritt de 27. Abrëll, den 8. Mee an den 12. Mee. Doropshin hu mir dee Kontrakt opgeléist op den 31. Juli an dunn hu mir d'Gesellschaft Munhowen ugeschwat fir en neie Kontrakt mat hinnen ze maachen, fir datt si dat sollte bedreiwen, respektiv en drasetzen.

Mir waren der Meenung, datt si en zouverlässege Partner wieren an och solvabel wieren. Eisen Intressi als Gemeng ass et, de Loyer an d'Chargen do garantéiert ze hunn. Dat war an der lescht bei deene Leit, déi virdrun dat gefouert hunn, net méi de Fall. Doduerch hu mir elo e Kontrakt mat der Gesellschaft Munhowen gemaach fir déi Raimlechkeeten ze bedreiwen, an dat zu engem Loyer vu 1.750 Euro de Mount, wou dann en Akkont vun de Chargë vun 1.200 Euro derbäi kënnt an um Enn vum Joer den Dekont gemaach gëtt. De Loyersvertrag sollt u sech de 15. September ufänken. Mä déi Leit, déi prett si fir unzefänken hunn hir „autorisation de commerce" nach net. An esoubal si se hunn, wäert dat och ulafen.

Mir hunn awer während där Zäit, vum 31. Juli bis elo de 15. September, profitéiert fir déi Raimlechkeeten nees e bëssen

opzefrëschen. Doduerch hu mir e Kontrakt gemaach mat hinnen, dee iwwer 9 Joer soll lafen an all 3 Joer automatesch soll verlängert gi wa kee Partner dee Kontrakt wëll opléisen. D'„Frais d'enregistrement" muss de Locataire droen.

Becker Romain (déi gréng):

Ech hunn zwou Froen. Déi éischt ass déi, firwat d'Gemeng net selwer do als Patron ka fungéieren. Firwat musse mir do d'Firma Munhowen mat dertëscht huelen. Mir als Gemeng kéinten dat jo och verginn ouni datt d'Firma Munhowen dra ass. Wat méi einfach ass.

Mertzig Romain, Schäffen:

Jo, et ass éischtens méi einfach an zweetens hu mir eis och Gedanken driwwer gemaach wann een net solvabel wier. Hei hu mir en zouverlässege Partner wou mir op méi Fronten engagéiert sinn duerch eis Zentren alleguer, wou mir iwwer en "débit de boissons" hunn. Duerch dee Kontrakt hei hu mir als Gemeng eis Recettë garantéiert. Well mir awer leider an der Situatioun sinn – mir woussten dat nach net wéi d'Dagesuerdnung scho stoung – datt elo kuerzfristeg déi Firma, déi virdrun dra war, Faillite ugemellt huet, da lafe mir de Suen hannendrun. Ech mengen, dat si jo awer Suen, déi der Allgemengheet gehéieren, an dofir si mir u sech op de Wee gaange fir eng Garantie ze hunn, datt mir eis Loyeren och kréien.

Becker Romain (déi gréng):

Mir haten dach en Ofkommes mat der Federatioun. Si hunn dach e Bedreiwer gesicht.

Mertzig Romain, Schäffen:

Et war net mat der Federatioun. Dat war ufanks d'Diskussioun a wat mir als Gemeng och wollten. Do hu sech awer d'Leit vun der „FLQ-Sport" dogéint gewiert. Mä duerno hu si awer och selwer hir Grenze gesinn, well si personalméisseg net méi erauskomm sinn. Si haten net reegelméisseg op, a wann een net reegelméisseg op huet, dann huet ee keng reegelméisseg Recetten. Doduerch si si an déi Situatioun geschleidert, an dat wëlle mir domat verhënneren.

Becker Romain (déi gréng):

Dat heescht, mir hunn elo an all eisen Zentren de Munhowen. Elo kréie mer de Munhowen och nach heihinner. Maache mir eis do net e bëssen ofhängeg? Ech hunn e bëssen e schlecht Gefill, datt d'Gemeng ëmmer mat engem an deemselwechte Geschäfter mécht.

Mertzig Romain, Schäffen:

Dir musst awer och op där aner Säit kucken, datt do Kontrakter sinn, déi ee kann opléisen, respektiv déi iwwer eng gewëssen Zäit ginn. Eppes dierfe mer awer net vergiessen a wou mer och nees vill Suen doduerch spueren. Wa mir eng Installatioun ze maachen hunn an eisen Zentren, do sti si eis ëmmer ganz no, an do hu mir keng Onkäschte well si déi Installatioune maachen. Dat ass awer schonn „donnant-donnant", wéi der gesitt.

Becker Romain (déi gréng):

Dat Ganzt sollt jo de 15. September ulafen. Huet de Munhowen do schonn een? Wësse mir vun engem? Kenne mir deen? Hu si een, deen dat iwwerhëlt?

Mertzig Romain, Schäffen:

Jo, déi Coordonnéeë sinn eis zougedroe ginn. Dat ass den Här Xavier Cuelas Gonçalves vu Kielen an den Här Patrick Vieira Da Silva vu Péiteng, deenen d'Firma Munhowen dat ginn huet fir ze bedreiwen.

Becker Romain (déi gréng):

Dat heescht, mir hunn d'Bedreiwer mä et ass just, wéi aus ärer Erklärung erausgoung, datt si d'Erlaabnis nach net hu fir dat ze bedreiwen?

Mertzig Romain, Schäffen:

Et ass eng Saach vun Deeg. Net méi spéit ewéi de Mueren hat ech nach Récksprooch geholl mat dem Verantwortleche vu Munhowen, dem Här Sonnet. Deen huet mir verséchert, datt si prett sinn, d'Raimlechkeete stinn, si brauche just d'Autorisatioun vum Ministère an da fänken si den Dag drop un.

Becker Romain (déi gréng):

Dat heescht, et ass och d'Firma Munhowen déi garantéiert, datt dat Ganzt zu normalen Zäiten op ass an een och als normal Leit, déi do passéieren, e Patt kann drénke goen. Well virdru war dat net ëmmer esou garantéiert.

Mertzig Romain, Schäffen:

Et ass genee esou wéi ech gesot hunn. Dofir hate mir och verschidde Gespréicher mat der Firma Munhowen. Eis geet et drëm, datt do reegelméisseg op ass an ech et schued fannen datt, wa mir esou Gebailechkeeten do stoen hunn, se net bedriwwe ginn. Dat ass net den Zweck vun der Saach.

Becker Romain (déi gréng):

Virun allem well et jo och den Nationale Keelenzenter ass.

Mertzig Romain, Schäffen:

Genee. Wéi gesot, dat huet net fonctionnéiert wéi et sollt. Do hoffe mer u sech duerch déi heite Léisung op eng Besserung.

Accord à l'unanimité.

12.

Vie associative.

Statut de la nouvelle association «KC Roadrunners Fonderie Rodange» et admission sur la liste des associations pouvant prétendre à un subside - décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

Accord à l'unanimité.

13.1.

Urbanisation.

Modification du complément de plan d'aménagement partiel (PAP) portant création de zones industrielles à caractère national - décisions.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat hei steet am Zesummenhang mam PED. Do huet de Ministère „du Développement durable et des Infrastructures" eis en Dossier gi fir deen dann an d'Prozedur ze ginn. Deen houng vum 26. Juni un aus am Zesummenhang fir Reklamatiounen ze maachen. Et ass esou ähnlech wéi bei enger Modifikatioun vum PAG.

Op där aner Saach konnt een och nach vum 26. Juni u 45 Deeg laang reklaméiere wat déi strategesch Ëmweltprüfung ugeet. Et war och nach eng Informatiounsversammlung den 3. Juli 2017 um 19.30 Auer am Kulturhaus A Rousen, wou ausser e puer Gemengeconseillere kee Mënsch do war.

Mir hunn awer erstaunlecherweis eng Reklamatioun krut vun engem Affekot Jeitz&Goerens, dee géint déi strategesch

Ëmweltprüfung reklaméiert huet. Dee war der Meenung, datt déi hätt musse gemaach ginn. Op där aner Säit hu mir vun der Ëmweltministesch, der Madamm Dieschbourg, respektiv och vum Här Camille Gira, de Staatssekretär aus dem Ëmweltministère, matgedeelt kritt, datt dat net noutwenneg wier an datt dat scho gemaach wier, esou datt mer hei mussen 2 Entscheedungen treffen.

Déi eng wier déi, datt mir dem Affekot seng Reklamatioun net géifen unhuelen. An déi zweet wier, datt mir dës Modifikatioun géifen als Gemengerot guttheeschen.

Accord à l'unanimité.

13.2.

Urbanisation.

Votes sur les réclamations et avis officiels adressés à la Commune dans le cadre de la procédure portant sur le nouveau Projet d'Aménagement Général (PAG) - décisions.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir kéimen dann elo zu deem leschte Punkt an do geet et haaptsächlech ëm de PAG, an awer och ëm de PAP Quartiers existants. Ech wollt iech nach eng Kéier kuerz rappelléieren, wéi déi Prozedur gelaf ass bis elo a wat mer an Zukunft musse maachen. Dat heescht, de 24. Abrëll 2017 hu mer eng Saisine hei am Gemengerot geholl, wat deen neie PAG ubelaangt, eng 'procédure d'adoption' vum Projet vum PAG. Do war och eng 'enquête publique', wou d'Leit konnten tëscht dem 8. Mee an dem 6. Juni 2017 reklaméieren. Mir haten de 26. Abrëll 2017 am Schäfferot d'Prozedure entaméiert, fir de PAP Quartiers existants. Och do konnt een tëscht dem 8. Mee an dem 6. Juni 2017 reklaméieren. Mir haten dann awer och déi strategesch Ëmweltprüfung de 24. Abrëll 2017 hei an dësem Gemengerot. An och do konnt een Observatioune maachen iwwert dës strategesch Ëmweltprüfung, dëst awer vum 8. Mee bis den 21. Juni 2017, well do 45 Deeg am Gesetz virgesi sinn.

Mir haten eng Informatiounsversammlung de 16. Mee 2017 am Rollenger Fräizäitzentrum. An elo si mer am Fong geholl mat deene Reklamatioune befaasst ginn, déi erakomm si virun dem 6. Juni 2017. A mir hunn als Schäfferot tëscht dem 27. Juni an dem 25. August 2017 d'Bierger ugehéiert, esou wéi d'Gesetz dat virgesäit. Och duerno hu mer 4 Avise krut, déi och am Gesetz virgesi sinn. Dat eent ass en Avis vun der 'Commission d'aménagement' zu der 'partie graphique et écrite' vum PAG. Deen hu mer den 18. August 2017 krut. Dat anert war en Avis vun der 'Cellule d'évaluation' vum Inneministère, an deen hu mer den 21. August 2017 krut. Mir hunn den 28. Juni 2017 en Avis vum 'Ministre de l'environnement' krut iwwer d'Protection de la nature. A mir hunn en Avis vum Ministre de l'environnement krut iwwer d'Reform vum PAG, an deen hu mer och den 28. Juni 2017 krut.

Wéi gesot, mir hunn haut u sech e puer Aufgaben ze maachen. Engersäits hu mer eng Positioun ze huele par rapport zu alle Reklamatioune vun eise Bierger, déi erakomm sinn. Do musse mer dann decidéieren, ob mer déi Reklamatiounen unhuelen oder eppes an eisem PAG änneren, respektiv am PAP Quartiers existants, oder net.

Mir hunn op där anerer Säit och déi Avisen ze consultéieren, déi mer krut hunn. Och do huet de Schäfferot eng Rei Propositioune gemaach, a wou mer soen, ob mer déi Propose suivéieren oder net. Dat maache mer ëmmer op Avis vun eisem Bureau Zeyen & Baumann, respektiv vun dem Bureau EFOR-ERSA, dofir wëll ech u si emol een éischte grousse Merci soen. Et muss een awer och hei e grousse Merci soen un den Service de l'aménagement communal, mat och dem Chef de département vum Service technique, an natierlech och un de Gemengesekretär, deen déi Deliberatioun vu 75 Säiten an deene leschten Deeg geschriwwen huet. Dat ass e klengt Buch ginn an op Grond vun där Deliberatioun wäerte mer dann haut eng ganz Rei Decisiounen huelen.

Ech géif awer och de Bierger Merci soen, datt se sech ageklingt hunn an dës Prozedur, datt se och hir Remarke gemaach hunn. Dir wäert gesinn, de Gros vun de Remarken hu mer als Schäfferot och ugeholl a mir proposéieren och dem Gemengerot, fir deem och Rechnung ze droen. Et si vereenzelt Punkten, wou de Schäfferot eng aner Vue huet, mä et ass schlussendlech um Gemengerot fir bei all Punkt ze decidéieren, wéi hien zu deene Reklamatioune steet. Mir si ganz transparent, mir si ganz oppen hei, an dofir ginn et haut eng Rei Voten ze huelen. Mä mir sollen hei zu all Reklamatioun vun all Bierger Stellung huelen an och e proppere Vote maachen.

Dat gesot, géif ech dann zu de Reklamatioune vun de Bierger iwwergoen.

1.1. – Réclamations de M. Christian Antinori, Directeur CFL-IMMO S.A. et M. René Waterkeyn de la CFL-IMMO S.A.

Le collège échevinal propose:

D'accepter les propositions de texte faites par les CFL, tout en précisant que la surface maximale d'un commerce ne pourra dépasser 250 m2.

De rétablir la situation initiale concernant les zones ferroviaires. Il n'y a en effet aucune raison justifiant le reclassement projeté dans la 1ère version du nouveau PAG.

De ne pas reclasser leurs terrains en zone parcs publics, du fait que le public n'y aura pas accès et que les CFL voudront les garder en réserve pour leurs propres besoins, ce qui est parfaitement légitime.

De reclasser la zone rurale en zone de verdure.

De ne pas classer le petit bâtiment (forge), mais de laisser classer le grand bâtiment à cause de sa valeur historique. En effet, les CFL et les Ateliers CFL ont incontestablement marqué le développement et l'image de Pétange, voilà pourquoi il faut absolument conserver une partie desdits Ateliers de Pétange.

En ce qui concerne les zones de circulation et de parking près des gares il y a lieu de les maintenir en zones GARE. En effet ils font partie intégrante de la gare et il n'y a aucune raison pour les reclasser dans le nouveau PAG.

De classer le talus près de l'arrêt CFL à Lamadelaine, tout comme la partie de l'arrêt en zone GARE.

De ne pas classer le P&R en zone GARE tel que proposé par les CFL-Immo, mais de le laisser classé en zone bleue (bâtiments publics). En effet il y a trop de contraintes pour y apporter encore au stade actuel une modification pareille, sinon on risque de devoir recommencer la procédure légale.

Accord par 14 voix et 1 abstention (M. Thein) pour se rallier aux propositions du collège échevinal.

1.2. – Réclamations de Mme Annette Hansen et M. Eric Rosin, Head of Transactions Real Estate, dûment mandatés par ArcelorMittal Rodange et Schifflange.

Le collège échevinal propose:

a) En ce qui concerne la terminologie «Fonderie» d'apporter les précisions qui s'imposent au texte en intégrant la partie

cadastrale dans le texte PAG. Ainsi on voit mieux les surfaces réservées à la nouvelle station de service et celles d'ArcelorMittal.

b) De reclasser exclusivement les terrains nécessaires pour la réalisation du P&R Rodange en zone bleue et de laisser classé en zone industrie tout ce qui est usine et où se trouvent encore des installations d'usine. Il n'y a en effet aucune raison pour reclasser les terrains ArcelorMittal utilisés encore aujourd'hui pour leurs activités industrielles.

c) De préciser dans le schéma directeur que dans la rue de l'Industrie à Rodange il faut prévoir certaines mesures de protection du côté de l'Usine de Rodange (p.ex. y prévoir des blocs de bureau protégeant les maisons d'habitation contre les inconvénients de l'usine). Du fait qu'ArcelorMittal a vendu lesdits terrains et que les nouveaux propriétaires envisagent la construction de bureaux (construction mixte), la Commune n'a pas d'autre choix que de reclasser le terrain. Si le terrain reste classé en zone industrie, les nouveaux propriétaires ne pourront y aménager qu'une industrie, ce qui ne sera certainement pas le cas.

d) De rétablir l'ancienne situation à la Fonderie «à la Haute Saule» telle qu'elle figure dans l'ancien PAG, par conséquent la zone ECO-n sera superposée d'une zone ZAD.

